

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique M. Claude Wiseler, Président	p. 35	5. 8383 – Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2024 [...] 8384 – Projet de loi relative à la programmation financière pluri-annuelle pour la période 2023-2027 Programme de stabilité et de croissance (PSC) et programme national de réforme (PNR) (suite)	p. 61
2. Dépôt d'une motion par M. Marc Spautz Exposé : M. Marc Spautz	p. 35	Discussion générale (suite) : M. André Bauler Mme Corinne Cahen (intervention de M. Fernand Kartheiser) M. Fernand Kartheiser Mme Corinne Cahen M. Marc Goergen	
3. 8383 – Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2024 [...] 8384 – Projet de loi relative à la programmation financière pluri-annuelle pour la période 2023-2027 Programme de stabilité et de croissance (PSC) et programme national de réforme (PNR) (suite)	p. 35	6. Motion de M. Marc Spautz relative au soutien de la participation de Taïwan à l'Organisation mondiale de la santé et à l'Assemblée mondiale de la santé au niveau technique en tant qu'observateur	p. 65
Discussion générale (suite) : Mme Taina Bofferding (dépôt des motions 1 et 2) (interventions de M. Sven Clement, M. Marc Goergen et M. Dan Biancalana) M. Fred Keup (interventions de Mme Corinne Cahen et M. François Bausch) (dépôt de la motion 3) Mme Corinne Cahen (parole pour fait personnel) Mme Sam Tanson (interventions de Mme Lydie Polfer) M. Sven Clement (dépôt des motions 4 à 7) M. David Wagner (dépôt de la résolution 1) M. Franz Fayot (dépôt de la motion 8) M. Fernand Kartheiser (dépôt des motions 9 et 10) (interventions de M. Gusty Graas et M. Marc Goergen)		Discussion générale : M. Gusty Graas Vote sur la motion (adoptée)	
4. Ordre du jour M. Claude Wiseler, Président	p. 61	Présidence : M. Claude Wiseler, Président ; M. Fernand Etgen, Vice-Président Au banc du Gouvernement : M. Luc Frieden, Premier ministre ; Mme Martine Hansen, M. Lex Delles, M. Max Hahn et M. Gilles Roth, Ministres	

(La séance publique est ouverte à 14.00 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

M. Claude Wiseler, Président | Ech maachen d'Sëtzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?
(Négation)

2. Dépôt d'une motion par M. Marc Spautz

Här Spautz, Dir wollt eng Motioun deposéieren.

(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo)

Exposé

M. Marc Spautz (CSV), auteur | Nee, Här Di Bartolomeo.

Här President, Léif Kolleegeginnen a Kolleegeen, schonn an der leschter Legislaturperiod, am Kader vun den Debatte ronderëm d'OMS a ronderëm all déi Problemer, déi mer och festgestallt hu beim Covid, hat de Kolleg Yves Cruchten eng Motioun erabruucht, wou mer gesot hunn, dass et wichteg wier, dass Taiwan géif de Statut vum Beobachter kréie bei der OMS.

An Zwëschenzäit hate mer e Waltermin an d'Chamber huet sech aneschtens zesummegeesat. An dofir wollt ech awer nach eng Kéier, am Numm vun alle Kolleegeginnen a Kolleegeen – well si ass vun alle Sensibilitäten a Fraktiounen ënnerschriwwen –, nach eng Kéier eng Motioun eraginn, wou mer och do nach eng Kéier soen, dass mer der Meinung sinn, dass Taiwan soll als Observateur um Niveau technique bei der OMS derbäi sinn.

Villmools merci.

Motion

La Chambre des Députés,

– constatant que, depuis 2017, Taïwan se trouve exclu de l'Organisation mondiale de la santé (OMS) ;

– rappelant que de 2009 à 2016, Taïwan s'était vu accorder un statut d'observateur au sein de l'Assemblée mondiale de la santé, organe décisionnel de l'OMS ;

– considérant l'importance de la présence de Taïwan au sein de l'OMS en raison de son expertise médicale, aussi en vue d'une éventuelle prochaine pandémie ;

– soulignant l'intérêt fondamental de la paix et de la stabilité dans la région indopacifique pour l'Union européenne et le Luxembourg ;

– considérant les nombreuses motions de la Chambre relatives au statut de Taïwan auprès de l'OMS,

invite le Gouvernement

– à soutenir la participation de Taïwan à l'Organisation mondiale de la santé (OMS) et à l'Assemblée mondiale de la santé (AMS) au niveau technique en tant qu'observateur ;

– à soutenir la participation de Taïwan aux organisations internationales fonctionnelles en tant qu'observateur ;

– à soutenir la stratégie d'approfondissement de la coopération économique et commerciale entre l'Union européenne et Taïwan ;

– à s'engager en faveur du statu quo dans le détroit de Taïwan ;

– à continuer de renforcer les relations économiques, scientifiques, culturelles, éducatives et de santé publique entre le Luxembourg et Taïwan.

(s.) Marc Spautz, Marc Baum, Sven Clement, Yves Cruchten, Gusty Graas, Christophe Hansen, Fred Keup, Sam Tanson.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Spautz.

3. 8383 – Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2024 [...]

8384 – Projet de loi relative à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2023-2027

Programme de stabilité et de croissance (PSC) et programme national de réforme (PNR) (suite)

D'Chamber fiert de Mëtteg mat den Debatten iwwert de Staatsbudget fir d'Joer 2024 an iwwert de

PSC a PNR weider. Déi gemeinsam Riedezäit ass nom Modell 5 festgeluecht, an dat ass schonns, mengen ech, zweemol elo virgelies ginn, wat dat heescht. Dat heescht, dat wësst Der alleguer. An et hu sech fir de Mëtteg schonns ageschriwwen: d'Madamm Taina Bofferding, den Här Fred Keup, d'Madamm Sam Tanson, den Här Sven Clement, den Här David Wagner, den Här Franz Fayot an den Här Fernand Kartheiser. A wann ech richtig verstanen hunn, wäert deen een oder anere sech nach zousätzlech dozou aschreiwenn.

An dann huet elo d'Madamm Taina Bofferding d'Wuert. Madamm Bofferding.

Discussion générale (suite)

Mme Taina Bofferding (LSAP) | Merci, Här President. Léif allegueren, de Finanzminister huet bei der Presentatioun vum Budget gesot, dass dat heiten en Iwwergangsbudget ass mat éischte konkrete politeschen Akzenter. Effektiv, no eiser Analys stelle mer dëst fest a mir stellen och fest, dass vill Mesüeren, déi nach vun der viregter Regierung geholl goufen, och hei erëmzefanne sinn, an ech mengen, et wäert Tech elo net iwwerraschen, dass eis dat natierlech freet.

Den éischte Budget, deen no sechs Méint nom Untrëtt vun der neier Regierung muss stoen, kann eigentlech och näischt aneres si wéi en Iwwergangsbudget. Trotzdem ass et fir all déi, déi un dëser Ausaarbechtung bedeelegt waren, vill Aarbecht, zemoos an esou kuerzer Zäit. An dofir wëll ech gären der Rapportrice, déi dann hoffentlech nolauschtert, op alle Fall stellverriedend fir allegueren déi Leit, déi dru geschafft hunn, e grouse Merci soe fir déi Aarbecht.

Niewent dem Fakt, wéi gesot, dass dëst en Iwwergangsbudget ass, huet d'Regierung Folgendes ugekënnegt: Si huet ugekënnegt, dass d'Investitiounen sollen héich bleiwen. Jo, dat gesi mir och esou. D'Staatschold solle mer am Grëff behalen. Jo, absolut. Den Defizit soll niddereg bleiwen. Jo. D'Steiere sollen erof. Bon, dat hänkt ëmmer dovunner of, bei wem se da sollen erofgoen. Eenzel gekuckt klängt dat alles ganz gutt, mee – an do stellt sech natierlech elo déi grouss Fro – wéi geléngt dës Quadratur vum Krees?

Bon, si kann nëmme geléngen, andeems eeben alles op de quantitative Wuesstum gesat gëtt, mat allen

negative Konsequenzen, déi mer kennen: Stau, héich Logementspräisser, Pollutioun, fir just déi ze nennen. Bon, fairerweis muss een och soen, dass dat heite jorelaang de Lëtzebuurger Modell war, deem ëmmer esou propagéiert ginn ass. Fairerweis muss een awer och soen, dass mer an deene leschten zéng Joer versicht hunn, deem entgéintzesteieren an eeben op en neie Modell hinzuschaffen, deem eist Land méi resilient mécht.

An dat ass eigentlech och de Kär vun eiser Kritik: Mir fannen, datt déi Aarbechten hei verluer gaange sinn. Amplaz sech elo erëm komplett op de quantitative Wuesstum ze baséieren, wär et wichteg gewiescht, eeben ze kucken, wéi mer méi Resilienz an eis Staatsfinanzen erakréien. Dat wär fir eis deen neie Schwong gewiescht, amplaz elo e komplett Festhalten um ale Wirtschaftsmodell.

Well wann een un deen Narrativ e bësse krazé geet, da kënnt een zur Konklusioun, dass déi Rechnung wuel net opgoe wäert. An dat ass net elo just esou e politescht Gefill vun der Oppositioun. Mir baséieren eis reng op d'Fakten, op dräi Punkten, fir ganz genau ze sinn.

Éischtens, wéi ech scho grad gesot hunn, gëtt alles op de Wuesstum gesat an op déi doduerch klammend Steuerrecetten. Dat ass, fir et ganz virsiichteg auszudrücken, extreem optimistescht. D'Regierung ass esouguer esou optimistescht, dass si sech 7,7 % Wuesstum bei der Akommessteuer erhofft, obwohl grad emol 1,3 % Aarbechtsplaz bälkome sollen – iwwerregens net déi eenzeg Steuerrecette, déi an deem Budget iwwerschat gëtt.

Den zweete Punkt ass, datt hiren Aussoen no d'Investier sollen héich bliwen. Dat ass a Wierklechkeet awer, wéi mer nach wäerte gesinn, e bëssen eng Mangelpackung.

D'Ambitioun vu 4 % vum PIB, déi de Minister verspricht, sinn awer 0,5 % manner, wéi de Kurs, deem déi viregt Regierung ageschloen hat. Dat sinn alljoers 400 Milliounen manner, datt sinn alljoers sechs Schoulen, déi manner gebaut kënne ginn. Mir risikéieren virun allem, hei nees en Investitiounsstau ze kréien, wou mer awer elo esou gutt ënnerwee waren, deem déi lescht Joren ofzebauen.

Drëtte Punkt: D'Previsiounen passe guer net bei déi Politik, déi versprochen gëtt, also deckt sech net mat deem, wat eigentlech d'Politik, d'Regierung hei ustriift. Fir Iech hei e Beispill ze ginn: D'Regierung hält um Zil fest: bis 2030 49 % elektresch Autoen. Wonnerbar, mee wa mer awer d'Previsiounen kucken, do schéngt dann awer net grad esou en Optimismus ze sinn, respektiv wann een dann de Verkauf vum Diesel kuckt, da schéngt deen net wierklech erfroze. Hei froe mer eis och, wéi et eigentlech mat der Kohärenz zum PNEC steet.

Mir sinn och déi eenzeg, déi hei Zweifel eriwuerbréngen, dass dës Rechnung net opgeet. A ganz villen Avisen, déi mer elo konnten noliessen, gëtt drop higedee, dass déi Wett op de Wuesstum extreem risikant ass.

Der Madamm Rapportrice hir eenzeg Äntwert op d'Fro, wat se da maachen, wann dat net méi alles opgeet, war d'Géigefro: „Firwat soll et net opgoen?“

Ech ginn Iech just e Beispill: Covid. Mir wëssen et allze gutt, Covid war och net am Budget virgesinn, Covid hat och keen um Radar. An et ka ganz schnell net opgoen. A ganz schnell kënnen eeben esou Krisen, esou en Afloss, vu baussen op eis awierken an en Impakt op de Budget hunn. Och schonn aleng, wa mir eeben déi geopolitesch Weltlag kucken, wësse mer, dass eeben Krisen a Kricher net ze ignoréieren sinn.

Verstitt mech net falsch! Ech wënschen net, dass mer nach weider an esou Situatiounen kommen. Ech wëll just drop hiweisen, dass mer mëttlerweil geléiert hunn, wéi batter d'Realitéit awer ka sinn.

E Méindeg sot nach de Finanzminister, an en huet et nach eng Kéier de Moie gesot, en hätt keng Glaskugel, e wësst net, wat an der Welt nach geschitt. Bon, keen huet eng Glaskugel, mee eng responsabel Finanzpolitik muss sech awer selwer Moyene loosse, fir eeben grad op extern Schocken, op extern Krisen kënnen ze reagéieren. Dat ass nämlech d'Kärstéck vun der Resilienz, vun där ech geduecht hat, dass mer se eeben awer alleguerten duerch déi Erfahrung, déi mer gemaach hunn, mëttlerweil verënnerecht hätten. Mee mat esou Aussoe beweist Der, dass deem leider net esou ass.

Léif alleguerten, mir hunn zwar eis Riedezäiten u sech gekierzt, an ech si perséinlech jo och kee Fan vu laange Rieden, mee trotzdem: Deen heiten ass mat dee wichtegste Projet, dee mer hei am Haus ze stëmmen hunn. Dofir géif ech mer elo awer gären e bësse méi Zäit huelen an, wéi gesot, e Faktencheck maachen op deenen dräi Punkten, déi ech elo scho grad ugeschwat hunn.

Wéi gesot, als Éischt stelle mer fest, dass dës Budget alles op de Wuesstum setzt. Allerdéngs ass dat mam Wuesstum esou eng Saach: Grad an esou enger klenger Economie wéi Lëtzebuerg léisst dee sech net esou einfach steieren.

D'Multiplikatioun vun deenen ënnerschiddleche Krisen bleift och net ouni Spueren, net ouni Spueren un eis Einzelnen, net ouni Spueren fir eist Land an och net fir eis wirtschaftlech Entwécklung.

Lëtzebuerg ass d'lescht Joer ëm een Hoer an d'Rezessioun gefall. Datt d'Lëtzebuurger Economie méi lues dréint, läit an éischter Linn un dem Finanzsektor an ass och warscheinlech de Grond, firwat d'Rapportrice an hirem Budgetsrapport fir d'Relance économique primär op eis Finanzplaz setzt.

Ech muss awer hei drop hiweisen, dass mer iwwerhaupt net mat deem averstane sinn, wat si nach kierzlech an engem Interview gesot huet. Si sot, d'Dräierkoalitioun hätt der Finanzplaz – ech zitieren – „ze vill zougemutt, andeems do iwwerreglementéiert gouf.“

Ech erlabe mer op dëser Plaz, d'DP an hir Finanzministeren awer ze verteidegen. Éischtens hu mer keng Iwwerreglementéierung. Mir hunn näischt Exzessives aus den Direktive geholl. Mir hunn dat gemaach, wat virgesi war, an och ëmmer am Interêt vun der Finanzplaz.

An zweetens, muss een och fairerweis soen, ware mer mat enger Finanzplaz konfrontéiert, déi international ganz staark kritiséiert ginn ass, zu Recht. Mir hu Luxleaks missen opschaffen. A souwäit ech mech erënneren, war et virun der Dräierkoalitioun ëmmer d'CSV, déi de Finanzminister gestallt huet, just esou als klenger Reminder. Mir ware bewusst Virreider bei der Transparenz a Steierfroen an dat huet eis och gutt gedoen, wat mer dee Moment gemaach hunn, well haut profitéiert virun allem d'Finanzplaz dovunner, dass se awer international propper dosteet.

(Interruption)

Zeréck awer elo zur wirtschaftlecher Situatioun: No de successiven Erhéijunge vun den Zënse a kuerzer Zäit, ass d'Nofro no Kreditter agebrach. Dës gëllt fir d'Betriben grad esou wéi fir d'Stëit. Héich Zënse drécken op d'Konjunktur.

Dës Kris schéngt dës Regierung awer vergiess ze hu mat esou engem extreem optimistesche Budget grad

an esou enger onprevisibeler Zäit am internationale Kontext. An dat soen net nëmmen ech hei, mee dat seet virun allem och d'Chambre de Commerce, déi Der jo och allze gutt kennt.

Wien Zënspolitik seet, deen denkt och un d'Preisdeierecht. Fir dës Joer geet de Statec vun enger Inflation vun 2,2 % aus. Mir hunn eis hei zu Lëtzebuerg méi séier op den normale Wäert zoubeweegt, wéi mer dat am Ufank geduecht haten. Dës virun allem duerch déi Plaffongen, déi mer an der viregter Regierung um Gas- respektiv um Stroumpräis festgesat haten an duerch déi mer ganz vill Menagé konnten nohalteg entlaaschten. Well d'Energiepräisser net méi geklomme sinn, klammen och d'Liewensmëttelpreisser just nach hallef esou séier wéi nach virun engem Joer. Mir mierken also, dass d'Situatioun amgaangen ass, sech ze normaliséieren.

Déi nei Regierung ass gefuerdert, mat deem néidege Fangerspëtzegefäll derfir ze suergen, dass d'Stëit net vun haut op muer béis Iwwerraschunge bei hire Stroum- a Gaspräisser kréien. An esou, wéi ech de Moien de Finanzminister héieren hunn, ass se sech däärs jo och bewusst a wëll och hei Initiativen huelen.

D'Erausfuerverdunge vun de leschte Jore ware grouss, mee och an Zukunft gi se net méi kleng. D'Joer 2023 huet mat engem Réckgang vun enger Wirtschaftskraaft ëm minus 1,1 % ofgeschloss. Dat ass méi wéi nach am Covidjoer 2020. Trotzdem ass fir 2023 en Defizit verzecheent ginn. Am Zentralstaat ass dës wäit manner grouss wéi den Defizit, deem déi nei Regierung zu deem Moment fir 2024 virgesäit.

Mir hunn der neier Regierung also trotz schwierigen Zäiten d'Staatsfinanzen an engem zolitten Zoustand iwwerginn. Trotzdem schéngt d'Regierung et awer elo fäerdegzebréngen, mat engem Wuesstum vun 2 % nawell dee gréissten Defizit ze schreiwe vun deene leschte 24 Joer, d'Covidjoren natierlech ausgeschloss.

Souwuel den Internationale Währungsfond wéi och d'Europäesch Kommissioun rechnen awer nach mat engem manner héije Wuesstem wéi de Statec, wat dann zur Konsequenz wäert hunn, respektiv wou mer riskéieren, dass den Defizit am Endeffekt nach méi grouss wäert ginn.

An dofir komme mer net dolaanscht, an ech widderhuele mech, dass et einfach wichteg ass, dass mer eis Staatsfinanzen resilient opbauen. An enger kuerzweierger Zäit, wou alles vun haut op muer a Fro gestallt ka ginn, wou déi geopolitesch Lag méi wéi prekär ass, müssen eis Staatsfinanzen en externe Schock zu all Moment kënne verdauen. Dës ass dat, wéi gesot, wat d'Resilienz ausmécht.

Mee – an domadder kommen ech elo zum sprangende Punkt –: Wéi resilient mécht dann elo dës Regierung eis Staatsfinanzen? Vum Prinzip vum der Virsicht beim Erstelle vun engem Staatsbudget ass mat dëser Regierung net méi vill iwwreg.

Ech kommen op mäi Beispill vu virunner zrück: d'Akommessteuer. Ëmmerhin eng Recette vun enger Gesamtgréisstenuerdnung vu 6 Milliarden Euro. D'Akommessteuer soll fir dës Joer ëm 7,7 % klamme par rapport zu deem, wat d'lescht Joer erakomm ass. Dobäi gi mer awer dës Joer bei engem Emploi vun engem Wuesstum vun 1,3 % aus. Gläichzäiteg hu mer vum Statec gesot kritt, dass déi nächst Indextranche, also 2,5 %, eréischt am leschten Trimester vun deem Joer komme wäert. An et ass jo nach eng Adaptatioun vum Steuerbarème ëm zwou weider Indextranchen komm, déi d'lescht Joer nach net beim Steierkredit berücksichtegt gi waren.

Elo kann ee sech also nach eng Kéier froen: Wéi soll déi Rechnung opgoen? A virun allem: Wou

sollen alleguerten déi Leit hierkommen – vun haut op muer –, déi dann dës 300 bis 350 Milliounen Akommessteier méi solle bezuelen?

Dee selwechte Constat maache mer bei der Kierperschaftssteier. Och hei solle fir dës Joer d'Recetten ëm 7,5 % wuessen. Hei weisen ech dorop hin, dass d'lescht Joer onerwaart héich Recetten aus jore vir-drin erakomm sinn, ronn 400 Milliounen méi wéi erwaart. Wann ee se dann awer bis eng Kéier erageholl huet, da komme se net nach eng zweete Kéier eran. Dofir froe mer eis och hei: Wéi kann d'Regierung mat esou héije Recettë rechnen?

Här President, mat esou – wéi soll ech soen? – iwerstrapazéierende Projektionen zelebréiert dës Regierung en zwanghafte Glawen un de Wuesstum. Heizou e ganz schéint Zitat: „Aus där vermeintlech positiver Réckkopplung vun där PIB-Croissance kann awer séier en Däiwelskrees ginn, an dat iwwregens net just finanztechnesch, mee och gesamtwirtschaftlech, fiskalesch, ëmwelttechnesch, a wann een dat vun de Leit aus kuckt, och a Saache Logement, Mobilitéit, Gesondheetswiesen“. Dës Zitat kéint net besser zum Budget 2024 passen.

An Här Spautz, Dir sidd net deen Eenzege, deen an d'Vergaangenheet kucke gaangen ass, wat da mol esou e Politiker gesot huet. Dat hei staaft nämlech aus der Ried vun der Madamm Hansen, déi Iech jo beschens dierft bekannt sinn, an ech gi mol dovun aus, dass se, wou se dat deemools gesot huet zum Budget 2019, dat och mam haitege Finanzminister ofgeschwat huet. Mee wat gëschter war a wat haut ass, ass zweeërlee. D'CSV schéngt hei hir eege Rotschlëi aus de leschte Joren iwwer Bord geheet ze hunn.

De Stabilitéitsprogramm weist et jo ganz kloer schwaarz op wäiss: Wa mer all Joer och nëmmen en hallwe Prozentpunkt manner Wuesstum hunn, da verduebelt den Defizit sech bis 2027 am Gesamtstaat.

Op d'Fro, wat geschitt, wann d'Regierung d'Wirtschaft net esou ugekuerbelt kritt an d'Recetten net esou sprudelen, wéi se dat gären hätt, bon, do huet net nëmmen d'Rapportrice keng Äntwert drop, mee och de Finanzminister huet am Dezember just gesot: „Dës Regierung ass ugetruede mat engem Plang A, mat engem Konzept, an deen zéie mer och duerch.“

Léif Regierung, Léif Majoritéit: nee. Ganz éierlech: Et ass awer gutt an der Politik, dass een niewent engem Plang A och e Plang B huet, ganz besonnesch wann et ëm d'Finanze geet, ganz besonnesch wann et drëms geet, d'Zukunft vum Land ze gestalten. Well, an dat huet och den DP-Fraktionschef de Moie ganz richtig gesot, d'Erstelle vum Budget ass kee Selbstzweck.

Mir hunn ëmmer gekuckt an der Regierung, dass mer beim Budget d'Recettë realistesch aschätzen, fir dass mer eeben net spéider eng kal Dusch erwëschen. Dobäi weess ee bei dëser Business-first-Regierung ni esou wierklech, ob et just blannen Optimismus ass oder ob awer eng gewësse Strategie hannendrunner stécht, fir mat Hëllef vu schlechte Staatsfinanze kënnen den Terrain ze preparéieren, fir da spéider kënnen Spuermoossnamen, ganz besonnesch am Sozialstaat, virzehuelen.

A wéi wann dat net schonn alles wackeleg genuch wär, huet de Finanzminister och nach Steiererlichterungen an Aussicht gestallt, wuel wëssend, dass dës nach wäerte weider de Staatsbudget belaauchten, wuel wëssend, dass et och net kloer ass, ob déi iwwerhaapt nach wäerten dee Moment esou kommen.

Léif alleguerten, ech kommen a mengem Faktencheck dann elo zum zweete Punkt, an zwar stelle mer

fest, dass d'Ambitioun fir ze investéieren erofgeet. Dës Regierung wëll den OMT, den Objectif à moyen terme, fir Lëtzebuerg bäibehalen.

De Finanzminister ass de Moie kuerz op de Kontext vun der Reform agaangen. Wichteg ass ze wëssen, dass d'Efforte vun de Memberstaate sollen an Zukunft op engem méi laangen Zäithorizont vu mindestens véier Joer gekuckt ginn. D'EU-Kommissioun gëtt de concernéierte Memberstaaten eng Trajectoire de référence, déi individualiséiert ass an esou dem spezifische Kontext vum jeeweilege Land Rechnung droe wäert. Dat ass fir eis de richtige Schrëtt an déi richtige Richtung. Mir hunn ëmmer gesot, dass Politik Handlungsspillraum brauch, fir eebe kënnen esou an d'Zukunft ze investéieren.

An do kann een eigentlech nëmmen de Kapp rëselen, wa mer elo hei zu Lëtzebuerg ganz nostalgisch un dësem OMT festhalen. Jo, mir sollen a mir musse responsabel mat eise Staatsfinanze ëmgoen, awer nee, mir sollen net ausgerechent eis nach selwer d'Handschellen undoen.

Grad wann ee sech déi schwach Konjunktur an der EU virun Ae féiert, da misst et evident sinn, dass mer an Zukunft investéiere mussen, fir laangfristeg eis Perspektive fir de qualitative Wuesstum ze verbesseren.

Dem Finanzminister seng Handschelle sinn ze enk fir säin Handgelenk, well mir wäerten dem Budget no no dësem Joer och den OMT warscheinlech net kënnen anhalen.

De Moien ass nach gesot ginn, dass den OMT e wichtegt Instrument wär fir déi nächst Generatiounen. Bon, dozou wëll ech just soen, dass éischens, mengen ech, all responsabel Regierung ugehalen ass, am Interêt vun de kommende Generatiounen ze handelen. An zweetens wëll ech och nach hei op de Fonds souverain intergénérationnel hiweisen, dee jo ënnert der Dräierkoalitioun geschafe ginn ass.

Wichteg ass, dass mer souwuel hei zu Lëtzebuerg wéi och an Europa eng ambitieus Investitionspolitik féieren, eebe grad am Interessi vun de kommende Generatiounen. Ech denken hei un déi duebel Transition: d'Digitaliséierung an och d'Dekarboniséierung. Déi sinn e Rendez-vous mat der Zukunft, déi mer op kee Fall duerfe verpassen!

Bei der Presentatioun vum Budget huet de Finanzminister gesot, hie géif sech virstellen, dass sech d'effentlech Investitiounen an den nächste Joren op engem héijem Niveau vu ronn 4 % vum PIB beweegen wäerten. Dat kléngt a priori net schlecht. Ech mengen, wien ass scho géint effentlech Investitiounen?

De leschte Budget vun der viregter Regierung hat am Zentralstaat fir 2024 net manner wéi 3.850 Milliounen virgesinn un Investor, dat entsprécht engem Effort vu 4,5 % vun eisem PIB. 4 % kann een elo gutt fannen, kann ee flott fannen, mee am Endeffekt sinn et awer 0,5 % manner wéi dat, wat mir urspringlech alles virgesinn haten. Dat sinn am Endeffekt, wéi ech scho vir-drinner gesot hunn, iwwer 400 Milliounen manner. An anere Wieder: Dat wäert sechs Schoulën, déi d'Joer net gebaut kéinte ginn, oder véier Tram-Extensiounen, déi net kéinte realiséiert ginn.

Et läit op der Hand, dass een net ëmmer all Invest an all Projet, an deen een investéiere wëll, ka realiséieren. Dat kenne mer alleguerten, sief dat, well d'Material feelt, sief et duerch technesch Contrainten. Whatever. Déi Erfahrung mécht all Regierung, déi hu mir gemaach an déi wäert Dir och maachen. Mee wann een awer vu vireran déi Ambitioun fir ze investéieren erofschrauft, dann ass dat schonn äusserst speziell. Well och 2026, 2027 an doriwwer eraus

sinn effentlech Investitiounen noutwendeg, fir eist Land virunzebréngen. A virun allem dierfe mer hei an deem Rhythmus, dee mer an der Vergaangenheet ugaange sinn, net noloossen.

Mir haten zu Lëtzebuerg iwwert déi lescht zéng Joer eng Moyenne vu plus/minus 4 % vun der Wirtschaftskraft bei den Investor. Dat ass och am internationale Verglach dee Moment e ganz gudden Wäert gewiescht. Mir hunn och ëmmer gesot kritt, an dat notament vun der Chambre de Commerce – ech mengen, d'Chambre de Commerce ass jo net derfir bekannt, dass se géif d'Staatsfinanze an de Ruin dreiwen –, dass den Effort vu 4 % net géif duergo fir all déi Eerausforderungen, déi sech fir eist Land stellen.

Do hu mer ugefaangen, nach eng Schëpp dropzeleeën, an dat ass och net vu Muttwëll, well effektiv mat all deem, wat – an do kommen ech op dat zréck, wat ech scho puermol gesot hunn –: Wa mer eist Land wëlle méi resilient opbauen, dann ass et wichteg, dass mer och déi Moyenne virgesinn an dass mer eebe grad bei den effentlechen Investissementer nach eng Schëpp dropzeleeën.

Ech kommen dann elo, léif alleguerten, zu mengem drëtten Punkt, wou mer feststellen, dass et eng Inkohärenz an der Steuerpolitik gëtt. Näischtaache gëtt am deiersten. Dës Erkenntnis hat och schonn déi viregt Regierung an huet aus guddem Grund den Energie- a Klimaplang, de PNEC, erstallt, deen eis d'Richtung virgëtt.

Bis 2030 sollen eis Zäregasemissiounen ëm 55 % erofgoe par rapport zu 2005. An um Horizont 2050 wëlle mer Klimaneutralitéit erreechen. De PNEC leet net nëmme Reduktiounsziler fest, mee och Moossnamen, déi ze huele sinn an deene sechs verschiddene Beräicher. An ee vun deene ganz groussen Beräicher dovunner ass den Transport, well do am meeschten Aarbecht virun eis steet, well och do déi meeschten Emissiounen hierkommen. De PNEC gesäit och vir, dass bis 2030, wéi ech scho vir-drinner gesot hunn, 49 % vum Autopark zu Lëtzebuerg elektronesch soll sinn.

Déi nei Regierung huet de PNEC bis elo net a Fro gestallt – dat muss ee ganz fairerweis soen –, och wann d'Aussoe vum Ëmweltminister net siele ganz anescht klänge wéi déi vum Premier. An dobäi ass et wichteg, dass mer grad bei esou engem wichtige Dossier, bei esou engem fundamentale Sujet hei op Kontinuitéit setzen an déi Efforten, déi mer eis festgeschriwwen hunn, och wierklech realiséieren.

Ëmsou méi verwonnert mech, wéi mer d'Projektiounen vun de Recetten op den Accisen duergeluecht kruten, notament, wat d'Evolution vum Diesel betrëfft. Elo kéint een e bëssen esou op d'Iddi kommen, wéi wann et guer kee PNEC géif ginn, wann een déi esou kuckt, well d'Regierung geet nämlech dovunner aus, datt all Joer de Verkaf vum Diesel just ëm 3,2 % erofgeet, woubäi de Réckgang tëscht 2021 an 2023 an der Moyenne bei 10 % vun engem Joer op dat anert louch.

De Verkaf vum Diesel gëtt also fir 2027 net substanzuell méi niddreg ageschat wéi haut. An och hei, wéi ech scho vir-drinner gesot hunn, eeben d'Fro: Wou ass hei d'Kohärenz mam PNEC?

Offenbaart, Här Premierminister, offenbaart Der eis vläicht no Ärer Nostalgie fir d'Atomkraft elo nach Är Virléift fir de Verbrennungsmotor? Op alle Fall si mer hei gespaant.

(Interruption)

Als Nächst wëll ech dann awer nach op d'Fro vum Spueren agoen. Woubäi nee, „Spueren“ ass jo elo dat falscht Wuert. Wéi hu mer richtig héieren – ech muss nach eng Kéier kucken, wéi d'Madamm Rapportrice

gesot huet –: Si géife manner Sue méi ausginn. Bon, dorobber muss een emol kommen. Well wann ee manner Sue méi ausgëtt, jo, da spuert ee jo eigentlech, nee? A wann ee manner Sue méi op der falscher Plaz ausgëtt, bon, dann huet dat fatal an negativ Konsequenze fir eis Gesellschaft.

Generell stellt sech bei den Ausgaben eschthaft d'Fro, wéi een iwwerhaupt iwwert déi nächst Joren déi Projektionnen aus dem Pluriannuel wëll anhalen. D'Ausgaben am Zentralstaat iwwert d'Period 2025 bis 2027 sollen dem Pluriannuel no am Duerchschnëtt ëm just nach 4 % klammen. Dëst gëtt extreem ënnerschat, well dat sinn 2,5 % manner ewéi déi laangfristeg historesch Moyenne. Dat heescht ënnert dem Stréch, wéi gesot, näischt anescht, wéi dass Der eigentlech am Endeffekt wëlles hutt, hei de Routstëft erauszehuelen, dass Der wëlles hutt, hei ze spueren.

Dir, Här Roth, Dir hutt nach beim Depot vun Ärem Budget gesot, dass – an, wéi gesot, dat sinn Är Wieder – beim Staat soll gespuert ginn, wëssend, dass awer kee vun Äre Ministären an Astellungsstopp ugekënnegt huet. Och an der Kommissioun konnt keen eis drop äntweren, wou dann elo déi Aspuerung solle gemaach ginn, a wuel wëssend – an dat ass fir eis och ganz wichteg –, dass och no 2025 nach weiderhi Leit rekrutéiert ginn, notamment bei der Police, beim Léier- a Fleegepersonal, am Dëngscht vun all de Leit hei am Land, déi massiv gebraucht ginn.

An dat ëmsou méi, wéi Der jo och selwer sot, dass eist Land nach weider soll wuessen. Do froe mer eis erneit: Wéi soll déi ganz Rechnung do opgoen? An eebe grad wa mer solle weider wuessen, ass et jo wichteg, dass mer e ganz staarken öffentliche Dëngscht brauchen.

Wann d'Konjunktur an der EU och nëmmen eng Kéier hemst, wann iergendeppes dotëschent kënnt, da bleift kee Sputt, fir d'Ekonomie a fir d'Stéit ze ënnersetzen. A wéi gesot, dat ass ganz genee just de Géigendeel vun der Resilienz, bei där awer esou wichteg ass, dass mer déi erëm an eis Staatsfinanze kréien.

Mee net nëmme mir, och d'Cour des comptes huet sech d'Fro gestallt, wou genee da bei den Ausgabe soll gekierzt ginn. Wichteg ass, an dat wëll ech nach eng Kéier an aller Kloecheit soen: De Budget ass keng Iwwerraschungstut. De Budget muss transparent sinn, de Budget muss novollzéibar sinn an e muss d'Finanzpolitik vun der Lëtzebuerger Regierung oppeleën.

Här President, ee Punkt, op deen ech onbedéngt och nach wëll agoen, dat ass dee vun der Staatsschuld. Mir sinn nämlech als LSAP virun net allze laanger Zäit massiv ëmmer derfir kritiséiert ginn, dass mer eeben un där dogmatescher Approche zu deenen 30 % Staatsschuld net festgehal hunn, au contraire, dass mer se carrement wollte refuséieren.

Laang Zäit ass och esou gemaach ginn, wann een déi Richtlinn net géif anhalen, wéi wann dann hei d'Land géif ausserneendriften, wéi wa mer kéinten hei d'Trotoiren eropklappen.

Ekonomesch begrënne konnt eigentlech keen dat vun de Kritiker esou richteg. Och hei verweisen ech op en Zitat vun engem gewëssene Luc Frieden am Oktober 2022, deen an engem Interview gesot huet: „Ech mengen, dass an enger klenger Ekonomie alles iwwer 20 % Staatsschuld ganz schwiereg ass.“ Haut, an dat ass awer elo de sprangende Punkt, haut diskutéiere mer iwwer e Staatsbudget, dee bis 2027 eng Staatsschuld vu 27,3 % virgesäit.

Dorausser zéie mer d'Konklusioun, dass mer vläicht awer net esou Onrecht haten, dass Der Iech zum Deel wéinstens un eis inspiréiert hutt, dass een awer net

muss un där dogmatescher Zuel do festhalen. Dat freet eis, dass awer Bereetschaft bei der Regierung do ass, eeben och an eng aner Richtung ze goen. A falls Der sollt och an Zukunft nach an al Reflexer zrëckverfallen: Mir sinn do, fir Iech erëm op de Kurs ze bréngen.

Une voix | Très bien!

Mme Taina Bofferding (LSAP) | Mir stelle weider fest: D'Recettë ginn iwwerschat, d'Ausgaben ënnerschat. Et wëllt ee sech d'Welt e bëssen esou zurechtbéien, wéi et engem grad passt. D'Finanze fir déi kommend Jore ginn op Sand gebaut. A wa schonn alles op Sand gebaut gëtt, da misste wéinstens politesch Akzenter erkennbar sinn, déi eis all an der Gesellschaft virubréngen, virun allem, déi am Sënn vun der Allgemengheet sinn. Well e Budget ass net nëmmen Zuelematerial, mee e Budget ass virun allem och e Steierungsinstrument vun der Politick, eebe grad fir politesch Akzenter ze setzen, eebe grad fir déi Mesüeren ze huelen, déi am Interêt vun eis alleguerte sinn.

Mir aktéiere mat dësem Budget d'Adaptatioun vum Steuerbarème ëm véier Indexranchen an déi punktuell Mesüeren am Beräich vum Logement. Déi eng Mesüre kommen iwwerproportional deenen zegutt, déi schonn e relativ déckt Akommes hunn, deenen – wéi soll ech se beschreiwen? – méi finanzkräftege Stéit. An déi aner Mesüre kommen iwwerproportional den Investisseuren an de Promoteuren zegutt. Oder fir et an engem Wuert ze resüméieren: Dat, wat hei eigentlech ugestriift gëtt, ass rege Clientelismus.

muss

Wat d'Logementskris betrëfft, fir bei deem Punkt ze bleiwen, bon, do hate mer jo rezent nach d'Logementsdebat hei am Haus, an do hunn ech schonn drop higewisen, dass fir d'LSAP de Problem un der Wuerzel muss ugepaakt ginn. Mir verstinn, dass d'Regierung ganz schnell wëll Mesüeren huelen, fir der Baukris entgéintzewierken. Mee domadder ass nach laang net de Logementsproblem geléist an och do hu mer ganz kloer gesot, dass een déi zwou Krisen net mateneen duerf vermëschen.

Déi gréisst Erausforderung fir eist Land ass et, de Leit hiert Recht op eng dezent Wunneng ze garantéieren an d'Inegalitéiten, déi duerch déi héich Wunnengspräisser entstinn, ze reduzéieren.

Déi eigentlech Demande ass nach ëmmer do. Si ass nach ëmmer bei Wäitem méi héich wéi d'Offer, just mam Ënnerschied, dass ganz vill Leit mat deenen iwwerdrüwene Präishaussen aus deene vergaangene Joer net méi kënne Schrëtt halen.

Et ass sécherlech gutt gemengt, wa beispillsweis d'Regierung elo d'Krittäre vun der Eligibilitéit bei den abordabele Wunnenge wëll manner streng maachen. Dat ass gutt, mee dat geet awer net duer, fir de Problem ze léisen. Mir brauchen – an dat ass eise Punkt – contrainant Instrumenter, fir bezuelbare Wunnraum ze schafen a virun allem, fir derfir ze suergen, dass en och op Dauer bezuelbar bleift. Dat muss d'Richtung sinn.

An deem Kontext fanne mir et och immens schued, dass am Regierungsdiskurs de Kampf géint d'Spekulatioun absolutt mat kengem Wuert méi erwänt gëtt. Eng Wunneng, an dat wëll ech nach eng Kéier ganz kloer soen, ass fir eis en Doheim. Dat ass eppes, wat d'Leit brauchen. Eng Wunneng ass kee Finanzéierungsinstrument a virun allem ass et och kee Spekulationsobjekt.

Schonn beim Logementsdësch hu mer leider misse feststellen, dass dës Regierung e gudden Deel vun der Populatioun lénks leie léisst, ganz einfach, andeem se net invitéiert gëtt. Domadder menge

mer virun allem d'Locataire, a wéi nach selwer de Logementsminister an der Debat gesot huet, dat schwächste Glied an der ganzer Ketten.

A wann ech scho bei de Locataire sinn, da ginn ech nach séier eriwuer bei d'Bail-à-loyers-Gesetz, well Der jo och elo kierzlech an der Regierung do Amendementer ugeholl hutt, notament fir d'Reform vum Loyersdeckel nees zeréckzezéien, soudass mer erëm bei deene 5 % vum Deckel bleiwen an net wéi geplangt bei 3 % respektiv bei 3,5 %.

Et heescht am Communiqué, et géing elo mol analyséiert ginn, et géing elo mol gekuckt ginn. Bon, mir hoffen, dass dat Analyséieren net heescht, dass mer beim Status quo bleiwen, well do gëtt et jo souwisou déi Jurisprudenz, wou ee muss drop reagéieren, a virun allem ass am Endeffekt de Leit bei deem Ganzen net gehollef.

Mee gutt, dofir gëtt et jo d'Opposition, an dofir wäert ech elo hei am Numm vun der Regierung eng Motioun deposéieren.

Motion 1

La Chambre des Députés,

– *considérant que le nombre de logements abordables publics destinés à la location est largement insuffisant au vu de la demande ;*

– *considérant qu'un nombre important de ménages à revenu modeste est contraint de louer un logement au prix du marché ;*

– *considérant que l'Observatoire de l'habitat a relevé une nouvelle augmentation des loyers annoncés des appartements au 4^e trimestre 2023 : +3,9 % sur le trimestre, et également +3,9 % entre le 4^e trimestre 2022 et le 4^e trimestre 2023. La hausse des loyers annoncés sur douze mois est ainsi supérieure à celle des prix à la consommation mesurée par l'IPC (+3,2 %) sur la même période. Selon l'Observatoire, les loyers annoncés des maisons sont également en hausse sur le trimestre, même si la hausse reste plus modérée ;*

– *notant que le Gouvernement a décidé de supprimer les dispositions qui visaient une réforme du plafonnement des loyers dans le cadre des amendements gouvernementaux au projet de loi n° 7642 portant modification de la loi modifiée du 21 septembre 2006 sur le bail à usage d'habitation et modifiant certaines dispositions du Code civil du 19 avril 2024 ;*

– *considérant la décision du Gouvernement de réviser complètement les dispositions prévoyant la réforme du plafond des loyers ;*

– *notant qu'en attente de cette révision, le Gouvernement a supprimé par le même train d'amendements l'obligation pour le bailleur de stipuler dans le contrat de bail le montant précis du capital investi, réévalué et décoté, dans le logement, ce qui aurait renforcé la transparence au regard du prix du loyer pour le locataire,*

invite le Gouvernement

– *à élaborer pour septembre 2024 une nouvelle méthode de détermination du plafond des loyers qui permettra de lutter contre les excès de loyers ;*

– *à augmenter la transparence du marché locatif pour permettre au locataire de contrôler si le montant du loyer demandé par le bailleur ne dépasse pas la limite légale maximale.*

(s.) Taina Bofferding.

M. Sven Clement (Piraten) | O, vun der Regierung, Madamm Bofferding?

(Hilarité)

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Bofferding.

Mme Taina Bofferding (LSAP) | ... am Numm vun der LSAP deposéieren.

Plusieurs voix | A!

M. Claude Wiseler, Président | Mir haten dat sou verstanen.

Mme Taina Bofferding (LSAP) | Et war just, fir ze kucken, ob Der mer nolauschtert.

(Hilarité)

Et ännert awer näischt un der Tatsaach, dass ech am Numm vun der LSAP elo hei déi Motioun deposéiert hunn, wou mer d'Regierung opfuerderen, wéi gesot, dass se bei deem Analyséieren och am Endeffekt accouchéieren, dat heescht, dass och hei derfir gesuert gëtt, dass eng nei Method fir d'Festleeë vum Loyersdeckel erauskënnt, dass mer hei, wéi gesot, eng Sortie offréiert kréien. A wichteg ass – an dofir hu mer dat och hei an der Motioun festgeschriwwen –, dass dat soll bis September sinn, well awer d'Zäit hei drängt, well d'Leit awer hei a prekäre Situatiounen sinn. An dofir ass et wichteg, dass och hei endlech Neel mat Käpp gemaach ginn.

An dann, an deem nämmlechen Zoch fuerdere mer och nach, dass méi Transparenz soll kommen, dat, andeems de Montant vum Capital investi och an de Kontrakt soll kommen, sou wéi dat urspringlech och ugeduecht war. Dat hutt Der anscheinend mat Ären Amendementen elo erëm zeréckgezunn. De Problem ass just, fir dass e Locataire herno kann eebe säi Recht iwwerhaapt akloen, muss e kënne kontrolléieren. Mee wann en net d'Méiglechkeet huet, fir iwwerhaapt ze kontrolléieren, well en d'Montanten net kritt, dann huet dat Ganzt guer kee Wäert. An dofir sinn dat hei déi zwee Punkten, déi mer an dëser Motioun, déi mer am Numm vun der LSAP deposéieren, fuerderen.

En anere Ressort, wou een déi ganz Gesellschaft am Bléck muss hunn, ass d'Familljepolitik. Alles an allem, wann een de Budget vum Familljeministère kuckt, zeechent dee sech duerch Kontinuitéit aus. D'Sozialhëllefen, de REVIS, d'Allocation de vie chère, de Revenu pour personnes gravement handicapées, déi gi weidergefouert. D'Gesetzter, déi ënnert der vieregter Regierung votéiert goufen, ginn ëmgesat, an dat ass och ganz gutt. Ech denken do un d'Gesetz iwwert d'Qualitéit vun de Strukturen – virun net allze laanger Zäit war jo nach d'Diskussioun –, d'Gesetz och iwwert d'Accessibilitéit oder d'Gesetz iwwert de Vivre ensemble interculturel, dee jo nach de Moie genannt ginn ass. Ech wëll och soen: Mir begreissen dat ausdrécklech a mir begreissen och, dass am Moment hei net gekierzt gëtt an dass och net virgesinn ass, dass hei elo sollen déi Ausgaben erfougen.

Allerdéngs ass dëst – an do wëll ech gären op déi Aussoe vum Här Spautz a vum Här Baum reagéieren –, bis op eenzel Ausnahmen, awer op reng mechanesch Ursaachen zeréckzeféieren. D'Ausgabe wuessen nämlech a Relatioun mat der Augmentatioun vun der Populatioun respektiv well och de Krees vun de potenzielle Beneficiairé méi grouss gëtt. Doduerch geet och de Montant erop. Mee fir déi eenzel Leit ass et am Endeffekt keng Verbesserung respektiv bleift et fir si beim Status quo.

Plusieurs voix | Très bien!

Mme Taina Bofferding (LSAP) | A grad am Beräich vun der Aarmutsbekämpfung, vum Kampf géint déi sozial Ausgrenzung, wou mer jo ëmmer erëm an deenen neitsten Zuele matkréien, dass méi Leit dovunner beträff sinn, geet eebe grad „Weider sou!“ net duer.

D'Regierung huet jo ugekënnegt, hei elo e Plang fir d'Aarmutsbekämpfung opzestellen an och Mesuren

ze huelen. An et berouegt mech, dass de Moien den CSV-Fraktionspresident och e puermol dat Wuert „sozial“ benotzt huet, well gëschter an der mëndlecher Presentatioun vun der Rapportrice – hu mer gezielt – ass dat Wuert eigentlech net eng Kéier virkomm, ausser, mengen ech, „Sécurité sociale“ ass gesot ginn, mee par contre dat Wuert „Finanzplaz“ awer méi wéi 35-mol.

(Interruption)

Fir eis ass et wichteg, dass weider Efforte gemaach ginn, a mir sinn och gäre bereet, d'Regierung doranner ze ënnerstëtzen. An dofir fänke mer direkt domadder un an ech deposéieren hei eng weider Motioun, dat am Numm vun der LSAP.

Motion 2

La Chambre des Députés,

– *considérant que le Gouvernement a déclaré, aux termes de l'accord de coalition, la lutte contre la pauvreté comme « priorité absolue » ;*

– *étant donné que le Gouvernement perçoit la pauvreté comme phénomène multidimensionnel nécessitant une stratégie transversale et un plan d'action national pour la prévention et la lutte ;*

– *tenant compte de l'évolution du taux de risque de pauvreté, qui touche particulièrement les ménages monoparentaux, ainsi que du taux de la pauvreté laborieuse ;*

– *vu le rapport final sur l'évaluation du dispositif du Revenu d'inclusion sociale (REVIS) réalisé par le Luxembourg Institute of Socio-Economic Research (LISER) et l'Inspection générale de la sécurité sociale (IGSS),*

invite le Gouvernement

– *à procéder à une augmentation du salaire social minimum de 100 euros nets ;*

– *à prévoir une exonération fiscale du salaire social minimum ;*

– *à prévoir une augmentation du crédit d'impôt monoparental ;*

– *à élaborer une réforme du dispositif du REVIS en tenant compte des défis identifiés lors de l'évaluation précitée notamment en relevant le niveau des aides allouées, en renforçant l'encadrement et l'accompagnement social des bénéficiaires et en allégeant les procédures et démarches.*

(s.) Taina Bofferding.

Plusieurs voix | A!

(Hilarité)

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Bofferding.

Mme Taina Bofferding (LSAP) | Dat wäert ech lo mä Liewe laang ze héiere kréien, ech weess.

Trotzdeem, zur Motioun, wou mer d'Regierung invitéieren, éischt Mesuren ze huelen: Och wa se nach un hirem Plang zur Aarmutsbekämpfung schafft, kënnen déi heite Mesuren duerchaus schonn ëmgesat ginn. Mir fuerderen ënner anerem, dass de Mindestloun soll erhéicht ginn, dass e soll steierfräi sinn. Mir fuerderen och eng Erhéijung vum Crédit d'impôt monoparental.

(Brouhaha et interruption par M. Sven Clement)

Ech mierken, dass hei eng grouss Begeeschterung ass. Dat freet mech, da stëmmt herno mat.

M. Marc Goergen (Piraten) | O, mir sinn iwwerrascht, bis elo hutt Der géint déi Motioun gestëmmt, all déi Joren.

M. Sven Clement (Piraten) | Mir sinn awer begeeschtert, datt Der dat lo gutt fannt.

M. Marc Goergen (Piraten) | Jo. Also mir sinn derfir.

Mme Taina Bofferding (LSAP) | Ma tiptopp.

M. Marc Goergen (Piraten) | Mir hätten eis dat gewünscht, wéi Der an der Verantwortung waart.

M. Claude Wiseler, Président | Madamm Bofferding, et ass un Iech. Loosst Iech net beaflossen!

M. Dan Biancalana (LSAP) | Mir haten dat an eise Walprogramm stoen, Här Goergen.

Mme Taina Bofferding (LSAP) | Also un eis soll et ni geleeën hunn.

(Exclamations et hilarité)

Dann d'Reform vum REVIS: Dat ass e weidere Punkt an eiser Motioun, ...

(Coups de cloche de la présidence)

... wou jo d'lescht Joer d'Evaluatioun gemaach respektiv de Bilan gezu ginn ass. Et ass gesot ginn, dass lo keng gréisser Reform do virgesinn ass, also eng Reform, fir müssen hei elo legislativ virzegoen, woubäi ech net richtig verstinn, firwat et net soll méiglech sinn. Ech mengen, alles, wat de System verbessert oder wou mer de Leit méi kënnen hëllefen, solle mer maachen. Mee wichteg ass eebe grad dee Bilan, dee wierklech extreem interessant ass, dass mer do-rauser déi richtig Konklusiounen zéien a sou, wéi si et och soen, dass ee muss d'Montanten upassen an och den Encadrement an déi sozial Begleitung solle verstärkt ginn an natierlech och d'Prozeduren an déi administrativ Hürde solle vereinfacht respektiv ofgebaut ginn.

Eng Etüd vum LISER a vum Stateg am Opdrag vun der CSL huet erginn, dass nëmme 60 % vun de Leit, déi d'Recht op eng Allocation de vie chère hunn, déi am Endeffekt och ufroen. Bei der Subvention loyer sinn et grad emol 20 %. Ech mengen, den Här Baum hat dat de Moien och a senger Ried gesot. D'Regierung plangt den éischte Schrëtt. Am Budget ass rieds eebe vun enger méi grousser Visibilitéit vun den Aiden, dass eebe méi bekannt ass, dass d'Leit en Urecht op déi eenzel Hëllefen hunn. Et ass och dréngend néideg, dass een hei nobessert, dass d'Leit wëssen, dass se dat zegutt hunn an dass se och wëssen, wou se déi Hëllef kënnen ufroen.

Mir wënschen eis awer, wéi gesot, dass d'Regierung nach eng Schëpp weider droplet an eeben, wéi ech grad scho gesot hunn, déi Konklusiounen, déi an där Etüd do gezu ginn, genausou wéi aus der REVIS-Etüd, wéi mer et an eiser Motioun fuerderen, dass och déi Mesuren dee Moment geholl ginn, fir de Leit hei kënnen ënnert d'Äerm ze gräifen.

Wichteg ass, wa mer scho sou Etüden hunn, wa sou vill Aarbecht gemaach gëtt, dass mer dat och eescht huelen. An „eescht huelen“ heescht an dësem Fall och, dass mer do, wou mer nach net ukomm sinn, do, wou mer awer gäre wëllen och politesch hikommen, wou mer gäre wëllen d'Hëllef verstärken, d'Budgeten eropsetzen. Mat anere Wieder: Dës Etüde musse fir Verbesserung suergen. Si müssen zu méi Verbesserung féieren. An de Budget ass eebe justement de Wee, fir zu méi Verbesserung ze kommen, fir dat do ten eebe kënnen ze ënnerstëtzen, well soss hunn déi Etüden an déi Evaluatiounen absolutt kee Wäert, wa mer se herno an der Politik iwwerhaapt net consideréieren.

Opgrond vu mengen Ausféierungen, Här President, zéien ech am Numm vun der LSAP d'Konklusioun, dass mer generell u sech manner Problemer domadder hunn, wat am Budget virgesinn ass, bis op déi puer Punkten, déi ech opgezielt hunn, mee virun allem hu mer Problemer domadder, wat eebe feelt a woufir dës Budget steet.

D'Annoncè vun der Regierung decke sech net mat deem Faktencheck, mat deenen dräi Punkten, déi ech grad hei erkläert hunn. Wéi gesot, d'Recettë ginn iwwerschat, d'Ambitioun fir ze investéieren geet erof an et feelt un der Kohärenz tëschent den annoncëierten Politicken an de Prognosen, wéi se am Budget sinn.

Och den Titel „Neie Schwong“ geet leider net duer, wann een herno am Budget selwer keng weider politesch Akzenter setzt, fir dann eeben och déi Politick, déi ee sech ugeduecht huet, kënnen ëmzesetzen. Fir eis feelt ganz kloer déi sozial an och déi gerecht Approche, déi sech eiser Meenung no misst eebe wéi e roude Fuedem duerch de ganze Budget zéien. An dofir wäerte mer – an ech denken, dat wäert Iech och elo net iwwerraschen – dëse Budget an där Form net matstëmmen.

Sozial Gerechtegkeet, an dat wëll ech och soen, ass eppes, wat eis alleguerten zegutt kënnt. Et ass net einfach esou e Moudewuert bei de Sozialisten. Well egal wou mir stinn, egal wou mir stinn – well mir kënnen alleguerte muer an enger anerer Situatioun sinn –, ass et wichteg, dass mer eis eebe kënnen op d'sozial Gerechtegkeet an der Gesellschaft verlossen. Eng gerecht Gesellschaft ass d'Versprieche vu Sécherheet an Ofsécherung. Eng gerecht Gesellschaft heescht, dass mer een op deen aneren oppassen an dass mer net bestrofen. Eng gerecht Gesellschaft heescht, dass de Mënsch gestärkt gëtt, an eng gerecht Gesellschaft heescht Respekt an Empathie. Eng gerecht Gesellschaft heescht, dass Leit mat ënnerschiddleche soziokulturellen Hannergrënn sech begéinen.

A grad dofir wëllt ech nach gären der Cour des comptes ausdrécklech Merci soe fir den interessanten Input, dee se an hirem Avis ginn. Si hunn nämlech op d'Aarbechte vun der OECD opmierksam gemaach, déi de budgetären Impact vun der Immigratioun versicht hunn ze berechnen.

Fir Lëtzebuerg – an dat wëll ech nach gären ernimmen, well et wierklech extreem interessant ass – ass erauskomm, dass immigréiert Persounen am Duerchschnitt 18 % méi u Steieren an u Cotisatiounen eraspisen, wéi se u soziale Leeschtungen an ëffentleche Servicer zeréckkréien.

Lëtzebuerg ass och dat Land, wat an där Etüd um ekonomesche Plang am meeschte vun der Immigratioun profitéiert. An dofir ass et wichteg, wéi ech virdrun och scho gesot hunn, dass, wa mer Etüden hunn, mer se eescht huelen. An et ass och wichteg, dass mer grad esou Erkenntnisser, wéi mer se hei vun der OECD hunn, och méi Visibilitéit ginn, well et erméiglecht, eng ëffentlech Debatt ze féieren, déi op Fakte baséiert, an esou manner vu Ressentimenter vergëft ze ginn.

Sécherheet heescht och, dass ech séier ka gehollef kréien, wann et eescht ass. Et gëtt gesondheetlech Situatiounen, wou et op all Minutt ukënnt. Fir Iech hei e Beispill ze ginn: Mir hunn an der leschter Legislaturperiod de PNOS, den nationale Plang fir d'Organisatioun vun de Secourse, lancéiert. Dëse Plang ass de Kompass, deen d'Richtung ugëtt, an déi sech de CGDIS soll entwéckelen, wou ganz genau eng Risikoanalys gemaach ginn ass an eeben och gekuckt ginn ass, wou déi gréisste Besoinen um ganzen Terrain vum Land sinn.

Am Plang ass festgehalen ginn, genausou wéi am Gesetz vum CGDIS, dass mer mussen assuréieren, dass iwwerall am Land a manner wéi 15 Minutte muss Hëllef op der Plaz sinn. Mat dësem Plang, an dat ass de sprangende Punkt, wësse mer ganz genau, wou mer an Zukunft mussen investéieren, souwuel an Infrastrukturen, a Material a virun allem och a Persounen. Domadder wëll ech soen: Et ass ganz kloer gewosst, wéi vill Leit alljoers am CGDIS mussen agestallt ginn.

Bon, firwat maachen ech déi Remark? Ganz einfach, well den Inneminister an der zoustänneger Interieurskommissioun gesot huet, dass hie gären hätt, dass de Budget vum CGDIS manner séier soll wuesen. Mee wann ee gären dat Zil vun deene 15 Minutte wëll errechen, da muss een investéieren. An da kann een net soen, dass de Budget manner séier wüsst, mee da muss een déi finanziell Moyenen an de Grapp huelen an da muss een dat do realiséieren. An dofir soen ech et: Well et fir eis kruzial ass, dass Leit, déi an Nout sinn, séier gehollef kréien, an et virun allem fir eis déi falsch Plaz ass, fir de Rimm méi enk ze schnallen.

Ofschléissend wëll ech drop hiweisen, dass et fir eis als LAP, als LSAP, ...

(Interruption)

... – egal – also LSAP drop ukënnt, eng ganzheetlech Approche unzegoen. Eis ekonomesch Performance als Land ass eng wichteg Grundvoraussetzung fir villes, mee se ass net d'Grundvoraussetzung fir alles.

Mir plädéieren scho méi laang derfir, d'Wuelbefanne vill méi staark als roude Fuedem am Budgetsdokument ze integréieren. Dëst géif eis et erlaben, vun deem reng quantitativen Denke fortzekommen hin zu enger Budgetspolitick, déi evidenzbaséiert schafft a sech esou u Resultater orientéiert. Amplaz just e Budgetsartikel ze hunn, setzt een thematesch Indicateure mat an, fir esou iwwert d'Joren ze kucken, wéi déi Indicateure sech entwéckelt hu par rapport zu de budgetäre Mëttelen, déi een dofir bereitgestallt huet.

Neiseeland huet 2019 säi Budget an deem Sënn iwwerschaafft, an och Schottland ass kuerz drop op dee Wee gaangen an huet sech dorunner inspiréiert. Mir mengen, dass och Lëtzebuerg hei soll ëmdenken an och an déi dote Richtung soll goen, dass een eeben net nëmme Suen an engem Budgetsartikel asetzt, mee dass een eeben och analyséiert, ob mer wierklech dat erreicht hunn, wat mer eigentlech mat deene finanzielle Moyene wollten errechen. Och dat gehéiert zu enger responsabler Politick. Och dat gehéiert dozou, d'Staatsfinanzen eebe méi resilient opzestellen.

Dës Method, wéi gesot, géif eis Budgetspolitick un déi haiteg Zäiten upassen a virun allem géif se och fir méi Transparenz a fir méi Nohaltegkeet am ëffentlechen Debat suergen. Den Här Fayot, dee wäert haut respektiv muer nach eng Kéier méi ausféierlech op dee Punkt agoen, well et fir eis eeben, wéi gesot, als LSAP wichteg ass, dass mer och déi Diskussioun vum PIBien-être erakréien an eis Diskussiounen. An hie wäert nach eng Kéier ganz kloer erklären, wéi mir eis virstellen, wéi eeben de Staatsbudget deementsprechend soll opgebaut ginn.

Voilà, dëst gesot, wéi ech scho virdrunner ugedeit hunn, wäerte mer dëse Budget net matstëmmen, wat Iech elo net wäert, ...

Plusieurs voix | O!

Mme Taina Bofferding (LSAP) | ... wat eis elo net wäert iwwerraschen. Ech mengen, ech hu ganz kloer erkläert, opgrond vun deem Faktencheck, firwat et fir eis net méiglech ass, hei der Regierung entgéintzekommen.

Wéi gesot, wann Dir verschidde Punkten an der Zukunft wëllt realiséieren, wéi déi grouss Steuerreform, eng eenzeg Steuerklass, do si mer gären derbäi, Iech ze ënnerstëtzen. Mir hu scho laang näischt méi dovunner héieren. Ech hoffen, dass deemnächst eppes wäert kommen. Mee op alle Fall, bei dësem Punkt wäerte mer hei net kënnen matstëmmen.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Bofferding. Deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

M. Fred Keup (ADR) | Merci. Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll natierlech am Ufank och der Madamm Adehm e grouse Merci soe fir hire Rapport. Si huet de Budget net geschriwwen, dat ass net hire Budget, mee dat ass hire Rapport. An de Rapport, dee se hei presentéiert huet, dee war ganz interessant. Ech mengen, et war och emol eng Kéier eppes aneres, fir iwwer esou Sujeten ze schwätzen a ganz besonnesch de Fokus op d'Finanzplaz ze leeën. Et war gutt, mengen ech.

Mee dat ass net onbedéngt spriechend fir dee ganze Budget. A villen, wat och haut gesot ginn ass, wat och gëschter gesot ginn ass, ass nach Zukunftsmusek. Et si Saachen ugekënnegt ginn. Mir wëssen awer net, wéini dat kënnt. An ech mengen, dat gëtt allkéiers eng gutt Geleeënheet, fir doriwwer ze schwätzen, wann et da souwäit ass.

Stand elo a wa mir eis dee Budget elo ukucken, wéi en haut ass, da wonnert et Iech net, dass mer dee Budget net wäerte matstëmmen. An ech soen Iech déi dräi Hauptgrënn ganz einfach, ganz direkt:

Deen éischten, dat ass: Esou en Defizit fir elo an och fir déi nächste Joren ass an den Ae vun der ADR net seriö. Et sinn ze vill Ausgaben do, déi féieren zu ze vill Scholden, Scholden a Scholden.

Zweetens: Et ass kee richteg Zil ze erkennen, wou et soll higoe mat eisem Land.

An drëtzens: Et ass e Manktum u Courage. Eigentlech ass de Budget dat selwecht wéi dat, wat mer virdrun haten. An d'ADR freet sech, wou dann de versprochene Wiessel ass. Jiddefalls géif et eis net wonneren, wann hei zum Beispill déi gréng oder d'Sozialisten de Budget géife matstëmmen, vu dass et jo quasi deen nämmlechen ass wéi dat Joer virdrun. An d'Madamm Bofferding huet dat jo och schonn deelweis selwer hei souguer gesot.

(Interruption)

Här President, wann een e Budget opstellt, da mécht een dat och, fir gewëssen Ziler ze errechen, Ziler fir eist Land. Ech muss allerdéngs soen, dass et net kloer gëtt, wat genee déi Ziler sinn, wat hei d'Ambitiounen si vun der Regierung, méttelfristeg, laangfristeg, wann ech dee Budget an dat Ganz kucken.

Wéi e Lëtzebuerg wëlle mir an Zukunft? Wéi e Lëtzebuerg wëlle mir 2050? Eng Regierung gëtt dann och net nëmmen un den Zuele gemooss, mee och un deem, wat se tatsächlech duerno vollbruecht huet, un deem, wat duerno erauskënnt, spëtstens a véier bis fënnf Joer, virun deenen nächste Walen. An déi Bewäertung mécht d'ADR. An da moosse mir, ob dës Regierung gutt geschafft huet oder schlecht geschafft huet. A mir wäerten dës Bewäertung unhand vu klere Krittäre maachen, déi sech och objektiv moosse loos-sen.

An da geet et am éischte Punkt ëm d'Liewensqualitéit, ob déi weider erofgeet oder ob se eropgeet.

Et geet ëm d'Kriminalitéit, wou et kloer Zuele gëtt, ob déi weider eropgeet oder ob se endlech erëm erofgeet.

Et geet ëm d'Verkéierssituatioun, ob déi sech verbessert oder net. Sti mer a fënnf Joer nach ëmmer esou laang am Stau oder och esouguer nach méi laang, dann ass et en Echec.

Mir bewäerten d'Kafkraaft, déi d'Leit dee Moment hunn. Mir bewäerten d'Energiepräisser, déi dann dee Moment hei am Land wäerten do sinn, ob déi weider eropginn oder ob se endlech erëm erofginn.

Mir wäerten d'Situatioun an de Klinicke bewäerten, an den Urgencen.

Mir wäerte gesinn, wéi eis Scholde sech entwéckelt hunn, eis Einnamen, eis Ausgaben.

Mir wäerte gesinn, ob nach weider d'Natur hei am Land zerstiéiert gëtt, verbaut gëtt.

Mir wäerten och aner Aspekter kucken, wéi zum Beispill, wéi et dann eiser Sprooch geet, ob déi weider dobaussen ofhëlt oder ob et erëm besser geet.

Mir wäerte ganz kloer kucken, wéi et mat der Aarmut hei am Land steet – wat ee mat kloren Zuelen och kann erausfannen –: Geet den Aarmutsrisiko weider erop? Oder geet en endlech erof?

Mir wäerte weider kucken, ob Lëtzeburger oder Leit, Kanner, Jonker, déi hei opgewuess sinn am Land, weider mussen an d'Ausland plënnere, fir eng Wunneng ze fannen, oder ob et endlech erëm ëmgedréint ass, dass se kënnen zrëckkommen.

A mir wäerten och ganz genee kucken op den Niveau vun eise Schoulen, deen ëmmer ganz héich war an dee weider erofgeet, besonnesch wat d'Sproochkenntnisser ugeet.

Op deene Parametere wäerte mir Iech a fënnf Joer bewäerten, an ech hoffen, dass d'Situatioun sech da verbessert huet.

E Budget soll am Fong do sinn, fir esou Ziler ze erreichen. An dat feelt e bëssen hei: déi Ambitiounen, déi Visiounen, dee Courage vun enger Regierung, fir dohinnerzekommen, a kloer ze soen och, wat se aneschtens maache wéi déi Regierung virdrun, an alle Beräicher.

An ech soen Iech hei als Beispill fënnf Ziler – dat sinn der elo fënnf, ech kéint der méi nennen, mee ech wëll Iech der fënnf nennen –, déi mir als ADR kloer géifen upeilen:

Éischtens, mir setzen eis an, fir erëm e méi sécher Land ze kréien.

Zweetens, mir setzen eis a fir e Land, wou mer eng Verkéierssituatioun hunn, déi erëm dättelech besser ass.

Drëttens, mir setzen eis derfir an, dass d'Lëtzeburger erëm an hirem Land wunne kënnen bleiwen.

Véiertens, mir setzen eis derfir an, dass d'Energiepräisser niddreg sinn an d'Kafkraaft erëm héich ass.

A fënneftens ... Wou ware mer lo?

(Interruption)

Fënneftens, mir setzen eis an, fir eis Finanzplaz ze schützen. An dat ass effektiv e Punkt, deen ech och hei bei der Regierung gesinn hunn. An dat freet eis natierlech.

Et kann natierlech och sinn, dass d'Regierung e bëssen, soe mer emol, virsiichteg ass, well schliisslech hu mer geschwé Walen, a mir wëssen, dass virun de Walen ëmmer manner grouss Ukënnegunge gemaach gi wéi no de Walen. Da si mer eventuell gespaant, wat dann am Debat iwwert d'Lag vun der Natioun wäert stattfannen. Deen ass zwee Deeg no den Europawalen.

Mir begrëssen also, dass d'Finanzplaz hei och ënnerstëtzt gëtt, well mir si ganz kloer der Meenung, dass et haut esou ass wéi fréier bei der ARBED. An et kann een haut soen: „Wann d'Finanzplaz houscht, da muss d'ganz Land schnäizen.“ An d'Finanzplaz ass fir eis Lëtzeburger haut Raison d'État. Ech hoffen, Dir wësst, wat dat heescht. A si ass doriwwer eraus produktiv, schafft vill Meerwäert a steet fir e qualitative Wuesstum amplaz vum quantitative Wuesstum. An

dee quantitative Wuesstum, also de Bevëlkerungswuesstem, ass jo de Problem, dee mir am Land hunn.

An ech ginn e bëssen zrëck an der Zäit: Et gouf emol eng Zäit, do konnt ee sech – an ech schwätze vu virun 30, 40 Joer –, och wann een Aarbechter war, an enger Uertschaft 15 Kilometer vun der Stad Lëtzebuerg an Haus leeschten. Souguer, wat een nennt e „Bungalow“, op 8 Ar Terrain. An d'Fra konnt schaffe goen, si huet awer emol net misse schaffe goen. Dee Moment konnt se sech dann och ëm d'Kanner këmmere.

Et huet een dann am Dag 10 bis 15 Minutte gebraucht fir an d'Stad duerch den Trafick. Moies lücht e bësse méi. Et war alles méi angeneem.

(Interruption)

Et war dättelech méi sécher, et war manner Kriminalitéit do. A wann een an d'Kannerklinik gaangen ass, dann ass net nëmme Lëtzeburgeresch do geschwat ginn, mee et ass och nach schnell gaangen, an et huet een net misse Stonnen a Stonne waarden. Dat war eng Zäit virun 30, 40 Joer. Da wësst Der, wou mer ukomm sinn.

An där Zäit ass et och eppes ginn, dat huet sech den „Hei Elei Kuck Elei“ genannt, deen Der sécherlech, op d'mannst emol déi meescht heibannen, kennen. A vläicht mécht jo nach deen een oder deen anere sech hei de Spaass, all Woch deen ze kucke vu virun 30 Joer. Ech maachen dat, an do gesäit ee ganz interessant Saachen. Fir Iech just eng kleng Anekdot ze erzielen: 1987 gesäit een zum Beispill den Här Gilles Roth op engem Microtrottoir, deemools als nach jonke Spunt, an e schwätzt – 1987 – och iwwer Geld, dat war nämlech deemools, wéi d'50-Frang-Mënz agefuert ginn ass, an de Problem war vun de Leit, dass déi ze vill den 1-Frang-Mënze geglach huet. Also dat just esou niewebäi.

Wat awer méi interessant ass beim Hei Elei Kuck Elei, dat ass dat, wat geschitt ass de 17. Abrëll 1994. Also dat war virun 30 Joer bal ganz genee. An do geet et ëm e Kongress vun enger grousser Partei virun de Walen, an do gouf e ganz interessanten Ausschnitt gewise vun enger Ried vun engem Deputéierte vun där Partei. An dësen Deputéierten, deen huet gesot, dass et besonnesch néideg wier, eng grondleeënd Analys vun der Altersversuergung ze maachen.

An ech zitieren elo d'Ried: „Mat deenen ongedeckte Schecke jiddefalls op déi künfteg Generatiounen muss endgültig Schluss sinn. Sécher, eis Rente si bis an d'Joer 2000 ofgeséichert, mee duerno si se dat net méi. A wéi wëlle mer dann d'Finanzéierung sécherstellen? Wëlle mir ëmmer weider auslännesch Aarbechtskräften an d'Land huelen, fir eisen demografeschen Defizit op sozialem Plang ofzedeken? Sollen eng Kiéier 500.000, 600.000 oder nach méi Leit hei zu Lëtzebuerg wunnen? Ass dat, wann et iwwerhaupt machbar wär, wierklech wëschenswäert? Wat géif dat fir eis Liewensqualitéit a wat géif et fir eis national Identitéit bedeiten?“

(Interruption)

An deemools huet d'Madamm Polfer natierlech an der éischter Rei geklappt an den Här Goerens an alleguer déi vun der DP. Et war nämlech hei am Cercle um Walkongress vun der DP, wou déi Ried gehale gouf. An et war en Extrait vum Robert Gitzinger.

An d'DP huet d'Suerger deemools ganz kloer betount: viru Pensiounen, déi net méi bezuelt kënnen ginn, virun nach méi auslänneschen Aarbechtskräften, virun 500.000-Awunner-Staat, virum domat verbundene Verloscht vu Liewensqualitéit a – stellt Iech dat emol vir! – virum Verloscht vun eiser nationaler Identitéit.

(Brouhaha)

Dat war d'DP deemools!

Mme Corinne Cahen (DP) | Mir hunn eis national Identitéit net verluer!

M. Fred Keup (ADR) | An do waren der jo Verschiddener vun Iech warscheinlech dobäi. Mee d'Warnunge ware richteg! An den Här Gitzinger huet sech Gedanke gemaach iwwert d'Zukunft vun eisem Land, a seng Befierchtunge si wouer ginn! Mir hunn haut de 660.000-Awunner-Staat, also nach wäit iwwert deem, wat hie sech deemools konnt erwaarden.

Mme Corinne Cahen (DP) | Dat ass falsch!

M. Fred Keup (ADR) | Eis Liewensqualitéit ass massiv erofgaangen zënterhier.

Une voix | O!

M. Fred Keup (ADR) | D'DP hat Recht.

A vun eiser nationaler Identitéit, do dierf een net méi dervu schwätzen! Schonn eleng dat Wuert „Integratioun“ ass haut vun der DP verpöönt, wéi d'Madamm Cahen dat och hei an der Chamber scho gesot huet.

Mme Corinne Cahen (DP) | Dat ass total falsch, wat Dir do sot. Et deet mir leed, mee dat do, dat stëmmt net, an ech refuséieren, dass esou Saache gesot ginn, well dat ass falsch! „Verpöönt“ ass falsch!

M. Fred Keup (ADR) | Ech mengen net, dass Dir d'Wuert hutt, mee Dir sidd hei an d'Chamber komm an Dir hutt e puermol gesot, dass Integratioun haut net méi un der Dagesuerdnung wier, et wier elo amplaz vun Integratioun ...

M. François Bausch (déi gréng) | Här President, ech hunn ...

M. Fred Keup (ADR) | ... de Vivre ensemble, dat hutt Dir hei gesot, ...

Mme Corinne Cahen (DP) | Dir nennt dat, wéi Dir wëllt, an ech nennen et, wéi ech wëll.

M. Fred Keup (ADR) | ... , dat kënnen mer alles nosen an da weisen.

M. Claude Wiseler, Président | Madamm Cahen, Dir kënnt duerno e Fait personnel froen, fir eng Richtegstellung ze maachen, wann Dir dat da wëllt. Elo ass et um Här Keup.

M. François Bausch (déi gréng) | Här President, ech hunn eng allgemeng Fro. Wat ass eigentlech um Ordre du jour de Mëtteg?

M. Fred Keup (ADR) | Sou.

M. François Bausch (déi gréng) | Ech sinn nämlech duerjerneen. Ech weess net méi, wat um Ordre du jour ass.

M. Claude Wiseler, Président | Dir wësst ganz genau, wat um Ordre du jour ass. An den Här Keup schwätzt elo iwwert de Budget.

(Hilarité)

M. Fred Keup (ADR) | Kucke mer emol, wat Dir duerno alles esou ze zielen hutt! Dat gëtt jo vläicht interessant.

Une voix | Ganz bestëmmt!

(Hilarité)

M. Claude Wiseler, Président | Sou! Här Keup!

M. Fred Keup (ADR) | Voilà.

(Coups de cloche de la présidence)

E Fakt ass awer, dass dat, wat den Här Gitzinger deemools gesot huet, haut nach ëmmer aktuell ass. An duerfir soen ech haut, 2024: Mat deenen ongedeckte

Schecken op déi künfteg Generatiounen muss jiddefalls endgültig Schluss sinn. Sécher, eis Rente si bis an d'Joer 2040 ofgeséichert, mee duerno si se et net méi! A wéi wëlle mer dann d'Finanzéierung sécherstellen? Wëlle mer ëmmer weider auslännesch Aarbechtskräften an d'Land huelen, fir eisen demografeschen Defizit op sozialem Plang ofzedeecken? Sollen eng Kéier 1 Millioun, 1,2 Millioun oder nach méi Leit hei zu Lëtzebuerg wunnen? Ass dat, wann et iwwerhaupt machbar wär, wierklech wëschenswäert? Wat géif dat fir eis Liewensqualitéit a wat géif dat fir eis national Identitéit bedeiten?

Här President, d'Fro vum Wuesstum vum Lëtzebuerg, wat mir an 20 Joer gär hätten, ass zentral. Et ass déi wichtegst Fro fir Lëtzebuerg. Lëtzebuerg wiest a wiest a wiest. An ech hu grad och héieren, dass esouguer d'LSAP de quantitative Wuesstum och a Fro stellt.

Pro Joer krute mir duerchschnëttlech 12.000 Awunner bäi. Et ass e Wuesstem vum zwëschen 2 % an 2,5 % – absolutte Rekord an Europa! Ech mengen, op zweeter Plaz läit Schwede mat eppes ënner 1 %.

Eng einfach Héichrechnung ergëtt dann, wa mir esou weidermaachen, eng Steigerung vum haut 660.000 Awunner op am Joer 2050 daitlech iwwer eng Millioun Awunner. Etüde ginn dann och vum 1,1 oder 1,2 Milliounen Awunner oder änlech aus.

Et ass eigentlech net ze packen! An dee risege Problem mam onkontrolléierte Wuesstum, mat der Bevölkerungsexplosion, mat där grousser Immigration, déi een do huet, an all eis Problemer, déi mer am Fong hei hunn am Land, kommen dohier!

Zum Beispill déi extreem héich Wunnungspräisser. Well pro Joer sinn d'Präisser elo bis op déi lescht Méint, déi emol ewechgeholl, extreem geklomm an dat, obwuel immens vill hei am Land gebaut gëtt.

Meeschtens gëtt och méi kleng gebaut wéi fréier a manner schéi wéi fréier – mee bon! Mir kréie gesot, et wier keng Plaz méi do, mee et gëtt ganz vill gebaut, an et komme jo awer ganz vill Leit heihin.

Op där anerer Säit wunnen iwwer 50.000 Lëtzeburger hautzedaags am noen Ausland, hannert der Grenz. Iwwer 3.000 Lëtzeburger verloossen all Joer d'Land a wandere aus. Dat hu mer d'lescht Woch vum Statec gesot kritt.

Mat dem onkontrolléierte Wuesstum, wann dee sou weidergeet, wäerten d'Präisser, egal wéi, egal wat mir hei maachen, weider klammen. Et ass en normale Konkurrenzrock: méi Nofro wéi Angebot. An dann ass et normal, dass deen, deen e bësse méi Geld huet, sech duersetzt, an deen, deen e bësse manner Geld huet, dee gëtt erausgedrängt. Dat ass d'Situatioun hei an dat ass net hinzuhuelen.

Dann en zweete Punkt: de Verkéierskollaps, dee mer all Dag erliewen, an och vum eis hei der ganz vill, all Moien, an haut de Moien erëm. An dat ass natierlech och: Parallell zum Bevëlkerungswuesstum wiest jo d'Zuel vum eise motoriséierte Gefierer, déi mer brauchen! Vun 200.000 am Joer 1990 – dat war dann déi Zäit vum Här Gitzinger – op iwwer 500.000 haut. Pro Joer gëtt et hei am Land 10.000 Autoe méi. Dozou kommen awer och nach d'Autoe vum de Frontalieren. Déi Zuel, déi geet jo och immens an d'Luucht. Zu där Zäit vum der Ried, 1994, waren et 50.000 Frontalieren – haut sinn et der wäit iwwer 200.000.

An d'Verkéisersituatioun wäert sech esou weider dramatesch verschlechteren! Weeder den öffentliche Transport nach de Stroossebau kommen dem onkontrolléierte Wuesstum hannendrun! A wann ech d'Projeten hei héieren – vill Projeten, déi mir natierlech och ënnerstëtzen –, dann ass de Problem jo och, dass der ganz vill vum deenen enorm laang daueren.

Wa mer vun engem schnellen Tram op Esch schwätzen an dann iergendeppes kënn mat zweedausend an déi drësseg, fënnfandërseg, an duerno gëtt et jo nach méi spéit, da kann ee sech awer froen, wat alles falschleift, dass dat esou laang dauert. An ech ginn Iech e Beispill: Wéi 1859 hei zu Lëtzebuerg d'Eisebunn opgaangen ass – 1859! –, do hate se grad emol zwee Joer gebraucht, fir déi ze bauen. Si hate kee Kran, si hate kee Camion, si hate kee Bagger, se si mat Päerdschutsche gefuer. Zwee Joer hate se deemools gebraucht, a mir brauchen haut 15 Joer, fir eng Tramslinn op Esch ze bauen.

Den drëtten Problem, zesumme mat Wuesstum, ass d'Zoubetonéierung, d'Zerstéierung vum der Natur. Vun 1990 bis 2015 ass méi Terrain verbaut ginn, wéi an deene ganzen 100 Joer virdrun. Am Joer 1990 ware 4,3 % vum eise Territoire verbaut. Am Joer 2015 waren et 10 %. Haut si mer scho bal op 15 % – 2024. A bei 1,2 Milliounen Awunner wiere mir jo da bäi bal 30 % verbauter Fläch vum Lëtzeburger Land! Konsequenz: 80 % vum de Fiichtgebiddere sinn zerstéiert, just nach 2 % vum eise Baachen hunn anstänneg Waasser, d'Landwirtschaft verléiert ëmmer méi Terrain, well se verbaut ginn oder wéinst Kompensatiounsmoossnamen.

Véiertens, de Manktum un Infrastrukturen: Schoulen, Kliniken. Et feelt un Infirmieren, u Polizisten, u Léierpersonal, iwwerhaupt u Personal. Et feelt un Kläranlagen, Sportinfrastrukturen, Maison-relais, Gerichtssäll a sou weider. Firwat feelt et un all deem? Wéinst dem Wuesstum, wéinst der ëmmer méi staarker Awanderung.

An elo kommen der da mat der wansinniger Iddi: „Jo, da mussen mer nach méi wuessen. Da mussen mer nach méi Leit hunn, déi awandere.“ An dat muss der Iech virstellen! Dat sinn also Leit, déi wëllen de Problem mam Problem bekämpfen. De Problem, dee mer hunn duerch de Bevëlkerungswuesstum, soll also bekämpft gi mat nach méi Bevëlkerungswuesstum! Et deet mer Leed, mee et ass, wann een dat bis zum Schluss denkt, eigentlech verréckt.

A wann Dir gär als Regierung esou weiderfuert, oder déi aner Parteien, da muss der an den nächste 25 Joer alles verduebelen. An da geet dat, wat elo op déi nächst fënnf Joer geplangt ass, guer net duer! Dir muss alles verduebelen a 25 Joer, fir de Retard opzehuelen, dee mer hunn, a fir matzehale mam Bevëlkerungswuesstem. Verduebelen: Wunnengen, Schoulen, Geschäfte, Kliniken, Waasserversuerung, Offall, Sportshalen, Fussballterrainen, Stroossen, Schinnen, Kläranlagen, Léierpersonal, Polizisten. Alles verduebelen a 25 Joer! D'Autobunnsspuere verduebelen, Tram, Zuch an esou weider.

Wéi wëllt der dat maachen?! Ech kommen dorop zeréck: Wéi laang hu mer elo gebraucht fir eng Ëmgeungsstrooss vum Dippech oder vu Käerjeng? Wéi ass et mat där vum Hesper? Do héiert een näischt méi dervun. Wann déi eng Kéier vläicht elo decidéiert gëtt, dann dauert dat vläicht zéng Joren, bis déi fäerdeg ass.

Ech mengen, mat deem Rhythmus do ass et einfach net méiglech, matzehale mat deem Bevëlkerungswuesstum, dee mir aktuell hunn. An dee ganze Wuesstem geet doriwwer eraus op Käschte vum eise Zesummeliewen. En Zesummeliewen, wat mol an der Zäit hei besser ginn ass wéi haut, wat verschwonnen ass. A wuer ass dann dat Lëtzebuerg hin, wat mer fréier vläicht kannt hunn, an och dat, wouvun d'DP 1994 vläicht geschwat huet?

An de Combel ass: Trotz dem Wuesstum hu mer immens vill Leit hei an der Aarmut liewen! Ënnert der Aarmutsgrenz oder just driwwer. Dat heescht, dass

deé, déi behaupten, de Wuesstum wier wichteg, well dee géif eis räich maachen, déi léien! Vill Leit sinn trotz Wuesstum aarm. De Wuesstum mécht net räich; op d'mannst emol e gudden Deel net.

An de Statec huet dat schonn 2018 gesot an enger Etüd. Den Titel war „Croissance : pro pauvres ou pro riches ?“. An d'Zitat, d'Konklusioun vum Statec war: „La croissance économique : [...] ?“, bon, déi geet jo zesumme mat der Croissance démographique, „Sur les treize années passées en revue dans cette étude, les fruits que la croissance économique a déversés sur les ménages, a globalement favorisés les plus aisés. La croissance était donc pro-riche !“

Et ass am Fong ganz schlëmm, dass mir hei ganz villes opferen, fir dee Wuesstem matzemaachen, a ganz vill Leit kënnen net dovunner profitéieren.

Léisungsvirschléi: „Elo baue mer Wunnengen.“ Jo, wéi vill baue mer der dann? A wouhin? A fir wien? A mat wat? Ech hoffen, dass mer dat maachen, awer net nëmmen, fir Wuesstum ze generéieren, mee och fir déi Leit, déi schonn hei sinn!

D'Schoule packen et net méi mat der Immigration. Den Niveau gëtt erofgesat, d'Schoul gëtt zersplittert – ech kommen drop zeréck.

Elo sollen d'Leit aneschtens wunnen: Héichhaier, Appartementer, ouni Parking, Kollektivparken, wéineg Privatsphär, keng eege Garage méi; eppes ganz Schlëmmes anscheinend. Mir widderhuele Feeler, déi an anere Länner scho gemaach gi si virun 30, 40 Joer. Et ass en immense Verloscht vum der Liewensqualitéit, déi hei zu Lëtzebuerg stattfënn, wann der vergläicht mat de Generatiounen virun eis an de Generatiounen, déi elo kommen.

An da komme mer nach zu där Manie, fir ganz vill CO₂ wëllen anzespueren hei zu Lëtzebuerg. An och am Budget ginn erëm Milliounen a Milliounen dofir ausgin, fir CO₂ anzespueren. Mee wann der wëllt CO₂ aspueeren, wann der wëllt d'Natur schützen, da ginn ech Iech de gudden Rot: Fänt hei am Land un a brems de Wuesstum! Méi Bevëlkerungswuesstum – méi CO₂. Dat ass jo awer logesch. A wou ass dann d'Logik, fir wëllen de Leit allméiglech Zwäng opzeerleeën an e groussen Deel vum hire Suen ewechzehuele fir CO₂-Moossnamen, an dann op där anerer Säit de Wuesstum stoen ze loossen, deen ëmmer méi CO₂ produzéiert?

Nach e Beispill aus der Zeitung, hei aus dem „Lëtzeburger Wort“ d'lescht Woch. Et geet iwwer d'Stad Lëtzebuerg, d'Gemeng Lëtzebuerg. „Mobilité: Nur drastische Maßnahmen helfen“. „Drastische Maßnahmen“ mussen mer huelen. Firwat? „In etwas mehr als zehn Jahren könnten 180.000 Menschen in der Stadt Luxemburg leben.“ Méiglech. „Der Autoverkehr muss reduziert werden.“ Jo, et ass elo scho Kollaps, an do brauch ee keng hellseeëresch Fäegkeeten. Da missten drastesch Moossnamen ergraff ginn. An de Journalist schléit vir, dann eng Vignette fir Autoen ze maachen.

Mee de Punkt ass ganz einfach deen, dass och an der Gemeng Lëtzebuerg ... Och an der Stad Lëtzebuerg gesitt der ganz gutt: Wat der méi Leit hutt, wat der méi Autoen hutt, wat der méi Problemer hutt. An duerno muss jiddwereen drënner leiden. Da maache mer eng Vignette an da kommen déi, déi et net méi kënnen bezuelen, och net méi an d'Stad.

Fir mam Thema Bevëlkerungswuesstum ofzeschlëssen, wëll ech awer hei kloer soen – net dass dat elo falsch verstane gëtt –: D'ADR ass net derfir, de Bevëlkerungswuesstum ze stoppen. Nee, mir brauchen natierlech fir eis Wirtschaft, fir eis Finanzplaz héichqualifizéiert Aarbechtskräften. Mir wëllen de Bevëlkerungswuesstum bremsen, fir aus dem onkontrolléierte

Bevölkerungswuesstum e kontrollierte Bevölkerungs- wuesstum ze maachen, deen eist Land stemme kann an dee verantwortungsbewosst un d'Zukunft vun eise Kanner denkt.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Très bien!

M. Fred Keup (ADR) | Ech kommen op d'Zuele vum Budget hei zeréck. An do geet et ëm den Defizit. Mir hu gesinn: eng Milliard Euro Defizit trotz Wuesstum, a fir déi nächst fënnf Joer ass och alljoers erëm eng Milliard Defizit virgesinn. An et war jo ugekënnegt ginn, et géif gespuert ginn. Dat ass gesot ginn, mee dat stëmmt awer net. Dat heescht, et ass eppes gesot ginn, wat net agehale ginn ass. Et ass also eppes gesot ginn, wat sech iergendwéi net duerno realiséiere konnt.

Op jidde Fall huet och de Rechnungshaff, also d'Cour des comptes – fir eng neutral Institution ze nennen –, jo festgestallt, dass keng Erspuernerisse hei ze gesi sinn. Et ass eeben och vläicht nach ze fréi. Mir si virun de Walen, an do mécht een net gäre, Erspuernerisse an engem Budget.

Keng Spuermoossnamen. De Gambia-Budget vun de leschte Jore gëtt am Fong einfach weidergefouert. Bon, et kann ee soen: „Et ass en Iwwergangsbudget.“ Jo, mengetweegen. Mee et ass awer trotzdeem och e Manktum u Courage.

An elo héieren ech dann och – an dat ass jo och schon oft gesot ginn –, dass eng Steuerreform virgesinn ass. A mir haten hei eng Motioun den 1. Februar dëst Joer. Do ass eng Motioun erabruucht gi vun DP-CSV, an déi ass och vun hinne gestëmmt ginn. An an där Motioun geet et ëm d'Steuerreform. An där Steuerreform soll follgend passéieren, laut där Motioun, do solle follgend Kategorië vu Leit dovunner profitéieren, also méi kréie wéi bis elo: „les ménages à revenus modestes“, also déi méi Aarm, „les familles monoparentales“ an „les classes moyennes“, also d'Mittelschicht.

Summa summarum mécht dat do ongeféier 90 % vun de Leit hei am Land aus, géif ech emol schätzen. Déi 90 % sollen also an enger Steuerreform, laut dëser Motioun, déi hei gestëmmt ginn ass, besser ewechkomme wéi bis elo.

Elo musst Der awer emol erklären, wéi et méiglech ass, wann Der fënnf Joer hannerteneen alljoers 1 Milliard Defizit maacht, datt Der wëllt eng Steuerreform maachen, wou 90 % vun de Leit hei am Land eppes gewannen. Dat ass d'Quadratur vum Krees. Ech loosse mech gäre iwwerraschen. Wann Der dat faerdegbréngt, ouni grouss Scholden ze maachen, da maachen ech och hei ganz gären Applaus derfir – mee ech gleewen net wierklech drun.

Da kommen ech zu der Scholdegrenz. Och de Moien huet den Här Minister doriwwer geschwat an ech wollt do nach eng Kéier eebe froen, ob d'Regierung bereet ass, iwwert déi 30 % ze goen, déi jo och elo virdrun hir diskutéiert gi sinn. Wat fir e Risiko dat fir e klengt Land fir Lëtzebuerg géif bedeiten. Well et gëtt nun emol keng Sozialpolitik, keng Steuerreform, keen Index, keng anstänneg Gesondheetspolitik, wann d'Keesen eidel sinn.

D'ADR wëll dowéinst géintwuer all deenen anere Parteien e kloert Zeeche setzen. Mir si prinzipiell fir eng Scholdebremms an der Verfassung. Dat geet anscheinend net, mee eng gesetzlech Scholdebremms, déi bei maximal 30 % vum Bruttoinlandsprodukt läit, géife mer ganz gären hei am Land gesinn.

Fir verschidde Leit ass den Triple-A keng Mussesaach méi an dës Leit spillen an eisen Aen och dowéinst mam Feier. Si huelen aner Länner als Beispiller a behaupten, datt een och do mat ville Scholden nach

kéint eng gutt Notatioun kréie vun de Ratingagenturen. Mee fir Lëtzebuerg sinn esou Theorien oft liichtsënneg, onverantwortlech, well am Verglach mat anere Länner si mir ganz kleng a mir si wäit méi verletzlech wéi déi aner. A mir dierfen den Triple-A net verléieren, well dat hätt immens Konsequenzen op eis Wirtschaft a besonnesch op eis Finanzplaz.

En anere Punkt ass d'Aarmut hei am Land, a ganz besonnesch och déi Aarmut bei Kanner a Familljen. A mir mussen eis d'Fro als Gesellschaft, als Politick stellen: Wéi wichteg sinn eis Kanner, wéi wichteg sinn eis Familljen? A wa mir da vu Kannerarmut schwätzen, dann ass dat jo eigentlech d'Aarmut vun de Familljen, och vun den Elteren.

A wann een déi Zuele kuckt, déi allgemeng Entwécklung, da kënnt een zur Konklusioun, dass d'Kanner an d'Famill eigentlech missten am Zentrum vun eisen Entscheedunge stoen – si stinn do awer iergendwéi net esou richteg. A mir hunn hei zu Lëtzebuerg, mee och an anere Länner am Moment eng Kris vun der Famill, an der ganzer westlecher Welt, an hire Stelleväert huet an de leschte Jorzéngte massiv ofgehol. En ass net méi dat, wat en eng Kéier war. An et geet esou wäit, dass och dat traditionellt Familljebild souguer negativ konnotéiert gëtt, an am Endeffekt sinn d'Kanner jo déi Leidtragend. Wann iwwerhaupt nach Kanner do sinn!

Zu Lëtzebuerg läit d'Zuel vu Kanner pro Fra méttlerweil bei 1,25. Dat ass den niddregsten Taux vun allen Zäiten. 1,25 Kanner pro Fra! Dat ass ... Normalerweis brauch een iwwer zwee, fir dass d'Bevölkerung stabil bleift.

(Interruption)

A vill Jonker zécken, fir Familljen ze grënnen, oder si hu keng Méiglechkeet, well hinnen déi finanziell Mëttel dozou feelen. An déi, déi der kréien, falen oft an eng Aarmut. Do kommen ech och op ganz beonrouegend Zuelen zeréck a mir soe ganz kloer: Mir mussen d'Famillje méi ënnerstëtzen. An et kann net sinn, dass de Fakt, dass een zu Lëtzebuerg eng Famill grënnt a Kanner kritt, en Aarmutsrisiko bedeit!

(Interruption)

Et kann net sinn, dass déi Jonk, déi hei mat eis am Land opwuessen, keng Méiglechkeet gesinn, eng Famill mat Kanner an hirem Land ze grënnen. Do muss mer eis dergéint wieren.

Fir zwee Elteren am Stot läit den Aarmutsrisiko fir Persounen ouni Kanner bei 12 % a bei Famillje mat dräi Kanner läit e bei 42 %. An dat ass emol net dëser Regierung hir Schold, mee et ass och deene vu virdrun hir Schold, an och deenen hir, déi sech elo hei déck opreegen iwwert d'Aarmut, an dass net genuch anscheinend dergéint gemaach gëtt.

Mee et ass op jidde Fall fir Lëtzebuerg eng Blamage! An dat trotz dem Megawuesstum, deen eis jo anscheinend soll Räichtum bréngen. An, ech mengen, do muss mer usetzen. Mir hunn dat schonn hei gefuerdert. Mir mussen méi maachen. Mir mussen d'Suen do asetzen, méi héicht Kannergeld, d'Staffellung vum Kannergeld, en Elteregeld aféieren, fir déi Elteren, déi doheem kënnen bleiwen, fir Kanner selwer ze versuergen. Domadder kréien d'Elteren eng reell Méiglechkeet, fir doheem bei hire Kanner ze bleiwen. Si kréien de Choix; dat ass gutt fir d'Familljen.

Wat d'Steuerreform ugeet, si mer géint eng Individualiséierung, déi zu Laaschte vun de Famillje géif falen. Dat geet guer net. A mir si ganz sécherlech fir punktuell Erliichterungen och fir Persounen, déi a steierlech schwierige Situatiounen sinn, wéi Wittleit oder Persounen, déi eleng Kanner erzéien. Dozou kënnt jo dann nach vläicht eppes an den nächste Méint.

Als ADR wëlle mer op jidde Fall eng Politick, déi d'Wuel vun de Kanner an den Zentrum vun eisen Entscheedunge stellt.

Mir hu vill iwwert d'Aarmut elo geschwat, déi engem Land wéi Lëtzebuerg sécherlech onwierdeg ass. Et ass allerdéngs och esou, dass en Deel dovunner net onbedéngt direkt aus eise Land selwer kënnt, mee et ass e Problem, dass och d'Aarmut aus dem Land, aus dem Ausland, pardon, op Lëtzebuerg am Fong immigréiert. An dat gesäit een an allen europäesche Länner, wéi zum Beispill hei déi Zeitung „Die Zeit“, wat jo elo éischter eng Zeitung ass, déi, mengen ech, méi lénks steet, déi awer schreift: „Die Kinderarmut in Deutschland ist angestiegen, und zwar zuletzt überwiegend durch starke Zuwanderung besonders minderjähriger Flüchtlinge.“

Also d'Immigratioun, pardon ... D'Aarmut an d'Kannerarmut sinn och zu engem groussen Deel am Fong importéiert. An an deem Kontext wier et vläicht emol gutt, wann een – zemoos an engem Land wéi Lëtzebuerg, wou mer esou vill Migratiounen haten an hunn, a sécher wäerten hunn – méi iwwert dat Thema Migratioun géif schwätzen, wann ee méi Etüden hätt iwwert alleguer déi Konsequenze vun deene verschidde Migratiounen, déi mir hei am Land hunn. An doriwwer géife mer gären hei e puer Wieder soen.

Ufank des Jores kouw eng Etüd eraus iwwert déi finanziell Repercussiounen op de Staat vun der Migratioun, an zwar an Holland. An déi huet et e bëssen a sech, well se optraut mat enger Partie Mythen, déi leider nach ëmmer hei an Europa, besonnesch zu Lëtzebuerg, leider verbreet sinn. Do ware ganz renomméiert Migratiounsfuerscher aus Holland, dorënner de Gerrit Kreffer, déi hunn eng Etüd gemaach: Follge vun der Immigratioun fir déi öffentlech Finanzen. An d'Resultater vun dëser Studie goufen och europawäit vu ville Migratiounsfuerscher, besonnesch op däitschen Unien, bestätegt. Et ass also net aus der Loft gegraff. Dat, wat ech elo hei soen, ass tatsächlech esou.

Allgemeng kann een d'Resultat folgendermoosse resüméieren: Stand haut, an ouni Ännerung vun der aktueller Politick, ass d'Immigratioun fir Holland an och fir vergläichbar Länner a Westeuropa ganz deier. Et ass en Negativgeschäft.

Eng europäesch Gesellschaft, déi sech auszeechent duerch weening Gebuerte vu Kanner, gëtt bei enger gréisstendeels onkontrollierter Immigratioun éischter belaauscht wéi gestärkt. Op änlech Konklusiounen, kënnt Der nokucken ... Fir Däitschland ass zum Beispill scho virdrun och eng Etüd vun der Uni Freiburg komm.

De Punkt ass: D'Repercussiounen op de Budget vum Staat hänke ganz staark vum Hierkonftsland vun der Persoun of an och vun der Aart vu Migratioun. Ass et Asylmigratioun oder ass et Aarbechsmigratioun?

An d'Etüd huet iwwerens ... Dat ass och ganz interessant, déi ass ganz wäit gaangen. Déi huet net nëmme déi éischt Generatioun mat abezunn, mee och déi zweet Generatioun mat abegraff, fir ze kucken, wéi och laangfristeg den Impakt ass vun der Migratioun.

An ech wëll och hei ausdrécklech soen, dass dat heiten objektiv ass. Et geet hei net ëm eng subjektiv Warneemung. Ech mengen, déi eng Leit hunn eebe gäre vill Immigratioun, aner Leit hunn eebe vläicht gäre manner Immigratioun mat abezunn, subjektive Grënn. Dorëms geet et net. Hei geet et einfach objektiv drëms, wat fir Konsequenzen d'Immigratioun op de Staatsbudget huet.

An déi konkreet Resultater sinn net verwonnerlech: Wann Awanderer kommen aus Nordamerika, Westeuropa, Japan, Australien, also Aarbechtsmigranten, da bréngt dat e Plus fir d'Staatskeess. Op där anerer Säit, en Asylmigrant aus Afrika kascht den hollännesche Staat am Duerchschnitt – an do ass alles matgerechent, och déi zweet Generatioun – 625.000 Euro ënnert dem Stréch.

Do gëtt et grouss Ënnerscheeder zwëscht de Länner. Déi hollännesch Etüd huet dat genee no Land opgeschlëselt. Mee Fakt ass, deemno vu wou den Immigrant kënt a wat seng Motivatioun ass, bedeit et fir de Staatsbudget: fir déi eng e Plus vu 600.000 Euro a fir déi aner e Minus vu 625.000 Euro. Pauschal ze soen also, dass d'Migratioun hei finanziell eisem Staat guttdeet, ass net richtig. Et gëtt déi eng an et gëtt déi aner an et muss een et differenzéieren!

An dat Argument, dass jonk Asylmigranten eis Sozialsystemer an eiser Gesellschaft, déi ëmmer méi al gëtt, géife stabiliséieren, dat gëtt an der Etüd och als Mythos duergestallt, deen absolut net géif stëmmen, an dat bezitt sech natierlech haaptsächlech op déi Perioud no 2015. Virdu war et eng aner Situatioun.

An ech soen dat hei, well Der dann och verstitt, firwat déi meescht Länner op der Welt eng selektiv Immigratioun bedreiwen, bal alleguer d'Länner, wou se soen: „Mir huelen Talenter, mee mir huelen net déi, déi méi kaschten.“ Dat mécht bal all Land op der Welt!

An als ADR soe mer och ganz kloer: Wéini kann een immigréieren? Ma wann een eng eegen Existenz kann ofsécheren, well mir wëlle ganz kloer keng Awanderung an eis Sozialsystemer.

Une voix | Très bien!

M. Fred Keup (ADR) | An dofir ass et fir eis kloer: Mir maache gär Schluss mat der Immigratiouns- an Asylpolitik vun der Regierung vu virdu, an elo hei, esou wéi et ausgesäit, gëtt déi jo weidergefouert. Et soll nëmme nach dee Schutz kréien, dee wierklech Schutz brauch, an nëmme nach esou laang en och Schutz brauch!

Une voix | Très bien!

M. Fred Keup (ADR) | Mat eis gëtt et keng europäesch Verdeelungsmechanismen a keng illegal Immigratioun aus ekonomesche Grënn.

Déi drastesch Ännerungen, déi mir an der Asyl- an Immigratiounspolitik géife virhuelen, géife schonn a relativ kuerzer Zäit vill Foyere fräimaachen, déi an deene leschte Joren opgebaut goufen. Déi kéint een da fir eppes anescht benotzen. Eng Rei Foyere géife mer natierlech weider och fir Demandeurs de protection internationale benotzen, well mer wëllen deene Leit, déi wierklech Schutz brauchen, jo och Asyl ginn. Och d'ADR steet zum Asyl. Awer mat eiser Politik géifen och vill Plaze méi séier fräiginn.

Nach ee Punkt vum Budget, wat dat doten ugeet, da géife mer och 66 Milliounen spueren: De Lëtzebuerger Staat, de Familljeministère, gëtt pro Joer 66 Milliounen aus fir Sécherheetsdëngschter an Asylheemer. 66 Milliounen fir Sécherheetsdëngschter! Ech hu mech einfach gefrot: Wie schützt eigentlech do wie viru wien?

Déi massiv Immigratioun ass natierlech och de Grond fir déi héich Wunnengspräisser, dat hunn ech scho gesot. Wann een déi histoersch Entwécklung vergläicht vun Immigratioun a Wunnengspräisser, gesäit een eng kloer Korrelatioun, eng Kausalitéit. An d'Situatioun, déi mer am Moment hunn, ass déi, an do kommen ech op d'Wunnengsproblem: Déi besteet haaptsächlech doranner, dass vill Lëtzebuerger

a Jonker, déi hei am Land opgewuess sinn, d'Land musse verlossen! Si ginn zu Emigranten. E Lëtzebuerger, wat elo Joren, joerzëngtelaang, Leit ugezunn huet, wou Leit heihinner komm sinn, huet op eemol Leit, déi fort musse goen, déi zur Emigratioun gezwonge ginn.

Mir hunn also op där enger Säit eng Immigratiounskris, déi mer net maîtriséieren, an eng Emigratiounskris, déi mer net kënnen verantworten. Wa mer also mëttelfristeg wëllen déi Kris léisen, da musse mer d'Politick vum Wuesstum änneren.

Elo kuerzfristeg geet et drëm, déi aktuell Zënsekris ze meeschtieren, mat hannendrun der Baukris, déi sech elo ugedeit huet an déi och Realitéit ginn ass, zum Deel. An do si mer, an dat soen ech kloer, als ADR och op der Säit vun der Regierung. Vläch net honnertprozenteg bei allem, mee déi Moossnamen, déi do elo virgesi sinn, kënnen mer zu engem ganz groussen Deel ënnerstëtzen.

Et kann ee weider nach iwwert de Logement schwätzen, do mengen ech, gëtt et nach aner Geleeënheeten derzou. Vläch nach zwee, dräi Punkten, déi och ganz interessant sinn. Deen éischten ass: Mir mussen eis bewosst sinn, dass d'Bauen hei am Land ëmmer méi deier ginn ass, och wéinst deenen ëmmer méi staarke Reguléierungen, Stéchwuert „Ëmweltoplagen“. An dat mécht et och ëmmer méi schwierig.

A mer mussen och soen, a wann ech duerch d'Land fueren, ass dat einfach elo eng Beobachtung: Ech stelle fest, dass ganz vill Haiser och ofgerappt ginn! Ech froe mech ëmmer, wéi et méiglech ass, dass an engem Land, wou anscheinend esou eng grouss Wunnengskris ass an all Wunneng feelt, iwwerhaapt eng Wunneng ofgerappt gëtt. Dat emol als Klammer esou gesot.

Schoulen. Et ass gesot ginn: Mir hunn ëmmer méi Schüler. Ëmmer méi Bevëlkerung, ëmmer méi Schüler, d'Zuele wuessen. Am Lycée hu mer all Joer 1.500 Schüler méi, an der Primärschoul all Joer 800 Schüler méi. Dat ass enorm! Dorobber muss ee reagéieren. An dat ass ganz schwierig. Et feelt u Personal, et feelt u ville Plazen u Gebailechkeeten, et feelt och u Méiglechkeeten, fir deem gerecht ze ginn an der Schoul selwer.

Dräi Punkte wollt ech hei aus dem PNR eng Kéier kuerz analyséieren. De PNR, dee schreift do dräi Ziler, déi sollen erreecht ginn elo an eiser Schoul, mat der aktueller Politik. An dat huet mech dach awer gewonnert, well déi Ziler, déi stinn zwar am PNR, mee eigentlech erreeche mer am Moment de Contraire.

Dat éischt, dat ass, do steet, et wier eng „égalité dans le système éducatif“ ugestriift. Égalité! Do stellen ech fest: Et ass absolutt de Contraire! Mir bauen ëmmer méi Europaschoulen, déi ëffentlech sinn, an an den ëffentlechen Europaschoule maacht Der Är Première mat 18 Joer, Dir hutt ee Joer manner Lycée, Dir hutt ee Joer manner Schoul wéi an der normaler, traditioneller, ëffentlecher Schoul, wou Der Är Première mat 19 Joer maacht. Ech fannen et extreem bedenklech, wann ee seet, et wëllt ee fir d'Égalité dans le système éducatif sinn, an dann huet een déi eng Schüler, déi brauchen ee Joer manner ze maache wéi déi aner, a kréien dann en Diplom, dee genau dat nämmlech wäert ass. An da wonnert et och keen, dass op eemol, wéi elo gëschter erauskomm ass, zu Jonglënster deen traditionelle Modus emol guer net méi ugebuede gëtt. Do gëtt et keng Septième classique méi, keng Septième générale méi. Do gëtt et mëttlerweile quasi just nach d'Europaschoul. Jo, dat ass dann d'Loi du moindre effort. Et geet een natierlech dohinner, wou et méi einfach ass, an et geet een och dohinner, wou et méi schnell geet.

An dann een anere Punkt, deen drasteet: Mir hätte gären eng plurilingual Schoul. Dat steet dran. A wat

geschitt? Jo, just de Contraire! Mir haten eng immens plurilingual Schoul, wou all Kand op e relativ anstännegen Niveau bruecht ginn ass, am Franséischen, am Däitschen, am Engleschen, am Lëtzebuergeschen. Méi méisproocheg geet et net méi! All Land op der Welt huet eis bewonnert fir eise Schoulsystem. An elo hu mer deen ëffentlech-europäesche Modell, wou d'Sproochen op eemol manner wichteg ginn. An Dir wäert gesinn, déi, déi do erauskommen, hunn an deene Sproochen net dee selwechten Niveau wéi déi, déi ëmmer aus dem Lëtzebuergeschen ëffentleche System erauskomm sinn. An do gesi mer also, dass hei eng Politik gemaach gëtt, déi am Fong géint d'Méisproochegkeet geet.

An da steet nach dran: inklusiv. Inklusiv heescht zesummen. Och do ass et de Contraire, dee geschitt, schon eleng bei deenen Europaschoulen, duerch déi Trennung, déi stattfënt. Mee elo ass et jo och ugeduecht, fir schonn an der Primärschoul d'Kanner ze trennen, eng Kéier, dass déi eng an eng däitschproocheg Klass ginn an eng Kéier déi aner an eng franséischproocheg Klass. Dat wäert dann am Endeffekt nom Migratiounshannergrond geschéie respektiv no der Nationalitéit. An dann hu mer alles anescht ersuecht wéi Inklusivitéit. Dann hu mer Exklusivitéit erreecht, an ech mengen, dat ass genee de Géigendeel vun deem, wat hei am PNR drasteet.

A mir als ADR wëllen dat alles net. Mir hätte gären eng staark ëffentlech traditionell Schoul. Mir hätte gär sozial Kohäsion, Integratioun, d'Kanner zesummen, net getrennt an der Schoul. Dat ass eis wichteg fir eis Gesellschaft an Zukunft.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fred Keup (ADR) | E puer Punkten nach. Een, deen nach net ugeschwat ginn ass, mee wou ech mer awer e ganz grouse Pleséier maachen, fir et ze maachen, ass den Horeca-Secteur. An do wollt ech op ee Punkt agoen.

2014, dat ass zéng Joren hier, ass d'TVA a Restaurants a Caféen op Wäin a Béier eropgesat ginn, an zwar vun 3 % deemools op 17 %, also eng enorm Steigerung. An dat muss ee sech emol virstellen an Zäiten, wou Caféen ausstierwen, wou Restaurants et ëmmer méi schwéier hunn, dass een esou eppes gemaach huet! Dat war deemools och nach ee Joer nom Fëmmverbuet an de Caféen, dat och seng negativ Repercussiounen hat.

An ech mengen, dat ass immens schued, well et ass wichteg, dass mer Wiertschaften hunn, wou d'Leit sech treffen, wou d'Zesummeliewe stattfënt. An et ass extreem traureg, dass mer haut hei am Land Gemengen hu vu 6.000, 7.000 Awunner, wou Der mol keng eenzeg Wiertschaft méi fannt. An ech mengen, dass et wichteg wier, op deem konkreete Punkt eppes ze maachen. An am meeschte géife mer et begréisen, wann déi TVA erëm op en akzeptabelen Taux kéint erofgesat ginn, beispillsweis op 6 %. Dat kéim de Caféen an de Restaurants zegutt, et kéim de Clienten zegutt, et kéim eise Wénzer a Brauereien zegutt an et kéim der ganzer Gesellschaft zegutt.

Dann, Här President, geet et ëm d'Spueren. Jo, et kann ee bei den Ausgabe viles maachen. Mir hätten do eng ganz Partie Virschléi, déi mer elo nach guer net hei héieren hunn. An d'Spueren ass natierlech e politesche Choix. Et gefält net jiddwerengem, mee et gëtt Plazen, do kann ee sécherlech spueren, an och vill spueren.

An d'Fro, déi ee sech ka stellen: Kënnen mir eis et erlaben, an Zäite vu Scholde wäit iwwert dat, wat an internationale Konventiounen steet, erauszegoen? Mir mat eise grouse Problemer hei? An ech schwätzen do iwwert déi Suen, déi mer alljoers ausgi fir

d'Entwicklungshëllef, d'Entwicklungszusammenarbeit, déi aktuell bei 600 Milliounen Euro läit, an et kennt nach eng ganz Partie derbäi, wat mir net urchase loosse.

A mir sinn der Meenung, dass mer do och bei 0,7 % vum Bruttonationalakkommes gutt bedénkt wären, esou wéi dat decidéiert gi war 1992 zu Rio, an dass mer alles géife matrechnen, wat een och vun der OECD an esou weider ka matrechnen. An da kéint een aner Weeër goen, Handelsrelatiounen opbaue mat den Entwicklungslänner, déi een da géif verbessere. Et gétt wierklech méi intelligent Weeër wéi dat doten.

Par contre hu mer gesinn, dass d'Regierung gäre méi an d'Hëllef fir humanitär Katastrophen investéiert. Do si mer ganz sécher mat derbäi, well wann iergendwou eng grouss Katastroph geschitt, dann ass et sécherlech un eis, fir dann och esou gutt wéi méiglech ze hëllefen.

Spuere kann een och ganz vill Geld bei der Immigration- an Asylpolitik, doriwwer hunn ech scho geschwat.

Da kéint ee ganz vill spuere bei enger ganzer Partie ideologeschen Instrumenter, déi mir hei an de leschten zéng Joer geschaf hunn, déi vun der Gambia-Regierung deelweis geschaf goufen. Mir hunn immens vill – ech soen dat elo mol esou, wéi ech et och denken – sougenannt „Netregierungsorganisationen“, déi awer vun der Regierung finanziert ginn, fir Politik ze maachen. An ech mengen, vu dass et Netregierungsorganisatione sinn, kéinten déi och ganz gutt iwwerliewen ouni Gelder vun der Regierung, ergo vum Staat.

Da gesinn ech zum Beispill, dat hu mer zesummegerechent, Sensibiliséierungscampagnen, Publicitéitscampagné vum de Ministère: 33 Milliounen an engem Joer! Wansinneg vill.

Da misst een eis Kontributione bei internationalen Institutione genee kucken. Do misst een erëm méi Kontroll hunn. Et muss novollzéibar sinn, wou d'Suen hignn.

Da Subventionen an international Klimafongen, wou kee Mënsch weess, wou d'Suen hignn. Ech mengen, mir hu jo alleguerten och scho mol Kontakt gehat mat Leit aus méi aarme Länner. A wat ech op jidde Fall feststellen – net nëmmen ech, et si vill Leit, déi mer dat scho gesot hunn –: Déi wësse jo mëttlerweil, wéi d'Masch fonctionéiert! Si kommen a si soen automatesch: „Mir hu riseg Problemer mam Klimawandel!“ An hir Konklusioun ass: Dir musst eis ganz vill Geld ginn! An dat ass dat, wou et e bëssen drop erausleef. An ech mengen, do muss een oppassen, wou d'Gelder hignn, wann ee se dann dohinner gétt.

Op jidde Fall wier et fir eis absolutt wichteg, fir en equilibréierte Budget op den Dësch ze leeën. A fir en equilibréierte Budget op den Dësch ze leeën, brauche mer Einnahmen. Mir hunn Einnahmen, déi ganz wäertvoll sinn. Zum Beispill hu mer déi vum Tubak a vum Bensinn. Den Tubak bréngt eisem Land pro Joer 1 Milliard Euro, de Bensinn, Tanktourismus, bréngt eisem Land pro Joer 1 Milliard Euro. Dat ass fantastesch! Et geet gutt, et geet schnell, mir mussen net vill maachen derfir an d'Sue kommen eran. A wéi mer gesinn hunn, brauche mer déi Suen onbedéngt.

Mir hunn awer festgestallt, dass d'Einnahmen do erofgi respektiv an eisen Aen net esou héich sinn, wéi se misste sinn. An dat ganz einfach, well verschidden Nopeschlänner, notament d'Belsch, de professionellen Diesel agefuert hunn a si doduerch e bësse méi bëlle ginn si wéi mir. Wat e Problem ass, well dann tanken d'Camionen, an déi tanke jo vill, net méi bei eis, mee éischter an der Belsch!

A vu dass mer dat ännere wëllen an déi Suen och wëhlen hei zu Lëtzebuerg halen, well mer se brauchen, hu mir an dësem Sënn eng Motioun, déi mer wëllen ofginn.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci.

M. Fred Keup (ADR) | Wannechgelift.

Motion 3

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest, dass

– den Transportsektor duerch déi héich Kraaftstoffpreiser ënner staarkem finanziellem Drock steet,

ass sech bewosst, dass

– d'Betriben bei eise Belschen a franséischen Nopere vum professionellen Diesel profitéieren;

– ëmmer méi Camionen am Ausland amplat zu Lëtzebuerg tanken, wouduerch déi entspreche Steierreceten aus dem Tanktourismus verluer ginn;

– den nationale Sektor mëttelfristeg gezwongen ass, dës Zousatzkäschten un d'Clientë weiderzerechen, wat zu enger staarker Präischausse fir d'Konsumente géif féieren,

fuert d'Regierung op,

– zu Lëtzebuerg de betribelchen Diesel nom Belschen a franséische Virbild anzeféieren an dobäi sécherstellen, dass de Präisniveau zu Lëtzebuerg doduerch méi niddreg gétt wéi an eisen Nopeschlänner.

(s.) Fred Keup.

Sécherheet. Sécherheet, e wichtige Punkt. An d'Madam Aehm hat och d'Sécherheet ugeschwat. An zwar, an dat ass jo interessant, am Kontext vum Standortfaktor fir eis Wirtschaft. A wie Lëtzebuerg wëllt promouvieren, wie wëllt Talenter heihinner op Lëtzebuerg kréien, dee muss onbedéngt un der Sécherheet schaffen. Also, et geet net nëmmen ëm déi Leit, déi hei wunnen – och déi hunn e Recht op Sécherheet –, mee och ëm déi, déi heihinner solle kommen. Well déi kucken dat ganz genee an dat ass fir déi ganz wichteg.

An de Moien hate mer nach den Här Rassel vun der Fedil um Radio, dee gesot huet, mir hätten eng Guerre des talents. Ma déi kucke sech dat Land ganz genee un, wou se hignn, an d'Sécherheet zielt fir déi ganz staark. An ech kann Iech eppes soen: Wa se hei zu Lëtzebuerg op der Gare ukommen, wann dat hinne sollt passéieren, da gi se ee Meter virun d'Gare an da mierke se eppes ganz schnell: An dësem Land gétt keng Sécherheetspolitik bis elo gemaach! Ech hoffen, dass dat nach kennt.

E klengt Wuert nach zur Energie. Absolutt wichteg ass fir eis, dass d'Energie sécher ass an dass se bëlle ginn ass. Zwou Saachen: D'Energie muss sécher sinn a si muss bëlle ginn! Dat ass eist Zil.

Den Här Frieden hat d'Atomkraft virgeschloen elo virun e puer Wochen. Jo, an duerno ass en awer op eemol halbhaerzeg zrëckgeruddert. D'DP huet e bësse Kaméidi gemaach an du war et op eemol net méi esou, oder net méi genee sou. Wéi et elo genee ass, wësse mer net. Dat gi mer lo vläicht eng Kéier hei gewuer. Op jidde Fall schéngt et der DP net ze gefalen. Awer och net der ganzer DP, well och si gouf erëm eng Kéier ugegraff op hirem Kongress vun der JDL, der Jugendorganisation vun der DP, déi awer fervent d'Atomkraft do verdeedegt huet. Ech hunn dat nogelauschert. Et ass iergendwéi scho bizarre bei der DP. Iergendwéi hunn ech d'Gefill, dass d'DP vu fréier an déi vu muer besser ass wéi déi vun haut, wann ech mer dat alles unhéieren.

Do steet dann och am PNR, et géng ëm den Ausbau vu Wandkraaft. Onwarscheinlech Zuelen, déi do ugepeilt ginn! Et wier mol net schlecht, eng Kéier e richtegen Audit ze maachen, wat d'Wandkraaft hei am Land wierklech bréngt a wat se tatsächlech kascht mat allem ronderëm, mat den Netzkäschten. Op jiddwer Fall wësse mer alleguerten, dass mer déi alternativ Energien hei zu Lëtzebuerg souwiesou mol net anäernd esou vill ubidde kënnen, wéi mer se brauchen. An et kann een net drop vertrauen, well wa keng Sonn ass, da gétt et keng Solarenergie, a wa kee Wand ass, da gétt et keng Wandenergie. An dat ass e grouse Problem!

Däitschland huet doranner investéiert. A wou si se elo? Majo, si hunn extreem héich Stroumpräisser. Hir Wirtschaft ass immens schlecht. Däitschland ass am Moment an Europa wierklech kee Virbild méi. An et riskéiert een eeben, wann een an Europa dat do weidermécht – an dat mengen ech och elo, wéi ech et soen –, dass mer ëmmer méi an e wirtschaftlechen Niddergang kommen. Ech mengen, et muss ee realistesche ginn. Et ass katastrophal, wéi deelweis hei Wuulstand a Wirtschaft einfach geaffert ginn, ënner anerem och mat Saachen, déi am Bréisseler Green Deal stinn. An ech ka just soen, dass mir wënschen, dass dee gestoppt gétt.

An duerfir géif ech och alleguerten deene Leit, déi gären dreenen. Follgendes mat op de Wee ginn. Ech soen elo Saachen, déi ech esou héieren. Dat war zum Beispill d'Chambre des Salariés, déi wëllt d'Entwicklungshëllef verduebelen, op 2 %. Gréng Investitiounen, Green Deal, nach méi fir d'Klimapolitik, déi näischt bréngt am Endeffekt. Och nach méi Suen, fir Kricher ze finanzéieren. Awer op den Tanktourismus verzichten, op d'Einnahmen aus dem Tubakverkauf verzichten, net ze vergiessen déi béis Bankeplatz, do muss och nach e bësse reguléiert ginn, fir dass déi och nach manner Sue bréngt!

Wéi wëllt Der Iech Lëtzebuerg virstellen, wann Der op där enger Säit op déi Einnahmen do verzicht an op der anerer Säit gären nach méi Suen ausgitt? Dat funktionéiert net! An duerfir hätt ech gären, dass mer einfach mat enger Politik vun den Droom ophalen an dass hei eng Politik erakënnt, déi realistesch ass.

Mir géifen eist Land op jiddwer Fall als ADR méi liewenswäert maachen, méi mënschlech, méi fräi, mat kloer Repèren, enger onverwieselbarer Lëtzebuerger Identitéit, enger gesonder a leeschtungs-fäeger Economie, enger grousser Solidaritéit an engem berechtigten a selbstverständleche Selbstbewusstsein, fir eis national Interessen ze verteidigen. Eppes, wat Verschiddener net méi kennen.

Un d'Regierungsparteie vun haut soen ech: Hutt Courage, Dir hutt d'Verantwortung fir d'Zukunft an Ären Hänn! Loosst net zou, dass hei esou Entwicklunge stattfannen, wéi se aktuell an Däitschland och stattfannen!

Nom 9. Juni wäerte mir da vläicht méi gewuer gi vun der Regierung, wéi dann déi nächst véier Joer aussinn. An Dir musst Iech dann entscheiden, da geet et dréms: Entweder Dir féiert d'Gambia-Politik weider wéi bis elo. Da muss ech Iech drop opmierksam maachen, dann ass de Message vum 8. Oktober 2023 vläicht nach net vu jidwengem richtig verstane ginn. Mee mir wäerten op jidde Fall do sinn, fir Iech dee weiderhin ze erklären.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Keup. Déi nächst ageschriwwen Riednerin ass ... Pardon, nach eng Wuertmeldung. Firwat? Fait personnel?

Mme Corinne Cahen (DP) | Fait personnel, jo.

M. Claude Wiseler, Président | Dir hutt d'Wuert. Dir wësst: Kuerz a Rekifikatioun vun deem, wat gesot ginn ass.

Mme Corinne Cahen (DP) | Fënnf Minutten, genau. Jo, villmools merci.

Den Här Keup huet mech zitëiert, an ech mengen, ech muss dat awer eng Kéier ganz kuerz erklären, well ech mengen, hien huet do net alles verstanen. E schwätzt selwer vun Zesummeliwen, en erlaabt mir awer apparement net, vun Zesummeliwen ze schwätzen. An ech bleiwen derbäi, dass d'Zesummeliwen hei am Land eng Chance ass an net e Problem.

An den Här Keup widderspricht sech déi ganzen Zäit, well op där enger Säit wëllt e keng Immigratioun, e wëllt net, dass Leit an d'Land wunne kommen, op där anerer Säit muss en awer och de Constat maachen, dass mer zum Beispill net genuch Fleegepersonal hunn an den Alters- a Fleegeheemer. An do, mengen ech, widderspricht hie sech permanent.

Och wat d'Sécherheet vun de Flüchtlingen ugeet: Och déi Leit hunn e Recht, a Sécherheet ze liewen. Dofir, dat ass just eng reng Angstmacherei. Ech kann domadder guer net d'accord sinn.

A wann den Här Keup seet, d'Leit géife weinst der Sécherheet nees ëmdréien, wa se op der Gare ukommen, da mengen ech éischter, dass se ëmdréien, wa se esou en Discours héiere wéi dee vum Här Keup.

Villmools merci.

M. Claude Wiseler, Président | Madamm Cahen, Dir musst d'Fakte rektifizéieren, net nach eng nei Ried halen, soss kënnst Der Iech duerno nach eng Kéier aschreiwen. D'DP huet nach vill Zäit.

Mme Corinne Cahen (DP) | Ech hu jo awer fënnf Minutten.

M. Claude Wiseler, Président | Jo, Dir musst just zum Fait personnel schwätzen.

Mme Corinne Cahen (DP) | Fënnf Minutten huet ee jo, ne?

M. Claude Wiseler, Président | Et musst een da just zum Fait personnel schwätzen. Dat ass dann elo ofgeschloss.

Dann ass déi nächst ageschriwwen Riednerin d'Madamm Sam Tanson. Madamm Tanson, Dir hutt d'Wuert.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | „Deen heite Budget huet op jidde Fall déi gemaache Versprechen net agehalen!“ Mat deene Wieder, Här President, hutt Dir op den Dag genee virun zéng Joer Är Ried opgehale, wéi Der hei stoungt an den éischte Budget vun der deemools neier Regierung kommentéiert hutt.

Dir hutt do viles gesot, wat een och haut hei kéint soen: datt vun engem neie Wand rieds goug, dee sech net géif am Budget erëmispigelen, an datt déi annoncéiert Spuermooosname mat Pincetten ze huele wieren. Dir sidd zur Conclusioun komm, datt de Budget 2014 just en Iwwergangsbudget wier, eng Conclusioun, déi een och fir de Budget 2024 kann zéien. Mee well mir – bis elo – vill méi eng fein Oppositioun si wéi déi, déi Dir waart, probéieren ech dann och, ...

(Exclamations et hilarité)

... wat de Budget u sech ugeet, manner streng mam neie Finanzminister ze sinn, wéi Dir et deemools mam Pierre Gramegna waart – et kann een alles noliessen.

Wat awer d'Kommunikatioun ronderëm de Budget ugeet, do komme mer net derlaanscht feststellen,

datt d'Regierung an d'Majoritéit bei hire budgetären Annoncen héich gepokert hunn a wéi widderspréchelech an net ganz éierlech kommunizéiert gouf.

Mee éier ech richteg op de „Schein a Sein“ vun dem Budget aginn, ass et awer onerlässlech, en an den ekonomesche Kontext ze setzen. D'Rapportrice a verschiddener vu menge Virriedner hu sech schonn am Detail dermat befaasst. D'ailleurs, Här President, entschëllegt, wann ech elo hei där neier Reegel derogéieren, mee vu déi ganz vill Aarbecht vun der Madamm Adehm wollt ech hir awer Merci soe fir hire mëndlechen a schrëftleche Rapport, och wa mer net mat allem averstane sinn, wat do fir politesch Conclusiounen gezu gi sinn.

De Bléck op d'Volatilitéit vun der Wirtschaft gehéiert vläicht méi wéi soss zu diesem Budget a Pluriannuel derzou. D'Pandemie an den Ukrain-Krich hunn ons iwwert déi lescht Jore vill beschäftegt an hu souwuel op nationalem wéi op internationalem Plang den Entrepreneuren an de Mënschen extreem zougesat.

Mir hu vill investéiert an de leschte fënnf Joer an d'Mengenen an an d'Entrepreneuren hei am Land, soudatt mer besser wéi munch aner Länner duersch d'Krisen jore koumen. D'Inflatioun huet sech zu Lëtzebuerg a Grenze gehale, genee wéi d'Faillitten. Och d'Staatsrecettë waren 2023 schlussendlech net esou schlecht wéi een Ament gefaart, quitte datt d'Joer mat engem Réckgang vun der Croissance vun 1,1 % ofgeschloss gëtt.

Ma d'Mesüeren, déi vun der viregter Regierung geholl goufen, wéi de massive Réckgrëff op den Teletravail, déi sëllege Budgetmesüeren, de breede Chômage partiel oder de Congé pour raisons familiales, hu gemaach, datt de Schued konnt a Grenze gehale ginn, esou ënner anerem och d'Analys vun der Zentralbank. Dës Antikrisepolitik erkläert dann och dat negatiiv Resultat vum Zentralstaat um Enn vun 2023.

Nawell bleift de Kontext e schwierigen. Mir beweegen eis an Europa an enger geféierlecher Kombinatioun vu Rezessioun, Inflatioun an héijen Zënsen. Zwar huet d'Präsideierrecht sech liicht berouegt a bei den Zënsen ass eventuell eng lichte Baisse an Auszucht, dës positiv Entwicklungen hunn iwwert déi lescht Méint awer net esou vill Faart opgehol, wéi sech deelweis erhofft gouf, an och déi nächst Méint dominéiert virun allem wuel eppes: d'Onsécherheet.

Mir wëssen och haut net, wéi et mat de Konflikten an der Welt wäert viruoen. En Enn vum Krich, dee Russland géint d'Ukrain féiert, ass net en vue. De Konflikt am Mëttleren Oste riskéiert engzearten, mat dramateschen Konsequenzen net nëmme fir d'Leit, déi an der Regioun wunnen, mee och fir d'global Stabilitéit.

An dann natierlech och d'Klimakris. All Mount gëtt, och wann een dat den Ament hei net spiert, en neien Hëtzerrekord brach, mat allem, wat dat mat sech bréngt: Migratiounsfluxen, déi wäerte klimabedéngt sinn, extreem Saisonnen, déi zum Deel schwéier erdrobar sinn an op d'Gesondheet schloen, déi landwirtschaftlech Produktioun, déi sech ëmstelle muss, wann et da geet. A mir wäerten dofir genee wéi aner westlech Länner an den nächste Jore weider massiv müssen an d'Klimatransitioun investéieren, fir d'Gesondheet vun de Mënschen, vun der Ëmwelt, vun der Biodiversitéit ze schützen.

An enger Etüd an der „Nature“-Revue vun der leschter Woch gëtt geschat, datt d'Weltwirtschaft ëm ee Fënneftel weinst der Klimakris zréckgoe wäert bis 2050. D'Käschte vun der Klimakris ginn op 35,7 Billionen Euro pro Joer geschat. Ouni zousätzlech Moosnamen riskéiert dës Montant, nach vill méi héich ze ginn. Vill méi héich also wéi dat, wat d'Moosnamen géint d'Klimakris kaschte géingen.

Fir et an d'Proportioun ze setzen, wat dat bedeit, déi 35,7 Billionen Euro d'Joer: Dat ass sechsmol méi wéi dat, wat ausgi gëtt, fir d'Äerderwärmung op zwee Grad ze bremsen. Et ass derwäert, bei deem Constat kuerz stoen ze bleiwen: Déi haiteg global Beméiung géint d'Klimakris gi mol net duer, fir e Sechstel vun deem ze kompenséieren, wat déi Kris eis viraussichtlech wäert kaschten – an do schwätze mer just vun de materiellen Käschten!

Dat soen och net nëmme mir Gréng. Wéi sot den italieeneschen Expremier Enrico Letta an engem Entretien am „Monde“ virun e puer Deeg? „Mir, also d'EU-Staaten, müssen déi Transitioun finanzéieren, soss gëtt d'Reaktioun vun de Bierger déi selwecht wéi déi vun de Baueren. Si wäerte soen: 'Et ass net u mir, fir dës Transitioun ze bezuelen.' No de Bauere kommen d'Salariéer vun der Automobilindustrie, kommen d'Eigentümer vun de Privathäuser.“

Et ass e ganz pertinente Rapport, deen den Här Letta an de leschte Méint iwwert den EU-Bannemaart geschriwwen huet an deen opweist, wou d'Erausforderunge fir d'EU leien, wéi mer den Decrochage mat China an den USA ofbremse kënnen. An et ass e Rapport, deem seng Haaptconclusioun, e méi staarkt europäesch Zesammeschaffen, vu Lëtzebuerg op verschiddene Punkte schéngt, ausgebremst ze ginn. Ech hoffe wierklech, datt mir net duerno zu deene gehéieren, déi aus sougenanntem „nationalen Interesse“ de generellen Interêt vun de Biergerinnen a Bierger an Europa iwwerginn.

Une voix | Très bien!

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Jiddefalls weist d'„Nature“-Etüd, gradewéi de Letta-Rapport och: Déi Stëmme, déi soen: „D'Gesondheet vun de Mënschen, ons Aarteivelfalt a gesond Natur sinn net esou wichteg a mir müsse fir d'éischt op gesond Betriber a Staatsfinanze kucken“, déi gräife fundamental ze kuerz. Souguer fir déi Fantasielooft ënner hinne misst et Argumenter ginn, fir géint d'Klimakris virzegoen – a sief et nëmme: D'Wirtschaft schrumpft ëm 20 %, wa mer et net maachen. Fir gesond ze sinn, brauche Betriber a Staatsfinanzen also och gesond Natur a Klima.

All déi Krisen, déi mer haten an hunn, déi hu Mesüre verlaangt, déi néideg waren, an natierlech och e Lach an der Keess gelooss. An dat ass eppes, wat vill Avisen ënnersträichen, datt et elo, falls d'Situatioun sech dann effektiv berouegt, Zäit gëtt, de faméisen Apel fir den Duuscht, deen Iech jo laang esou wichteg war an der Oppositioun, nees op d'Säit ze leeën.

D'Erfahrung weist ons, datt déi nächst Kris komme wäert. Well mer all gär hätten, datt den Invest weider héichgehele gëtt, bedeit dat och, datt een net kann op Recettësäit just Baisse virgesinn a keng Meereinamen, wéi zum Beispill Meerwäertabgabe, Mobilisierungssteuer oder och emol eng global Analys vum Déchet fiscal, fir ze kucken, wou een nach kéint Schrauwen dréien.

Mir sinn dowéinst gespaant, wéi et no den Europawale weidergeet, wéi eng Annoncen do komme wäerten, fir den Apel fir den Duuscht op d'Säit ze leeën, well mir gi jo net dervunner aus, datt Der eng aner Politik an der Majoritéit maache wäert wéi déi, fir déi Der hei jorelaang an der Oppositioun age-truede sidd. À moins, datt ...

Wann ech dann e bësse stëppelen däerf, Här Minister – an ech weess, Dir hutt dat net esou gär –, da muss ech mech awer elo mat Ärer Kommunikatioun ronderëm de Budget beschäftegen. Do ware mer zum Deel wäit ewech vun haarde Fakten.

(M. Fernand Etgen prend la présidence.)

Ech weess net, wisou d'Politick vun der Regierung, zumools am Budgetsberäich, mech ëmmer nees un d'Pokerspillen erënnert. Esou wéi Dir de Budget – hei an der Pleniëre, mee virun allem och an der Press – duergestallt hutt, dat hat dach eppes vum zolidd freche Bluff.

Dir hutt behaupt, Dir géngt elo hei fir méi budgetär Rigueur suergen. Dir hutt duerchblécke gelooss, datt déi verbessert Situatioun tëscht der Note au formateur am Hierscht an dem Mount Mäerz de Verdéngscht vun deem Effort wier, deen Dir bei den Depensé gemaach hätt. Déi 1,6 Milliarde Plus tëscht Oktober 2023 a Mäerz 2024, déi wieren, Zitat, „op e kollektiven Effort vun der ganzer Regierung zrëckzeféieren“. A fir déi, déi nogefrot hunn, wou Der dann elo gespuert hätt, wéi de Journalist bei RTL Radio, do sot Der grousspuereg: „Et sinn Honnerten, Dausende Budgetposte beträff“, mat engem fir Iech typesch zackege Sproch: „Kleinvieh macht auch Mist.“

Et ben, als Déierefrënn, déi mer sinn, hu mer ons op d'Sich gemaach no deem „Kleinvieh“. Meng gréng Kolleegen an ech hunn an de Kommissiounen, an där de Budget presentéiert gouf, d'Ministère gefrot, wou da géing gespuert ginn. Déi meescht hu vehement contestéiert, datt et bei hinne wier. Deen een oder anere Parteikolleg vun Iech huet mat Méi deen een oder anere Projet genannt, deen net géing realiséiert ginn, mee dat waren déi mannst an déi Grënn, déi ugefouert goufen, ware praktescher an net finanztechnescher Natur.

Dat ass, wéi wann Der an Ärem private Menage géingt soen: „Ech spueren elo, andeems ech all déi Vakanze weidermaachen, déi ech bis elo gemaach hunn, a mer och soss weider alles genau esou leeschte wéi ëmmer, mer souguer nach eng nei Kichen abaue loossen, mee dee Kannapee, iwwert deen ech nogeduecht hunn, dee loossen ech sinn, well e passt guer net a mäi Salon eran.“

(Hilarité)

A wa mer dat alles géinge consideréieren, wat do vu Spuermoosname genannt gouf – et waren der weéng –, wéi – Dir hutt Der och e puer genannt de Moien – eng Maison médicale am Süden, eng Hotline, eng Ausstellung, da kéime mer net op 1,6 Milliarden, loin de là!

Verschiedener hunn ons och nach erkläert, se hätte manner Personal krut wéi gefrot – ausser de Police-minister. Deen huet ëffentlech erkläert, et géingen elo 200 nei Poliziste bäikommen, obwuel am Budget 90 drasteet. Wann ech do u verschidde Reaktiounen ronderëm d'Zuele vum Recrutement bei der Police ënnert der viregter Regierung denken, kann ech nëmme widderhuelen: Mir sinn nach eng ganz fein Opposition!

Zréck bei déi faméis Efforte vun der aktueller Regierung: Mir hunn also bei den zoustännege Ministere, also deenen, déi sech d'Méi gemaach hunn, an d'Kommissioun ze kommen, fir de Budget selwer virstellen – dat ware se leider net all –, Äert faméist „Kleinvieh“ net fonnt. Mir hunn ons du geduecht: „Vläicht wësse se et net oder se wëllen net soen, wou agespuert gouf“, bis dunn d'Cour des comptes an d'Finanzkommissioun koum an ons sot: „Am Budget 2024 gëtt net gespuert um Niveau vun den Depensen.“ Et toc! A schonn hat Äert „Kleinvieh“ sech a Loft opgeléist, an domat och Äert RTL-Fréijoersmärchen, wat Der de Moie widderholl hutt, Dir hätt tëscht Oktober 2023 a Mäerz 2024 1,6 Milliarden agespuert.

Dobäi gëtt et zwou Saachen ze soen: Éischtens erkläert d'Differenz sech haaptsächlech duerch eng

Reevaluation vun de Recetten no uewen. D'Zentralbank schreift zur Verbesserung tëscht Oktober 2023 a Mäerz 2024, datt déi vun der Regierung bis elo ugekënnegt Mesürene all an d'Richtung vun enger Verschlechterung vun de Staatsfinanze weisen an de PIB awer en plus no ënnen ajustéiert gouf. D'Zentralbank – virsichteg, wéi se ass – nennt also déi Verbesserung vum Solde „surprenante“. Et kéint een do sécher och nach aner Wieder fannen.

Déi zweet Remark: Dir spuert net! D'Cour des comptes ënnersträicht dat, wéi gesot, an hirem Avis. Mee och dat, wat d'Rapportrice gesot huet, ass irreführend. D'Depensé gi weider an d'Luucht. Si gi weider och méi staark an d'Luucht wéi d'Recetten, an dat och nach dat nächst Joer laut dem Pluriannuel. An ech froe mech d'ailleurs, wéi d'Kollege vun der DP, déi jo awer zéng Joer de Finanzminister gestallt hunn, dat fannen, wann hei duergestallt gëtt, wéi wann déi lescht Joren op Depensésäit Mumpitz gedriwwen gi wier – wat jo net stëmmt. Dat weisen d'Zuele.

Et ass kloer – dat geet aus quasi allen Avisen ervir –, datt de Ratio Depense/Recette nees muss an d'Riicht kommen. E war et jo och kuerzerhand 2021, mee d'Méibelaaschtung duerch d'Krisemesürene an déi héich Inflation erklären déi Depensé säitdeem – an net déi faméis Mëllech, déi geholl gi wier, fir d'Ham dran ze kachen.

De kommunikative Bluff huet ugangs gutt gewierkt, mee grad vun Iech, Här Minister, dee sech jo ëmmer staarkgemaach huet fir d'Veracitéit vum Budget, erhoffe mer ons an Zukunft dann e bësse méi där Veracitéit. Wann an Zukunft wierklech gespuert gëtt, da wier et och sënnavoll, sou wéi ënner anere d'Cour des comptes et fuerdert a mir et och gefrot hunn, en detailléierte schréffleche Katalog vun deene Spuermoosnamen opzeféieren.

Et lount sech, fir dat nach eng Kéier hei ze resüméieren: Är Haaptmessage, déi Dir do ëffentlech an d'Vitruin gestallt hutt, déi entsprechen net der Wourecht. Oder, fir et mat Äre Wieder aus der Debat 2021 ze soen: „da gesinn ech awer, dass hannert den Zuele méi Schäin ass wéi Substanz oder, aneschtens ausgedréckt, méi Usproch wéi Wierklechkeet“.

An et ass jo net déi éischte Kéier, datt Der probéiert, Iech mat Plommen ze dekoréieren, déi Är net sinn. Dir, an d'ailleurs och d'Rapportrice, widderhuel och nees d'Behauptung, Dir hätt d'Steiertabell u véier Indextranchen ugepasst. Que nenni, wéi se a Frankräich soen. Dir hutt en Zousaz vun enger an enger hallwer Tranche decidéiert, an dat, obwuel Der nach op dëser Tribün am Wanter 2022 mat aller Inbrunst vum Oppositionspolitiker gesot hutt: „D'CSV ass duerfir der Meinung, dass bis 2024“, dat ass dëst Joer, „all d'Indextranché vun 2017 u missten inflationsberengegt ginn, wann néideg [...] an zwou Etappen.“

Eng Etapp gouf, wéi gesot, vun der viregter Regierung decidéiert. Déi nei huet nach eng kleng Schëpp dropgeluecht. Dir stellt elo de Moie weiderer an Aussicht. Sachant, datt dëst Joer nach eng Tranche dierf derbäikommen, si mer gespaant op Är Zäitschinn, quitte datt mir als Gréng ëmmer derfir plädéiert hunn, e bësse méi geziilt un déi Steuerupassungen erunzegoen a virun allem déi ze entlaaschten, déi manner hunn, an och déi méi ze belaste, déi méi hunn. Eppes, wat Dir d'ailleurs 2022 och nach esou gesinn hutt, well do sot Der: „Et soll och am Sënn vun der sozialer Gerechtegkeet eng zousätzlech Steuertranche fir Spëtzeverdenner vu 45 % derbäikommen.“ Och vun där ass näischt méi iwweg. Hei hutt Der Iech vläicht guer net esou ongär vun der DP vum Géigendeel iwwerzeegelooss – leider!

Et gëtt an dësem Budget u sech just eng richteg annonciéiert Ännerung: d'Hausse vun den Accisen um

Tubak. Fir de Rescht: keng grouss nei Annoncen. Dogéint stinn e puer Ukënnegunge fir d'nächst Joer, alle virop, datt ab 2025 d'Betriben manner Steiere bezuele sollen. Dat gouf och genee chiffriert mat 1 %, och wann dee klengen Detail nach net an d'Berechnunge vum Pluriannuel erafléisst.

Datt och soll eppes fir d'Steierklass 1a gemaach ginn, dat war Iech zwar eng Annonce wäert – Dir hutt se de Moie widderholl –, mee wat dat genee ass, gouf leider net mat der selwechter Präzisioun gesot. Vläicht kënnt Der ons bei den Äntwerte méi Detailler dozou ginn. Mir begrëisse jiddwerfalls, datt dat elo awer soll virun der grousser Steuerreform kommen, well et grad bei den Elengerzéiden e verstärkten Aarmutsrisiko gëtt.

Vu datt et soss keng richteg Neierunge gëtt, ass dëse Budget rhetoresch gesi fir Iech alles a säi Géigendeel: Et gëtt gespuert a gläichzäiteg de Fouss um Gas gelooss bei den Investitiounen. Et wier en Iwwergangsbudget a gläichzäiteg e Richtungswissel.

Beim Koalitiounsaccord, vu de Flou vun deem Accord, sot ech Iech, Dir wéilt ons eng Kaz am Sak verkafen. Hei beim Budget, mussen mir elo soen, erënnert se eis nawell un déi spréchwierlech Kaz vum berühmte Physiker Erwin Schrödinger, déi a sengem Gedankenexperiment och béides gläichzäiteg ass: lieweg an dout. Mee leider ass et beim Budget wéi mam Schrödinger senger Kaz: Iergendwann kënnt de Moment, wou een d'Këscht muss opmaachen, fir ze kucken, wéi d'Experiment dann elo ausgegangen ass. An da kollabéiert d'Hypothees, an där d'Géigendeeler gläichzäiteg kënnen wouer sinn, an et stellt sech eraus, ob d'Kaz lieweg ass oder dout.

Natierlech kuckt all Budget an d'Zukunft, a keen huet eng Kristallkugel – ausser d'Martine Hansen hat, mengen ech, eng Kéier eng mat heihinnerbruecht. Mee beim Koalitiounsaccord, wéi bei dësem Budget, fanne mir, dass gepokert gëtt op Trickle-down-Economics a kuerzfristegen an ondifferenziéierte Wirtschaftswuesstem an enger ekonomesch onsécherer Zäit. Fir an der Pokermetapher ze bleiwen: Dir gitt quasi „All-in“, ouni ze wëssen, wat fir eng Kaarten Der iwwerhaupt am Grapp hutt. A wa mir d'Annonce fir den nächste Budget kucken, mat Steiererliichterungen ouni nei Géigefinanzierung, da maache mer eis schonn e bësse Suerge bei dëse gewoten Experimenten.

Et ass fir mech déi éischte Kéier, datt ech de Budgetprozess esou aus der Perspektiv vun der Deputierter matmaachen. Dowéinst gouf et eng Rëtsch Momenter, wou ech gestaunt hunn a vun den alen Huesen aus der Finanzkommissioun an och den Autoren vun den Avisa gesot krut: „Dat ass schonn 30 Joer esou.“

Sou munches vun deem, wat staune gedoen huet, geet also net op Är Kap, Här Minister, mee als fréiere Beamten aus deem Ministère an een, dee jo ëmmer a senger Zäit als Spriecher vu senger Partei derfir plädéiert huet, datt een eng gewësse finanzpolitesch Eierlechteit un den Dag leet, sinn ech gespaant, wéi Der verschidder vun dëse Methode wäert ugoen, ob sech do Saache wäerten änneren déi nächst véier Joer oder ob alles beim Ale bleift mat Methoden, déi dach zum Deel e bëssen aus der Zäit gefall schéngen. An dat, wat ech elo soen, datt ass och net op Iech geméint, mee insgesamt op d'Aart a Weis, wéi mer hei am Land mat Projektionen ëmginn, déi dach awer wichteg sinn, souwuel fir Iech als Exekutiv wéi och fir ons als déi, déi Iech jo solle kontrolléieren.

Wéi sot ee vun de Redakture vun den Avisen an der Kommissioun? „Dat ass normal, datt de Wuesstem iwwerbewäert gëtt. Dat geschitt schonn 30 Joer esou.“

Mee wat de projezéierte Wuesstem vun 2 % am Joer 2024 ugeet, do schreiw vill vun den Avisen – ech zitieren elo nëmmen d'Zentralbank –, datt se sech géinge wonneren, wou déi Zuel géing hierkommen. Et géng un Detailer iwwert dës Projektione feelen an et hätt ee sech no der Rezessioun vun 2023 kënnen erwaarden, datt e méi elaboréierten Exposé géing kommen, wéi een op déi 2 % kéim.

De Budget baséiert also op Prognosen, déi vun offizieller Säit kritesch gesi gi respektiv deene widder Sprach gëtt vun internationalen Institutionen. Ech hoffen, datt de Statec Recht huet, mee sécher kann een net sinn. Dat sot Dir selwer. A wann déi positiv Aschätzung net stëmmt, da riskéiert de Spillraum vun der Regierung, méi kleng ze si wéi erwaart, an da riskéiere mer, beim nächste Budget en aneren Toun ze héiere wéi nach virun engem déckem Mount beim Depot vun dësem Budget. De Budget am Oktober wäert souwiso deen éischte richtege Moment vun der Wourecht ginn.

Eppes aneres, wat mech interpelléiert huet bei de Sätzungen an der Finanzkommission, ass och enk verbonne mat der Previsibilitéit vun de Steuerrecetten, déi jo awer wichteg schéngt an eiser klenger, oppener Economie. Mir kruten Enn 2023 gesot, datt – bal wéi duerch e Wonner – sëllege méi Recettë bei de Betriebssteieren erakomm wieren 2023 wéi geplangt, an dat ganz um Enn vum Joer. Majo, et hu sech heizou an der Kommission zwou Saachen erausgeschiet.

Éischtens: D'Previsibilitéit vun de Recettë scheitert fir d'éischt emol dorun, datt de Statec net all d'Informatiounen vun der Steierverwaltung kritt, so disant wéinst dem Steuergeheimnis. Et kann een elo laang driwwer diskutieren, wéi anonymiséiert Donnéeën d'Steuergeheimnis a Gefor bréngen géngen, mee virun allem schéngt et extrem pertinent, datt de Statec esou komplett wéi nëmme méiglech Daten huet, fir seng Projektione ze maachen, well ëmmerhin dovun d'Politik ofhängt. Dir hutt mer an enger Äntwert op eng Question parlementaire, Här Minister, gesot, Dir géngt Iech där Saach unhuelen. Ech begrëssen dat an hoffen dann, datt d'nächst Budgete mat nach méi pointéierten Date kënnen opgestallt ginn.

Deen anere Punkt awer zu de Recettë betrëfft d'Andreiw vum den Arriéeren, also d'Steuerrecettë vun den anere Jore wéi dat, wat dem Budgetsjoer virausgeet. D'Verwaltung huet fënnf Joer Zäit, dës anzedreiw, mee elo hu mer ons soe gelooss, datt dat bei deenen héchste Contributeurs – ech iwwerdreiw elo vläicht e bëssen – a Fonctioun vun deem gemaach gëtt, wat gebraucht gëtt am Staatsbeidel. Laut den Explikatiounen, déi mer kruten, gi 95 % vun den Entreprises iwwert d'elektronesch Deklaratioun automatesch besteiert, 5 % – an dat wäeren dann déi déckst Contributeurs aus dem Finanzsektor – awer net. An dëst erlaabt eng gewësse Flexibilitéit beim Andreiw. Esou wier et eng gängig an eeben och albewäerte Praxis, d'Arriéeren dann anzefuerderen, wa vläicht nach Sue géinge feelen.

Onofhängeg dovun, datt dës Method dach e bëssen archaesch schéngt, wa se da sou ass, stellt sech do awer och d'Fro vun der Gerechtegkeet, grad an Zäite vun héijen Zënse. Déi eng ginn direkt besteiert, déi aner, a grad déi déck, eréischt dann, wann et de Staat arrangéiert. Dat wier schonn e Punkt, dee mer gär géinge mat Iech deemnächst eng Kéier verdéiw.

Laut Steierverwaltung stinn och nach 2,8 Milliarden Arriéeren op den 31. Dezember d'lescht Joer op, 81 % méi wéi 2022. D'Zentralbank geet dervun aus, datt dat natierlech kann e positiven Impakt op d'Recettë vun dësem Joer hunn. Si schreift och, datt d'Projektione am Pluriannuel eventuell manner virsichteg

si wéi déi Jore virdrun, an dat mécht hir Suergen, Zitāt: „le ministère (ou l'ACD) a adapté ses projections de recettes fiscales bien plus qu'on pourrait ne le justifier sur la seule base du scénario macroéconomique“.

Wa mer bei der Previsibilitéit an de Projektione sinn, sou bleift eng weider gutt Nouvelle vun net budgetiséierte Recetten, nämlech déi vum Bankesektor, deen en exceptionnelt Joer 2023 hat. Duerch d'Zënshausse, déi jo ville Bierger hei am Land extrem zougesat hunn, hunn d'Banken en immens gutt Resultat gemaach. Laut den Estimatiounen wieren hei Steieren iwwer 1,6 Milliarde geschéit duerch dat gutt Joer, eng Hausse vun 93 % zum Virjoer. Déi wäerten natierlech och net all dëst Joer bezuelt ginn, zemoos wann den elo grad beschriwwene Modell applizéiert gëtt, mee se wäerten op alle Fall d'Steierrecetten oppolieren.

Op Recettësäit gesäit een natierlech och, datt d'Situatioun um Niveau vun der Sécurité sociale net positiv ausgesäit mat enger zolitter Baisse, déi virausgesot gëtt. Ons Suerg bleift weiderhin, datt dës Situatioun net um Bockel vun de Pensionen an den zukünftege Generationen ausgedroe gëtt, mee datt muss gekuckt ginn, datt mer iwwer nei Finanzéierungsmodeler nodenken, datt mer d'Leit esou mann wéi nëmme méiglech belaauchte mat enger zukünfteger Reform vum Pensionssystem. Mir waarden hei op d'Propose vun der Ministesch.

Dat, wat ons natierlech op der Recettësäit bedenklech stëmmt, datt sinn déi, wéi d'Chambre de Commerce se nennt, „net perenne“ Recettë vun den Accisen op Tubak a Carburant. Si maachen am Budget 2024 en Undeel vu 7,39 % vun de Recettë vum Zentralstaat aus. Et geet hei ëm eng Tax, déi no an no wäert verschwannen duerch d'Elektrifizéierung vun der Flott, an ëm eng aner, déi op d'Käschte vun der Gesondheet vun de Leit geet, vum Risk vu Reputatiounsschied fir onst Land a vum Schwaarzmaart net ze schwätzen. Dat si keng nohaltege Recetten. Se riskéieren zwar, nach an d'Luucht ze goen a Fonctioun vum Differential zu den Nopeschlänner, déi hei méi ambitiéis Politicke maachen, mee iergendwa si se eriwuer.

Aner Länner hunn eng aner gesondheetspolitesch Approche vis-à-vis vum Tubak. Frankräich zum Beispill setzt kontinuéierlech seng Präisser erop. Ee Pak kascht hei méi wéi 12 Euro. Bei ons kascht de bëllegste Pak manner wéi 5 Euro. Et schéngt mer onrealistes, dervun auszegoen, datt ons Noperen do ëmmer wäerte just nokucken, wa mir eng Hannerdier fir hir Gesondheetspolitik ubidden. Mir begrëssen dofir ausdrécklech an der Kohärenz vun deem, woufir mer eis ëmmer staark gemaach hunn, datt de Finanzminister d'Accisë wëll eropsetzen an och neier aféiert.

Mee mir sinn der Meenung, datt et nach net duergeet an datt den Differential zum Ausland nach vill ze héich ass. Mir hate schonn eemol de Schmarotzerimage an der EU. Mir hu laang dru geschafft, deen ewechzekerien. Et wier immens onglécklech, wa mer en iwwert dësse Wee nees erëmkréie géngen. Och d'Chambre de Commerce schreift an hirem Avis, se géng d'Regierung invitéieren, déi wichteg Evolutiounen a punkto Accisen ze anticipéieren. Mir hoffe jiddwerfalls, datt d'Ambitiounen a punkto Klima a Gesondheet net um Bockel vu séiere Recetten erofgeschrafft ginn.

Eppes aneres, wat mer vermessen an dësem Iwwergangsbudget – a mir sinn net déi Eenzeg –, sinn nei Akzenter beim Kampf géint d'Aarmut, déi sech verschlëmmert. Dir hat ons Mutt gemaach op dësem Punkt, andeems Der d'Acteur vun der Zivilgesellschaft an d'Koalitionsverhandlungen agelueden hat. Mir sinn elo net dervunner ausgaangen, datt Der fir dës Budget schonn alles géngt ëmsetzen, mee virun

allem wann ee bedenkt, datt den zoustännege Ministère, de Familljeministère, d'Hand net gewieselt huet, dann hätt mer ons awer erwaart, datt spéitsens elo hei éischt nei zousätzlech Akzenter géinge gesat ginn.

D'Chambre des Salariés erënnert an hirem Avis drun, datt quasi ee vu fënnf Awunner hei am Land ënnert dem Aarmutsrisiko leeft. Si bedauert de Manko un Ambitioun, stellt fest, datt näischt Neies proposéiert gëtt, keng generell Approche virläit an de Kampf géint d'Aarmut misst eng Prioritéit vun der Regierung sinn. Si fret, datt d'Prestations familiales alleguer revaloriséiert ginn, datt d'elengerzéiend Famillje besser ënnerstëtzt ginn, datt de REVIS an de Mindestloun no uewen ugepasst ginn, well de Budget de référence géng weisen, datt de Mindestloun net an all Familljesituatioun duergeet, fir iwwert der Aarmutsgrenz ze sinn. Dat selwecht gëllt fir d'Mindestpensioun, virun allem fir Locataire, gradewéi natierlech och de REVIS.

Mir deele vill vun dësen Aschätzungen. Et kann net sinn, datt een e Liewe laang schaffe geet an an der Pensioun am Aarmutsrisiko ass. Et kann net sinn, datt een an engem Land wéi Lëtzebuerg mam Mindestloun oder mat enger Ënnerstëtzung wéi dem REVIS net iwwert d'Ronne kënn. Hei mussen Efforte gemaach ginn, gradewéi bei engem méi automateschen Ausbezuere vun den Aiden, wa mer wëssen, wéi héich den Taux vu Leit ass, déi net op Hëllef zréckgräifen, op déi se e Recht hätten. Ass d'Bekämpfung vun der Aarmut lieweg oder dout? Wa mer haut den Deckel vum Schrödinger senger Këscht géngen opmaachen, wier d'Vue net ganz positiv.

En anere Volet, bei deem mer déi richtig Akzenter vermessen, ass de Logement. Dir hutt mat vill Publicitéit Äre Logementspak virgestallt, e Pak, an deem et virun allem drëms geet, de Promoteuren a Constructeuren ënnert d'Ärm ze gräifen. Mir fannen net alles schlecht an deem Pak a mir sinn natierlech och der Meenung, datt de Bausektor muss ënnerstëtzt ginn, fir datt mer d'Arbeitsplazen an deem Beräich erhalen. Mir wäerte jo hei nach am Detail driwwer diskutieren, mee vill vun de Mesüre sinn eesäiteg fokusséiert op Investisseuren a Multipropriétaires. Mir gesinn dat kritesch, well mer fäerten, datt grad d'Demande hei nees ze vill ugekuerbelt gëtt, datt et e Risk gëtt vun der Surchauffe, soubal d'Kris am Bausektor sech berouegt huet. A mir sinn och net déi Eenzeg, déi dat esou gesinn.

Dowéinst ass et esou wichteg, datt déi meescht demandestimuléierend steierlech Mesuren op dëst Joer limitéiert bleiwen. Souguer eng Chambre de Commerce schreift: „Elle invite [...] le Gouvernement à veiller à ce que l'offre évolue dans la même dynamique que la demande, afin de ne pas relancer une spirale inflationniste.“

Änlech Warnunge vum Gouverneur vun der Zentralbank, deen ons déi viereg Woch sot, datt d'Baukris sécherlech séier hannert eis wier, mee mer géinge riskéieren, um Logementsmarché direkt nees an eng Präisspiral no uewen ze kommen. Och d'Chambre des Salariés warnt virdrun, datt duerch d'Mesuren d'Vermögensinegalitéite kënnen méi grouss ginn. Si fäerten, datt d'Steieravantages warscheinlech net integral wäerte vun den Investisseuren op d'Clientë repercutéiert ginn. D'Regierung ass hei an enger Propriétaires- a Multipropriétaireslogik. Dat weist och de Fait, datt dem Henri Kox säi Bail-à-loyers-Text zwar glécklecherweis weidergefouert gëtt, allerdéngs kee Mietdeckel méi virgesinn ass. Sou gétt a Kaf geholl, datt d'Präisser weider klammen, an et existéiert de facto kee Schutz fir de Locataire méi, well den Deckel aus dem aktuelle Gesetz vun de Gerichter als net applikabel ugesi gëtt.

Natierlech kann een net a sechs Méint all Politick ëmsetzen, mee sechs Méint, dat sinn ëmmerhin 10 % vun der Legislaturperiod. A grad a sou engem wichtege Dossier, wou mer wëssen, datt de Locatiounsmarché unzitt wéinst den héijen Zënse, hätt ee sech erwaart, datt net just Ënnerstëtzung fir de Bau an d'Investisseure fonnt gëtt, mee och direkt eng Léisung fir de Loyerdeckel gesicht gi wier – wann dann e Wëllen do gewiescht wier. An et ass un deem Wëllen, wou mer zweifelen.

Doriwwer eraus musse mer ons op d'Offer vun abordabele Wunnenge konzentréieren. Datt mer d'Gemenge mat an d'Boot huelen, verpflichtend Prozentsätz pro Gemeng virgesinn a se och do plangen, wou se Sënn maachen, dovun hätt och de Bausecteur eppes. Dee baut jo fir d'ëffentlech Hand. Et ass nëmme iwwert d'Offer vun abordablem Wunraum, wou mer de Problem un der Wuerzel geléist kréien, e Richtungswechsel, deen an de leschte fënnf Joer ageschlo gouf, vun deem mer hoffen, datt en net fale gelooss gëtt. Ass den abordabele Wunraum lieweg oder dout? Den Ament ass virun allem d'Ënnerstëtzung fir d'Multipropriétaire ganz lieweg, beim Rescht musse mer kucken, wéi et weidergeet.

M. Meris Sehovic (déi gréng) | Très bien!

Mme Sam Tanson (déi gréng) | En anere Richtungswechsel, dee sech op d'mannst rhetoresch schonn annoncéiert huet, ass dee beim Kampf géint de Klimawandel, dem Schutz vun der Natur an der Biodiversitéit. Et soll net méi genervt ginn. Den Ëmweltminister däreft als Statist mat op Veranstaltungtunge goen, den Duo Frieden-Hansen schéngt awer d'Heft fest an der Hand ze hunn, wann et ëm Dossiere geet, déi den Ëmweltressort betreffen, soudatt bei sengem éischten Optritt bei der Ëmweltgewerkschaft den Här Wilmes kee ganz gutt Bild ofginn huet, well se en net gebrieft haten. Beim Agrardësch ass onbegrenzt Bauen an der Gréngzon méi wichteg wéi d'Ëmstellen op eng naturfrëndlech Landwirtschaft, an d'Sortie vum Premier zur Atomenergie bréngen net nëmme den Ëmweltminister a Bedrängnis, mee suergen och nach fir den éischten ëffentlech ausgedroene Clash an der neier Koalitioun.

Quitte datt d'DP sech jo hei och parteiintern net ganz eens ass, hat dach de selwerernannte vieregte Klimapremier sech do ëmmer ganz wäit aus enger anerer Fënster geleent wéi säi Successeur, dee ganz onideologesch der Meenung ass, dat mat der Atomenergie, dat wier alles guer keng esou eng schlecht Iddi a jiddweree soll maachen, wat e wëll, es sei denn, et wier un der Lëtzebuurger Grenz. Woubäi jo allgemeng bekannt ass, datt d'Risiko vun enger Allgemeng strikt d'Landesgrenze respektéieren. Ech mengen, dat wësse mer alleguer säit Tschernobyl. Ech muss Iech soen, ech verstinn net ganz déi Logik, wou gesot gëtt, d'Atomenergie wier onproblematesch an der EU, mee problematesch an der Groussregioun. Do wëll ee wuel d'Atomlobbyisten zefriddestellen a gläichzäiteg net d'Populatioun virun de Kapp stoussen.

Et ass jiddwerfalls symptomatesch fir dat, wat d'Regierung probéiert, vun Ufank un ze maachen, nämlech ee vun de gréissten Defien, déi mer hunn, klengzerieden, de Leit ze soen, dat géng jo alles just nerven, bis datt duerno jo effektiv kee méi Loscht huet, en Effort ze maachen, en Effort, deen allerdéngs wäert noutwendeg sinn, net nëmme wéinst ons, onse Kanner, hire Kanner, mee och wéinst der Wirtschaft, wéi ugangs gesot. Vlächst stéisst dat jo net op daf Oueren.

Allgemeng gëtt a villen Aweise bedauert, datt et net kloer ass, wou d'Ëmwelt- a Klimapolitik histeiere soll. D'Chambre des Salariés seet zum Beispill, et wier

inakzeptabel, datt laut dem Pluriannuel d'Ausgaben am Beräich Ëmwelt a Klima géingen erofgoen. Dat ass jo d'ailleurs och, Här Minister, mat déi déckste sougenannte Spuermesur, déi Dir de Moien an d'Vitrinn gestallt hutt.

Mir wëssen och nach net, wéi et op ville Punkte konkret weidergeet: Subside fir Elektromobilitéit, Subventionne fir Wärmepumpen, Solarzellen, Leasingautoen an d'Evolution vum der CO₂-Steier. Dobäi bräichte mer grad hei och Planungssécherheet, fir dass d'Leit sech och haut aus finanzielle Grënn fir déi klimafrëndlechste Léisung kënnen entscheiden. Nert et net awer och e bëssen, dass, wann ech haut eng energeetesche Renovatioun plangen, ech net weess, wéi vill ech an Zukunft nach wäert vum Staat erëmkréien? An nert et net och d'Entreprises am Bau an an der Automobilindustrie, datt se net wëssen, wéi et weidergeet? Souvill zur Klimapolitik, déi d'Leit net nert.

Mir hoffen, datt d'Transitioun fir d'Bierger och an Zukunft matfinanzéiert gëtt, well et riskéiert, fir ons all vill méi deier ze ginn, wa mer duerno mussen d'Konsequenze vum Nethandelen droen. Ob d'Kaz an der Klima- an Ëmweltpolitik lieweg oder dout ass, léisst sech den Ament nach net soen. Rhetoresch gesinn huet se jiddwerfalls déi éischt Méint scho schwéier gelidden. An dobäi ass et wuel de gréissten Defi, deen ons all erwaart.

M. Meris Sehovic (déi gréng) | Très bien!

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Enk domat verbonnen ass d'Mobilitéit. Och hei gouf et rhetoresch, vlächst well et ëm d'Mobilitéit geet, scho sou munge Retropedalage a Gerudders. Gouf et duersch d'Atomenergie en éischten ëffentleche koalitiounsinterne Clash, esou schéngt a punkto Mobilitéit de parteiinterne Clash tëscht der Shadow-Vizepremierministesch an der eventuell zukünftiger Vizepremierministesch nach net ganz ausgedroen ze sinn. Mir haten dat am Kader vum Koalitiounsaccord virausgesot: De gréisste Kampf kritt d'Mobilitéitsministesch parteiintern ze féieren, zumools wann et ëm d'Mobilitéit an der Stad Lëtzebuerg geet, der Festung vun der Brems Lydie Polfer.

Une voix | O!

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Net duersch d'Porte-Neuve! Et ass ze no beim Pescatore. Oder wéi solle soss d'Leit vum Lampertsbiere nach an d'Stad kommen? Mam Tram? Vlächst dann awer, sou eng Pressekonferenz vun e Freiden, wou et dann op eemol net méi esou geklongen huet, wéi wann de kuerzen Tracé esou onméiglech wier, wéi den Ingenieur Goldschmidt eis dat nach wollt virun e puer Woche verklickeren.

(Interruption)

An och d'Streck Richtung CHL, déi absolutt wichteg ass, fir dem Weste vun der Stad an dem Land eng gutt Ubannung ze garantéieren, an déi jo nach virun engem Mount vum Stater Schäfferot aux calendes grecques verbannt gi war, soll dann elo awer an den nächste Méint deposéiert ginn.

(Interruption par Mme Lydie Polfer)

Oder awer net?

(Brouhaha)

Mme Lydie Polfer (DP) | Dat ass wierklech falsch!

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Ech muss Iech soen, ech hu gläich den Iwwerbléck verluer tëscht ...

Mme Lydie Polfer (DP) | Dat ass wierklech falsch! Nee, nee!

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Dir kënnt jo herno drop reagéieren, Madamm Polfer.

Mme Lydie Polfer (DP) | Et kann een net egal wat soen. Nee, nee, nee!

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Ech muss Iech soen, ech ...

(Coups de cloche de la présidence)

Mme Lydie Polfer (DP) | Esou kennen ech Iech net, Madamm Tanson. Madamm Tanson, esou kennen ech Iech net, egal wat ze zielen. Nee!

M. Fernand Etgen, Président de séance | D'Madamm Tanson huet d'Wuert a soss keen! Madamm Tanson, fuert roueg weider.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Madamm Polfer, reegt Iech net op.

Ech muss Iech soen, ech hu gläich den Iwwerbléck verluer ...

(Interruption)

... tëscht den Aussoe vu Polfer, Backes a Luxtram. Mir hoffe jo, datt sech d'Hoffnungsträgerin vun der DP géint d'Stater Patronne duerchgesat kritt a mir nees a Richtung Ëmsetzung vum François Bausch sengem Mobilitéitsplang ënnerwee sinn.

Wat ech och net verst bei der ganzer Diskussioun: Hei si jo eng ettlech Deputéiert, déi sech – zu Recht – ëmmer staarkmaache fir de ländleche Raum. Loosst Der wierklech de Stater Schäfferot decidéieren, wéi dacks een, wann ee vu Réide kënnt, an Zukunft muss ëmklammen, wann ee wëll an d'Stad kommen? Huet Der a Kaf, dass dat dann zum Beispill zweemol wäert de Fall sinn, nëmme well de Stater Schäfferot de Bierger vun zwee Quartieren aus der Stad net wëll e klengen Ëmwee mam Auto zoomudden? Hei erhëlt sech dem Schrödinger seng Kaz grad an der Këscht vun deem ganzen Hin an Hier a mir waarden da mat Spannung op déi nächst Episoden am Match Polfer-Backes.

Gradesou wéi mer natierlech och gespaant sinn op den éischten Netiwergangsbudget vun dëser Regierung. Dat ëmsou méi, well am Pluriannuel eng ganz Rëtsch previsibel Depensen net drastinn. De Premier sot jo, e géng gär méi séier op déi 2 % vum RNB bei de Militärausgabe komme wéi geplangt. Dir, Här Roth, sot dat de Moien och. Dat wieren dann 1,5 Milliarden d'Joer. D'Betriebssteier soll elo mol ëm 1 % erofgoen. Do ass jo nach méi an Aussicht gestallt. Den Energiedeckel, hutt Der eis de Moie gesot, gëtt 2025 iergendwéi verlängert. D'Steierklass 1a soll erliichtert ginn. An a punkto Recetté si keng zousätzlech Mesure virgesinn. Do dobäi wëllt Der Iech nach en zousätzleche Corset undoen, andeems Der d'Reegele aus dem OMT, déi zwar auslafen, an en nationaalt Gesetz wëllt eraschreiwen, eng Zort „Schuldenbremse light“, wou mer elo nach net ganz de Sënn an Zweck dovunner gesinn. Mir waarden dann do och mat Spannung drop, wéi Der dat a Musek ëmsetze wëllt.

Mir hoffen also, datt d'Prognose vun der Regierung stëmmen, voire datt méi Recetten erakomme wéi geplangt, well soss kënnen mer just mam Schrödinger senger Kaz hoffen, datt, wann den Deckel opgeet, d'Kaz nach leeft. Mee wou dës Regierung genee hi wëll, dat wësse mer no sechs Méint nach ëmmer net. Mir gesinn am Diskurs eng ganz konservativ Schinn, wou et och keng Differenz gëtt tëscht CSV an DP, déi scho quasi verschmolt sinn no sechs Méint zesumme regéieren an enger konservativer, ...

(Interruptions)

... wirtschaftsliberaler Eenheetspartei ouni sozialen an ëmweltpoliteschen Ustréch. Eng Kommunikatioun, an där bis elo ...

(Interruption par M. Gilles Baum)

Ech si gläich fäerdeg, Här Baum.

Eng Kommunikatioun, an där bis elo déi Äermst, d'Migranten, d'Locataire an d'Ëmwelt schlecht ewechkoumen, zum Deel ëmgesat an Akten: Honnerte Poliziste ginn ofgezunn, fir géint Heescherte virzegoen, fir schlussendlech e puer Protokoller ausstellen. De Loyerstext gëtt weidergefouert, ouni e Schutz fir d'Locataire um Präis virzegesinn. D'Entreprise kréie gesot, si misste manner Steiere bezuelen, a si kréien dat och genee beziffert – anescht wéi elengerzéiend Elteren an der Steuerklasse 1a, do feelt et un Detailer. Op EU-Niveau geroode mer nees an e bësse méi en däischteren Eck, wou mer Partikularinteressen iwwert déi vun der Allgemengheet schéngen ze stellen, och wa mer Europa an eis selwer domat laangfristeg schueden. De Schutz géint de Klimawandel ass zu enger nerveger Ideologiefro degradéiert an Atomkraaft keen Tabu méi. Ëmweltpolitick gëtt just nach um Landwirtschaftsdësch gemaach, awer ouni d'Biobauern. D'Persounen op der Flucht sollen et esou schwéier wéi méiglech gemaach kréien, heihinner ze kommen.

Deen hei Budget spigelt an der Ëmsetzung glécklecherweis nach net vill erëm vun där Rhetorik. Ëmsou méi froe mer ons, wéi et no den EU-Wale beim État de la nation a beim nächste Budget weidergeet. Optimistesche stëmmt dëse Budget eis op alle Fall net, an dofir – Dir wäert Iech wonneren – stëmme mer en och net mat.

Merci.

Plusieurs voix | O!

M. Fernand Etgen, Président de séance | Merci villmools, Madame Tanson. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dëst ass den éischte Budget vun enger neier Regierung a se huet bei ville Geleeënheete probéiert, eis dach ze erklären, wéi si sech d'Zukunft vun eisem Land virstellt.

Dëse Budget gëtt zäitweis als eppes Neies verkaf. Villes, wat mir Piraten awer an dësem Budget liesen, ass fir eis d'Weiderféierung vum Status quo. D'Ausgabe vum Staat sinn dëst Joer eng hallef Milliard méi héich wéi d'lescht Joer. Vu Spuere kann also an dësem Budget keng Ried sinn. Op dëse Punkt wäert ech nach eng Kéier agoen.

Ier mer awer dozou kommen, wéilt ech fir d'éischt drop agoen, wéi d'Zukunft vum Land laut de Projektione wäert ausgesinn. Et fänkt domat un, dass mer e Populationswuesstem bis 2027 vu 40.000 weidere Leit hunn. Dat entsprécht plus/minus Péiteng an Dideleng zesummen, déi nach eng Kéier derbäikommen. Och d'Zuel vun den Aarbechter wäert eropgoen, wann awer och méi lues, wéi Lëtzebuerg dat bis elo gewinnt war.

(Interruption)

All dës Tatsaache muss beduecht gi vun enger neier Regierung, virun allem wa se sech op de Fändel schreift, se géif eng nei Politick maachen. An a Wierklechkeet gesi mer awer, dass do näischt, jo wann net souguer manner wéi virdrun, gemaach gëtt.

Wat de Wuesstum vum Land ugeet, léie mer eis einfach e weidert Joer an d'Täsch an hoffen, dass et ëmmer esou weidergeet. D'lescht Joer huet déi vieregte Regierung gemengt, mir krite 2024, also dëst Joer, 3,8 % Wuesstem, eng Previsioun, wou ech virun engem Joer scho sot, dass ech se fir onrealistesche géif halen, virun allem och well déi international

Organisatiounen eis alleguerten attestéiert hunn, dass mer dat net géifen errechen.

Elo schwätze mer da vun 2 % fir dëst Joer, an och dat hale mer fir falsch, well zwëschenzäitlech, zwëschent dem Depot an dem Vott – da muer warscheinlech – vun dësem Budget, déi Zuele vun internationalen Organisatiounen nach eng Kéier erofrevidéiert goufen. Den Internationale Wärfong schwätzt vun 1,2 % a mir denken, dass dat warscheinlech och méi no un der Realitéit wäert si wéi déi 2 %.

Firwat ass also eng richtig Aschätzung vum PIB esou wichteg? Ma well mat engem héije Wuesstem vum PIB och méi Recetten erakommen. D'Regierung geet also duerch hir héich Schätzungen dervunner aus, dass se méi Geld wäert hunn. A wat se méi Geld huet, wat se méi Geld kann ausginn, op alle Fall méi Geld kann ausginn, wéi mir mengen, dass se a Wierklechkeet wäert hunn, wat bedeit, dass, wa mer Recht sollten hunn, de Minus am Budget nach méi grouss wäert gi wéi dat, wat d'Regierung hei tabléiert. Anescht ausgedréckt: D'Regierung rechent hei virun den Europawalen d'Situatioun schéin, fir eis am État de la nation zwee Deeg no den Europawalen déi wierklech Rechnung dann ze presentéieren.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Finanzminister huet virun dësem Budget grouss ugekënnegt, dass déi nei Regierung manner Geld wéilt ausginn. Mee stëmmt dat wierklech? Verschidde Kolleeginnen a Kolleegen hu sech schonn um Faktencheck probéiert. Ma loosst mech dat och nach op verschiddenen Aussoe maachen.

Fakt ass: D'Staatsschuld wäert bis 2027 weider klammen. D'DP/CSV-Regierung huet ugekënnegt, wellen Depensé bei den Astellungen an de Gebaier vum Staat anzespueren. Dovu gesäit een awer am Budget weineng bis näischt. Dat soen net nëmme mir, d'Piraten, mee och d'Cour des comptes, de Rechnungshaff. Trotz der Tatsaach, dass et véier Ministère manner si wéi nach an der leschter Regierung.

Mee da stellt sech awer d'Fro: Wéi erkläert sech dann, dass den heite Budget ënnert dem Stréch net nach méi héich Depensé virgesäit? Zwou Saachen. Déi éischt: D'lescht Joer hu mer ausnamsweis 200 Milliounen Euro un d'EU iwwerwisen. Déi mussen mer dëst Joer net bezuelen. Dat war e Recalcul. A mir bezuelen dëst Joer just d'Zinsen, mee net eis Scholden zréck.

Wéi ze vill Stéit hei am Land schéngt also och de Lëtzebuerger Staat op deem Punkt ukomm ze sinn, wou ee sech déi ganz Mensualitéit net méi leeschte kann oder wéll an d'Bank engem dann alt emol ubitt, fir just d'Zinsen ze bezuele fir eng kuerz Zäit. Well iergendwann gëtt d'Schuld awer fällig, sou wéi zum Beispill bei deene 26 % vun de Stéit, wou d'Kanner laut dem Statec a Stéit wunnen, déi finanziell Schwieeregkeeten haten d'lescht Joer.

Mee fir op de Budget zréckzekommen: Mat anere Wieder ass dat heite keen éischte Spuerbudget. Nee, et ass och keng nei Politick, mee et ass d'Scholden op déi no eis, op eis Kanner, ofgewälzt. Dat ass d'Politick vun där soi-disant „neier“ Regierung. Et gëtt eppes Kuerzfristeges, e Schein vun enger Mesür haut gemaach, a wéi mer dat Ganzt muer finanzéieren oder wou mer dat Geld hierhuelen, dass schéngt net esou wichteg ze sinn. Dobäi gëtt et vill Dossieren, bei deenen et eng Visioun, jo, eng wierklech nei Politick gebraucht hätt.

Schwätze mer also als Alleréischte emol vum Logement. Wéi déi lescht Etüd vun ILReS et nach eng Kéier gewisen huet, ass d'Thema Logement eppes, wat ganz ville Leit am Land um Häerz läit a wou vill Leit sech Gedanke maachen. Wann een héiert, dass véier vu fënnf Demandes de prêt hypothécaire refuséiert

ginn, dann ass dat verständlech, dass d'Leit sech Gedanke maachen, net nëmme ëm sech selwer, mee och ëm hir Kanner.

Déi Mesuren, déi d'Regierung bis elo hei proposéiert huet, dovun kënne mer en Deel begrëssen, well mer si frou, dass eppes proposéiert gouf. Fortschrëtt ass besser wéi Stëllstand. Mee et sinn awer och verschidde Moossnamen derbäi, déi net wäit genuch ginn.

D'Wunnengspolitik insgesamt vun der Regierung ass net ausräichend, wann ee kuckt, wéi vill Geld mer investéieren a wéi vill herno wierklech bei de Leit ukënn. Well insgesamt muss ee sech froen, wéi vill och elo déi kuerzfristeg Propose wäerten ausmaachen.

A ville Budgetsposte vun de geplangten Hëllef steet fir vill Joren eng grouss Null. A wann een och d'Geld kuckt, dass mer hei als Budget rechnen, dann ass dat Peanuts par rapport zu der Gesamtheit vum Staatsbudget oder och nach de Mesure vun den dräi Tripartitten. Et schéngt, wéi wann d'Wunnengsproblematik bei de Membere vun der Regierung net esou ukomm wär.

An da muss een nach soen, dass verschidde vun deenen ugekënnegte Mesuren net den Éischtkeef oder der Mëttelstännescher Famill zeguttkommen, mee de Multiproprietäre respektiv de groussen Investisseuren.

An zousätzlech sot de Finanzminister um Logementsdësch, dass 6.000 Wunnenge pro Joer gebraucht ginn. Dat bedeit konkret, dass iwwer 70 % méi gebaut muss gi wéi an der Moyenne déi lescht Joren. Dat ass am Moment einfach net dran. Dat muss ee sech éierlech agestoen. An dofir appelléiere mir Piraten un d'Regierung, fir opzehalen, de Leit hei Wonschgeschichten ze verkafen, mee kloer ze soen: Wat ass realistesch dran? Wat kënne mer an engem Joer bauen? Well sot eis – sot eis! –, wou Der mengt, déi zousätzlech Terrainen a virun allem déi zousätzlech Main-d'oeuvre hierzehuelen, déi déi Terrainen dann och nach bebaut – wa mer se dann hätten! Wellen éieren d'Regierungsmembere selwer mat Bëton mësche goen? Ma hei gëtt, wéi bei der Regierung virdrun, erëm eng magesch Zuel an de Raum geworf, wou net gesot gëtt, wéi se erreecht soll ginn. 6.000 klängt besser wéi 3.500, mee wéi mer dohinner kommen, do gëtt et just grouss Fragezeichen.

Et muss ee feststellen, dass d'CSV/DP-Wunnengsbauoffensiv ... Jo, et ass eng Offensiv, mee et ass eng Offensiv virun allem fir Multiproprietären a grouss Promoteuren an Investisseuren, mee net fir d'Normalverdénger. D'Geburtsdagsparty vu verschiddene Promoteure schéngt sech also bezuelt gemaach ze hunn. CSV/DP steet net fir eng Demokratiséierung vum Logement, mee fir e Bäibehale vun de Besëtzhältnisser. Här bleift Här a Max bleift Max. Déi eng iese Kuch an déi aner kréie just nach d'Grimmelen.

Mir Piraten si fir eng nei, eng aner Logementspolitik, eng, déi derfir suert, dass déi Leit, déi hei am Land sinn, och kënnen hei am Land wunne blieden. D'Piraten sti fir eng Logementspolitik, déi net nëmme deenen hëllef, déi eppes kafe wellen, mee och deenen, déi loune müssen. Fir eis Piraten muss dofir an der Locatioun gehollef ginn, fir dass d'Loyeren net weider konstant an d'Luucht ginn. Et muss bei den effentleche Bauträger, der SNHBM an dem Fonds du logement, nogebessert ginn, fir dass Administratiiv vill méi einfach ze maachen. An éierlech, et ass en Aarmutsbekenntnis, dass déi effentlech Bauträger fir hir soi-disant „abordabel“ Wunnenge keng Leit méi fannen, déi nach genuch Sue vun enger Bank geléint kréien, fir dass Abordabelt ze bezuelen. Well wa keen et sech méi leeschte kann, dann ass et net abordabel, dann ass dat Etiketteschwindel, léif Kolleeginnen a Kolleegen!

An deem Kader, well eeben d'Leit sech et am Moment net leeschte kënnen fir ze kafen, hu mer eng Motioun matbruecht, fir d'SNHBM ze rekapitaliséieren, sou datt se déi Wunnengen, déi se haut schonn huet, ka séier an d'Locatioun ginn. Här President.

Motion 4

D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest:

– Den Direkter vun der SNHBM sot am RTL-Interview, d'Strategie wier, fir een Drëttel vun de Wunnengen an d'Locatioun ze ginn.

– An deem RTL-Interview vum 17. Abrëll an am 100,7-Interview vum 4. Mäerz 2024 erkläert den Direkter och, datt d'SNHBM misst Wunnenge verkafen, fir hir Käschen ze decken an de Finanzement vun der Gesellschaft ze assuréieren. Eppes, wat mat der Locatioun net méiglech wier.

– Am Interview um 100,7 sot den Direkter och, datt all d'VEFA-Projeten déi elo an der Bautekris vum Staat opkaaft ginn an der SNHBM ënnerstallt ginn, an d'Locatioun ginn. D'Zil ass, fir dës Joer 300 Wunnengen ze bauen.

– Well et weineg Keefer fir d'Projete vun den öffentliche Bauträger gëtt, ass geplangt, fir d'Seuile vun de Revenuen, déi d'Leit dierfen hunn, fir bei der SNHBM ze kafen, sollen an d'Luucht gesat ginn. Dës géif bedeuten, datt d'Leit mat méi héijem Akommes ewéi bis elo abondabel Wunnenge kéinte kafen. Wunnengen, déi dann net méi u Leit kënnen goen, déi manner verdéngen an déi loune mussen.

Aus dese Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung,

– d'Kapital vun der SNHBM SA eropzesetzen, datt si méi vun hire Wunnengen an d'Locatioun ka ginn.

(s.) Sven Clement.

M. Fernand Etgen, Président de séance | Merci, Här Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Do musse mir bei de Banken zousätzlech nach intervenéieren, datt d'Leit dann och hir Prête kréien, duerch zum Beispill Staatsgarantien. Mee gläichzäiteg muss och gesot ginn: Mir musse méi bëlleff öffentliche Projete bauen. Well et kann net sinn, datt ee muss iwwert d'Mëttelschicht eraus nach Keefer fir abondabel Wunnenge siche goen. Eis Prioritéit ass dann och, datt de Mietkauf bei den öffentliche Wunnengen eng fest Optioun gëtt.

Och um Privatmarché kéint een dese stimuléieren, dës zum Beispill duerch steuerlech Incentives, Moossnamen. Mir Piraten wëllen, datt de Staat öffentliche Wunnenge baut oder keeft an da verlount a mat Réckkaafsrecht verkeeft, an dat ouni vill Bürokratie. De Staat muss virun allem derfir suergen, datt d'Leit um Privatmarché kënnen kafen. Da brauch de Staat och net méi ze bauen a profitéiert vun der Schnelligkeet vun engem Marché.

Dofir, Staatsgarantie an d'Luucht, Nottärskäsche bei der Éischtwunneng ganz ewech a méi Zënse vun de Steiere kënnen ofsetze wäert fir eis kloer Pisten, déi een hei kéint aschloen. Dat ass de Wee vun enger neier Politick an et ass net dee vun der CSV/DP.

Vun der neier Regierung hiren ale Léisunge fir d'Logementskris dann zu engem anere Sujet, dee virun de Walen och héich emotional debattéiert gouf: d'Santé, wou nach net kloer ass, wou d'Rees da soll higoen. Ech zitieren elo net berüümt physikalesch Experimenter mat entweder liewegen oder doudeng – oder béides gläichzäiteg – Kazen, dat, well ...

(Interruption)

Jo, ech denken do och un déi aarm Kaz u sech. Déi nei Santéministesch schéngt wëllen en neie Wee a punkto Gesondheetspolitick ze goen, mee bis elo

huet se ausser Projeten zréckzezéien awer nach net wirklech nei Iddie proposéiert. Och Projeten, déi scho jorelaang an der Maach sinn, wéi de Paiement immédiat direct, sinn nach ëmmer net richtig ëmgesat, an nëmmen eng 45 Generaliste sinn am System, vun de Spezialiste guer net ze schwätzen.

Am Walkampf gouf vill iwwert de Mangel un Doktere geschwat a wat do misst gemaach ginn, mee och hei schéngt d'Regierung net interesséiert ze sinn, séier eppes ze änneren, well wa mer zum Beispill de Projet fir d'Gruppecabinete vun Doktere kucken, musse mer dervun ausgoen, datt dës Joer näischt Neies méi wäert kommen. Well an deem Budget si ganzer 100 – net 100.000, ganzer 100! – Euro virgesi fir d'Gruppecabineten, wou et der 2022 nach 600.000 waren. Eng Failliteserklärung!

Da gouf bei der Presentatioun vum Koalitiounsaccord fir de Beräich vun der Santé betount, datt vill Wäert op d'Preventioun géif geluecht ginn. Jo, dat ass u sech eng gutt Approche. Leider fënnt sech dat awer erëm éischter manner am Budget erëm. Bei der Participatioun un de Fraise beim Programm vun der Mammografie – e Projet, dee parteiwwergräifend ënnerstëtzt gëtt – geet de Budget erof. Beim Plan national cancer ass och daitlech manner virgesinn, sou wéi wann et géif mander Kriibserkrankungen zu Lëtzebuerg ginn. Wann een d'Statistike kuckt, ass de Contraire de Fall. Dat kann een och net vun engem anere Budgetsposten, deen eropgeet, dann opfänken. An esou gesäit fir eis dann eng Prioritéit net aus.

Guer net kohärent ass et dann och fir eis, wann et ëm d'Maisons médicales geet. Hei goufen nei Sitte versprach an et gouf gesot, datt et wichteg ass, datt d'Leit op dese Service zréckgräifen an net onnéidegerweis an d'Urgencé ginn. Fir 2024 sinn da bei de Frais de fonctionnement hei awer dräi Milliounen mander virgesinn. Esou gesäit Prioritéitesetzung aus: Mir spuere bei der Versuergung, bei der dezentraler Versuergung, a bei der Entlaaschtung vun den Urgencen.

Mir Piraten wëllen eng Gesondheetspolitick, déi vun der Digitalisatioun richtig profitéiere kann, dat mat engem Paiement immédiat direct, dee méi wéi eng Firma hei am Land kann installéieren, an engem digitalen Patientendossier, deen den Datschutz respektéiert a mat deem d'Leit och wirklech eppes ufänke kënnen. Eng Gesondheetspolitick, déi den Dokteren hëllef, fir d'Käsche vum Cabinet ze deelen, an dat net eréischt an engem oder a fënnef Joer, mee esou séier wéi méiglech. An eng Gesondheetspolitick, déi den Investisseure bei den Dokteshcabineten en Enn setzt. Well hei verléiert jiddereen: d'Patienten, d'Dokteren an d'CNS. Et gewënnt just een: den Investisseur.

Här President, vun enger Politick vum Status quo dann awer bei eng Politick, wou mer an déi entgéintgesate Richtung ginn. Bei der Regierungsbildung zu Senneng am Schloss si Verriederinnen a Verrieder aus dem soziale Milieu invitéiert ginn an et ass gesot ginn, de Kampf géint d'Aarmut wier eng richtig Prioritéit fir dës Regierung.

D'Realitéit, wa mer de Faktencheck maachen, ass de Géigendeel. E puer Deeg am Amt huet den Inneminister decidéiert, net de Kampf géint d'Aarmut, mee de Kampf géint déi Aarm wier seng Prioritéit. Eppes, wougéint mir Piraten eis weiderhin asetzen, well duerch d'Heescheverbuet hu mer déi Leit just nach weider an d'Prekaritéit gedréckt.

Generell muss ee soen, datt d'Aarbechts- a Sozialpolitick keng nei Weeër aschléit. Et gi weider Hëllef an de Wee bruecht, déi nëmmen enger Minoritéit vu Leit hëllef, dës, well d'Leit net wëssen, datt et d'Hëllef iwwerhaupt gëtt, oder duerch de Pabeierkrich dervunner ofgehele ginn, se ze kréien. Ech erënneren

do un eng ganz Rëtsch Motiounen aus deene leschte Joren, fir d'automatescht Ausbezuule vu verschidde Hëllef ze maache respektiv iwwer Guichet-uniquen ze fueren. Vun all deem gesäit ee keng Pisten an deem Budget.

Jo, et sinn awer och e puer gutt Pisten an der Aarbechts- a Sozialpolitick derbäi, dorënner d'Harmonisatioun vun de Congéen, déi schonn 2020 vun eis hei an der Chamber mat enger Motioun gefrot gouf, oder Mesüre fir d'Laangzäitchômeuren. Bei deene free mer eis dann awer: Firwat gëtt sech e Plaffong gesat? Wier all Persoun, déi Deel vun deem neie Projet géif ginn, net e Schrëtt an déi richtig Richtung?

Mir Piraten setzen eis op alle Fall a fir eng nei Politick, déi de Leit an Nout d'Hand reecht a se net nach mam Fouss rennt, wa se souwisou schonn um Buedem leien. Fir eng nei sozial Politick, déi accessibel ass fir déi Leit, déi se brauchen, wou jiddereen seng Rechter kennt an d'Aidë kennt an déi och ufroe kann. A fir eng nei Aarbechtspolitick, déi eng wirklech Life-Work-Balance schafft an net de Status quo vu Blo-Rout-Gréng zementéiert.

A wa mer da vun deenen innovativen Iddien, déi d'Majoritéit hei dann heiansdo proposéiert, awer wëlle schwätzen, da ginn ech op eng Propos vun der Budgetsrapportrice an, déi se gëschter proposéiert huet, an dat ass eng Centrale de crédit no belschem Virbild. Mir Piraten warnen ausdrécklech virun esou enger Datekrak, déi de Leit net hëllef, mee riskéiert, weider Ongerechtegkeeten ze schafen.

De System vum Credit Scoring gëtt et schonn a verschidde anere Länner, dorënner d'USA an Däitschland. A béide Länner ass dese System staark kritiséiert. An den USA si vill Leit aus Minoritéite sougenannt „credit invisible“. Si hu kategoresch méi schlecht Scoren, well si historesch gesinn zum Beispill méi schwéier Accès zu enger eegener Wunneng haten. Och koom et schonn zu massiven Dateleaks an Amerika duerch esou Firmen, zum Beispill 2017, wéi bei Equifax d'Date vun 150 Milliounen Amerikanerinnen an Amerikaner an d'Hänn vu Kriminelle gefall sinn. Wien Date sammelt op enger zentraler Plaz, riskéiert an enger ëmmer méi digitaler Welt och, datt déi Date kënnen fuitéieren.

An och an Däitschland ass d'sougenannte „Schufa“ staark ëmstridden, well d'Biergerinnen an d'Bierger musse bezuelen, fir un hir eegen Informatiounen iwwer hir Donnéeën an hire Score ze kommen, während d'Schufa Profitter mécht an et ëmmer erëm zu Feeler am System kënnt, déi d'Leit zu Onrecht méi schlecht klasséieren. Dat alles am Numm vun engem méi séiere Business op der Finanzplaz.

Dat alles wëlle mir Piraten hei zu Lëtzebuerg net. An dofir, Här President, hunn ech eng weider Motioun matbruecht. Wannechgefliff.

Motion 5

D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest:

– An hirem Budgetsrapport huet d'Madamm Rapportrice erkläert, datt si sech e Centre de crédit nom belsche Modell mat Upassungen un d'Lëtzebuurger Gesetzgebung wënscht.

– De System vum „Credit Scoring“ gëtt et schonn a verschidde anere Länner, dorënner d'USA an Däitschland. An den USA ass dese System staark ëmstridden. „A Long History of Discrimination Affects the Data That Credit Scoring Models Use Today“ titelt zum Beispill d'„Forbes“-Magazinn, well vill Leit aus Minoritéite „credit invisible“ sinn. Si hu kategoresch méi schlecht Scoren, well se historesch gesinn zum Beispill méi schwéier Accès zu enger eegener Wunneng haten (<https://www.forbes.com/advisor/credit-cards/from-inherent-racial-bias-to-incorrect-data-the-problems-with-current-credit-scoring-models/>).

Och koun et schonn zu massiven Data Leaks an Amerika duerch esou Firmen (https://en.wikipedia.org/wiki/2017_Equifax_data_breach).

– Och an Däitschland ass d'Schufa staark ëmstridden, well d'Bierger:inne mussen gefrot gi fir ze bezuelen, fir Informatiounen iwwert hir Donnéeën an hire Score ze kréien, d'Schufa Profit mécht (ronn 250 Milliounen 2021) an et ëmmer erëm zu Feeler am System kënnt, déi d'Leit zu Onrecht méi schlecht klasséieren (<https://www.spiegel.de/wirtschaft/service/schufa-wie-ich-zum-deutlich-erhohten-risiko-wurde-a-1193506.html>).

– Lëtzebuerger Residentë sinn duerch d'Bankgeheimnis geschützt an och d'Budgetsrapportrice sot, datt d'Bankgeheimnis an den Dateschutz an deem Fall misste respektéiert ginn.

– D'Beispiller am Ausland weisen, datt den Dateschutz bei esou risigen Datebanken, déi duerch eng Centrale de crédit entstinn, net ginn ass.

Aus dese Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung,

– kee Credit Scoring a keng Centrale de crédit zu Lëtzebuerg anzeféieren;

– keng nei Datebank mat de Bankdonnéeën vun de Residenten opzebauen, fir hir Kreditter transversal ze erfassen;

– sech nach eng Kéier kloer zum Bankgeheimnis fir Residenten ze bekennen.

(s.) Sven Clement.

M. Fernand Etgen, Président de séance | Merci, Här Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Wa mir Piraten derwunner schwätzen, datt déi nei Regierung näischt aneschtens mécht wéi déi al Regierung, da muss een natierlech och vun der Steuerpolitik schwätzen. Am Walkampf nach grouss versprach ginn, ass déi nei Steuerpolitik zwar nach net begrüen, mee vertaagt. Et solle kleng Mesure kommen dës Joer, d'nächst Joer. Bon, a wéi se genau ausgesinn, dat weess och keen. Anscheinend ass eppes derbäi fir alengerzéiend Elteren, krute mer haut de Moien nach eng Kéier gesot. Mee wat genau? Kee weess et oder zumindest kee seet et.

D'Kafkraaft vun de Leit stärke war e selbsterkennend Zil vun dëser Regierung. Wéi ass et awer komm? D'TVA ass zum 1. Januar erëm geklommen. D'Deckelung vun den Energiepräisser leeft d'nächst Joer aus, wat derfir suerge wäert, datt d'Inflatioun klëmmt. Dat ass mechanesch. A wéi schützt d'Regierung d'Leit da virun de Präisser, déi eis bevirstinn? Och do: Mir wëssen et net. Vlächent kënnt eppes, vlächent net. Warscheinlech gi mer d'Rechnung kuerz no den Europawale gewuer, wann d'Regierung dann en État de la nation wëllt maachen, deen derfir suergt, datt mer déi richteg Rechnung presentéiert kréien.

Fir eis Piraten ass eng fair a modern Steuerreform ee vun den Haaptpillieren, deen hätt solle vun enger neier Regierung esou séier wéi méiglech ugaange ginn, an net just dat Gepiddels mat der eventueller Upassung just vum 1a.

A wann ech dann héieren, datt mer virun allem Leit an der Steuerklasse 1 wëllen hëllefen, esou wéi d'Madamm Budgetsrapportrice dat gëschter hei duergestallt huet, da stellen ech mer awer d'Fro, ob d'Prioritéiten net vlächent op där falscher Plaz sinn, ob mer net als Éischt deene Leit mussen hëllefen, déi haut schonn an de Laberente sinn, anstatt hypothetesch eppes ze maache fir Leit, déi eventuell eng Kéier kéinten op Lëtzebuerg kommen, vun deene mer awer guer net wëssen, ob se kommen.

Mir kënne net acceptéieren, datt dat hei op déi laang Bänk geschleeft gëtt an datt d'Leit nach ëmmer ënnerschiddlech behandelt ginn, jee nodeem, ob se gepacst, bestuet, gescheet oder verwittwert sinn.

D'Finanzpolitik vun dëser Regierung baséiert am Géigendeel op kuerzfristeg Mesuren, déi solle kuerzfristeg Geld abréngen. Et gëtt nach ëmmer op den Tanktourismus gesat, obwuel ëmmer méi Elektroautoen dobausse fueren. D'Accisen op den Zigarette ginn an d'Luucht, obwuel mer op där anerer Säit probéieren, esou vill wéi méiglech Leit dervun ze iwwerzeegen, opzehale mat fëmmen oder am beschten iwwerhaupt net domat unzefänken. Eng nei an eng modern Steuerpolitik mat neien Usätz gesi mir Piraten dofir net hei am Budget.

Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, zu Verännerunge wäert et an deenen nächste Joren awer an engem aneren Dossier kommen: an der Defense. Et ass ee vun deene gréisste Budgetposten. Duerch eis Ennerstëtzung vun der Ukrain, zu där mir Piraten weiderhi stinn, gëtt och méi Ennerstëtzung vun der NATO gefuerdert. Dat dierf awer net bedeuten, datt Lëtzebuerg einfach Geld an eis Defense stécht, ouni Plang an ouni Kompass an ouni konkret Ziler.

Mir Piraten sinn dann och der Meenung, datt muss gekuckt ginn, wat déi aner Länner bei hiren Depensen urenchen. An deem Sënn hu mer schonn d'Cellule scientifique vun der Chamber beoptraagt, fir eng Kéier ze kucken, wéi déi Calculen an d'Komponenten an anere Länner sinn. Hei sollt et eng harmoniséiert Approche ginn, net datt aner Länner hir 2 % errechen, well se zum Beispill d'Pensiounen vun dem Militär matrechnen, a Lëtzebuerg mécht dat net an errecht domadder säin Zil méi spéit oder net.

Grouss Länner wéi Frankräich, mee och klenger wéi d'Belsch hunn en Interessi, fir méi Invest an d'Arméit ze stiechen, well si kréien duerch hir Rüstungsindustrie deementspreechend erëm Steuerrecetten erëm. Dat huet Lëtzebuerg eeben net. Mee firwat? Kéinte mer net verschidden Investitiounen och esou maachen, datt se d'Besoinen vun der NATO erfëllen a gläichzäiteg och enger Lëtzebuerger Ekonomik kënnen zugutkommen? Respektiv wa mer dat haut net kënne, da misste mer déi Kapazitéiten vlächent schaffen, well déi geopolitisch Situatioun, an där mer eis befannen, ass net an zwee, dräi Joer eriwuer.

An all Depense, déi mer haut maachen, sollt mat eisen europäeschen a mat eisen NATO-Partner ofgeschwat ginn, fir datt mer Systemer hunn, déi och interoperabel sinn, an net dat, wat ech d'lescht Joer a Litauen erkläert krut: datt, wann déi däitsch Arméi mat der Lëtzebuergescher Arméi wëllt kommunizéieren, de beschte Wee dofir ass, zwee Funkgeräte, en däitsch an e Lëtzebuergesch, ze huelen an déi niewenteneen ze halen, well déi zwee Systemer haut net kompatibel sinn. Nëmme esou ka Lëtzebuerg fir eis Piraten en zuverlässige Partner sinn, ouni gläichzäiteg Geld ze verbrennen.

Ech kommen da vun engem Budgetposten, wou mer vill ausginn, op e Budgetposten, wou Geld feelt. Dës zum Beispill bei der Ëmwelt. A punkto Ëmwelt muss ee leider soen, datt dës Regierung kee Schrëtt no vir, mee carrement een no hanner mécht, eppes, wat souguer – souguer! – vun der Chambre de Commerce kritiséiert gëtt. D'Ausgabe par rapport zum PIB sollen an den nächste véier Joer kaum klammen. An do muss een awer soen: D'nächst Joer wäert entscheidend sinn, fir de Paräisser Klimaaccord a fir de PNEC anzuhalen. An do kann et net sinn, datt déi Investitiounen stagnéieren oder souguer erfoginn. Dat ass nämlech laut dem PSC esou virgesinn. Déi mussen weider eropgoen, soss erreche mer eis Ziler net!

Et muss ee soen, datt och an dësem Budget, wéi am PSC an am PNR, keng nei Projekte stinn a punkto Klimapolitik. Déi nei Regierung léisst déi Projekten nach kuerzfristeg weiderlafen, also déi Projekten, déi vun der aler Regierung ugefaange goufen, Stéchwuert Primme fir den Elektroauto a fir d'Elektroborn, mee wéi et duerno weidergeet, do stachere mer am Niwwel. A wat fir Projekte se wëllen ustoussen, jo, déi sti guer net am Text.

(M. Claude Wiseler reprend la présidence.)

De Klimabonus Wunnen, esou wéi en elo ass, soll awer am Juni auslafen. Vu de Succès vun dëser Messur fuerdere mir Piraten d'Regierung op, fir dës Aiden esou, wéi se elo sinn, bis Enn des Joers mindestens weiderlafen ze loossen. Dës, well d'Evaluatioun, déi d'Regierung wollt maachen, eis nach net virläit. Här President.

Motion 6

D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest, dass

– de Subsid „Klimabonus Wunnen“ 2022 iwwer 3.200-mol an 2023 iwwer 6.500-mol ugefrot ginn ass;

– de Subsid also ëmmer méi u Belëiftheet respektiv u Bekanntheit bei der Bevëlkerung gewinnt;

– den „Top-up“ (20 % respektiv 25 % méi) vun de Subside mat dem Projet de loi 8350 soll bis den 30. Juni 2024 verlängert ginn;

– d'Regierung un enger Evaluatioun schafft a bis elo sech net kloer fir eng Verlängerung vun den „Top-ups“ ausgeschat huet.

Aus dese Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung,

– de Subsid „Klimabonus Wunnen“ a senger jëtzege Form bis Enn 2024 weiderzeféieren. Dës, fir sech méi Zäit bei der Evaluatioun ze ginn an am Kader vun der nächster Budgetsdebat dann d'Pläng fir d'Zukunft virzeleeën.

(s.) Sven Clement.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Dobäi seet d'Regierung selwer am PNR, datt 100 bis 120 Megawatt u Solarenergie bäikomme mussen, fir eist Zil vun 2030 ze errechen. Dofir ass e „Weider esou“ keng Optioun fir Lëtzebuerg an och net fir Europa.

Den neie Premier sot, de Klimaschutz géif d'Leit nerven. Den ale Premier Xavier Bettel hat sech mat senger Jugurtsmaschinn selwer zum Klimapremier ausgerufen. Mee hei schéngt sech d'CSV duerchgesat ze hunn, an dem Xavier Bettel seng Jugurtsmaschinn ass ewechgeholl ginn, well mir maachen nach e Schrëtt méi zrëck. Dës, obwuel d'Populatioun an dem leschte Politmonitor nach eng Kéier kloergemaach hunn, datt de Kampf géint de Klimawandel eng vun den dräi Haaptaufgaben ass, déi d'Regierung misst ugoen.

Mir Piraten sti fir eng Klimapolitik, déi d'Leit mathëlt an déi weider dru schafft, datt mer d'Ziler vum Paräisser Klimaaccord errechen. Dat bedeit, datt fir eis muss e Klimabonus kommen, deen d'Leit belount an net bestrooft, wa se manner CO₂ notzen. Dat heescht fir eis och, datt d'Primmen, wéi zum Beispill op Fotovoltaik oder op d'Elektrobornen, solle weiderlafen. Well d'Klimapolitik ass wichteg, fir eis Betriber op d'Zukunft virzubereeden, fir Aarbechtsplazen hei am Land ze schaffen an ze erhalen a fir sécherzestellen, datt d'Lëtzebuerger Land och a 50 Joer nach eng Plaz ass, wou et sech gutt lieue léisst.

Wat mer wierklech brauchen, ass weeder e Réckschrëtt nach e Stëllstand. Eis Natur, d'Klima, d'Wissen, d'Bëscher an d'Gewässer brauchen endlech e Fortschrëtt. Leider wäert et dee mat dësem Budget net ginn.

A wa mer vu Fortschrëtt schwätzen, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, da gëtt et keen anert Thema, wat de Fortschrëtt esou gutt symboliséiert wéi d'Digitalisation. En Thema, wat mer awer ferm um Härz läit a wou ech dann am Budget u sech frou war, op den éischte Bléck, ze liesen, an ech zitieren: „L'État entend intégrer la digitalisation au sein de son fonctionnement tant interne que vis-à-vis des citoyens.“

Dat ass sécher net verkéiert, obwuel ..., obwuel ee menge kéint, dat wär éischer en Zitat aus dem Budget vun 2001 wéi aus engem vun 2024. Wéi Däitschland 2013, Zitat, d'„Neuland“ Internet entdeckt huet, huet jiddereen iwwer se gelaacht. Mee do wousste mer jo nach net, léif Kolleeginnen a Kolleegen, datt Lëtzebuerg och méi wéi zéng Joer duerno nach mat der Digitaliséierung ze kämpfen hätt.

Mir brauche benutzerfrëndlech an datespuersam staatlech Plattformen, déi de Kontakt mat an tëscht de Biergerinnen an de Mëttelpunkt stellen.

Klunge Liichtbléck: D'IGP envisagéiert, an Zukunft op eng personaliséiert Open-Source-Léisung ze setzen. An dat ass e gudd Schrëtt, deen och aneren Administratioun kéint vu Virbild sinn. Well aktuell verschent de Staat einfach vill ze vill Potenzial am digitale Raum.

Et gëtt héich Zäit, datt all déi Suen, déi an d'Digitaliséierung gestach goufen an nach ginn, elo endlech emol Friichten droen. D'Digitaliséierung muss den Austausch an den Zougang zu Informatioun vereinfachen, Wëssensmonopole opbriechen, d'Transparenz an d'Participatioun steigern an d'Mënsche besser matenee vernetzen. Mee dofir misste mer de Staat als digital Plattform denken a bräuchten eng iwwergräifend Strategie amplaz vu villen eenzelne Projekte mat ville verschiddenen extra flotten Nimmen. Leider feelt dat nach am Moment.

Här President, léif alleguerten, och an der Educatioun feelt et u vilm. Doduerch, datt mer nach ëmmer dee selwechten Educatiounsminister hu wéi an der viregter Regierung, hätt et eis elo och gewonnen, wann et do grouss Verännerunge gi wieren. Och hei gëtt einfach weidergefouert, wat de Claude Meisch 1 dem Claude Meisch 2 an den Tirang geluecht huet a viru Joren ugefaangen huet. Et gëtt weider op Statistike gekuckt an net no deem, wat eis Kanner wierklech missten an der Schoul léieren – also wat se misste léieren, fir am Berufsleew Fousse ze faassen.

An hei kommen ech nach eng Kéier op d'Inegalitéiten zréck, well am Fondamental bleiwen eis déi weiderhin erhalen. An do ass de Budget dach awer kruzial. An do mierkt een, datt sech d'DP duerchgesat huet géint eng CSV, wou eminent Memberen op d'Gericht gaange sinn, fir méi Egalitéiten ze schafen. Nämlech, am Budget ass weiderhi keng Finanzéierung fir Ekipementer an de Grondschoulen a manner gutt situéierte Gemengen ze fannen, obwuel et angeblech Gespréicher gëtt. Mee am Budget, dee mer muer solle stëmmen, ass näischt dovunner ze fannen. Kanner, déi also a manner räiche Gemenge wunnen, bleiwe benodeelegt vis-à-vis vu Kanner, déi a räiche Gemenge wunnen. Här ass Här a Max ass Max. Déi eng kréie Kuch an déi aner d'Grimmelen.

Här President, nach e leschte Punkt: Wa mer scho bei de Gemenge sinn, dann ass et natierlech och net egal, wou ee wunnt. An do kënn et op d'Mobilitéit un. A wann ee kuckt, wou d'Regierung hir Prioritéit leet, wat d'Mobilitéit ugeet an den nächste fënnef Joer, gesäit een, datt d'Schinn eng ënnergeuerdent Roll par rapport zur Strooss soll spillen. Wou d'Investissementen an d'Schinn 2027 sollen erofgoen, klammern déi vun de Stroossen investéieren, do, wou et néideg ass, mee

den Ausbau vum öffentliche Transport ass essentiel, wa mer wëlle souwuel eis Mobilitéits- wéi eis Klimaziler errechen.

Mir Piraten kënnen nëmmen hoffen, datt d'CSV hei net wéi an der Vergaangenheet op d'Brems dréckt an den Auto an de Virdergrond stellt, mee weider um Ausbau vum öffentlichen Transport schafft an d'Qualitéit vun dësem héichhält. Well beim öffentlichen Transport feelt eis nieft dem Bekenntnis zu groussen Investitiounen dann awer och d'Wäitsicht: An eise leschte parlamentaresche Froen hu mer zweemol misse nofroen, fir datt d'Ministesch eis emol konnt soen, wéi vill Personal d'CFL da bis 2035 brauch, fir d'Ziler vum Mobilitéitsplang ze errechen.

Ech si vläicht e bëssen naiv, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mee ech hat geduecht, datt ee sech, wann ee sech e Plang gëtt, dann och eng Kéier iwwerleet, wéi een dee Plang wëllt errechen. Mee warscheinlech geet et an der Mobilitéit wéi beim Logement: Mir annonciéieren als Éischt emol eng schéin Zuel, well se gutt kléngt, a schlussendlech wësse mer awer guer net, ob mer déi Zuel jee eng Kéier kënnen errechen, well dat kënn jo déi Generatiounen no eis dann ausbueden.

D'Resultat war: D'CFL muss ëm 40 % wuessen. 5.000 et sinn der aktuell, mee dat wieren da geschat 2.000 Mataarbechterinnen a Mataarbechter méi, bis 2035 200 Leit d'Joer, déi méi missten agestellt ginn. Wéi soll d'CFL dat errechen? Wat mécht d'Regierung, fir datt déi Rechnung um Enn opgeet?

Och hei, wéi an aneren Dossieren, gesi mer keng Visioun, kee Plang, keng Feuille de route, keng nei Politik, mee éischer e Schrëtt a Richtung Politik vun den Ufanks-2000er.

Dobäi kënn mer duerch de Bevölkerungswuesstem nëmmen op eng Aart a Weis d'Liewensqualitéit erhalen: duerch eng Diversifizéierung vum Transport. Fir eis Piraten ass kloer, datt d'Netz u Borne muss weider ausgebaut ginn, datt den öffentlichen Transport muss qualitativ héichwäerteg a gratis bleiwen an datt och Elektroautoe weider duerch Primmen un déi Leit, déi se brauchen, gefërdert musse ginn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech kommen zum Schluss. Den Apel fir den Dusch, vun deem esou gäre geschwat gouf: Entweder gouf e giess ... E gouf op alle Fall net op d'Säit geluecht. Eppes, wat mir Piraten an den neie Finanzminister a sengem fréiere Liewen als Deputéierten awer méi wéi eng Kéier kritiséiert hunn.

Och dës Regierung setzt op Budgeten ouni Visiounen a Léisunge fir d'Biergerinnen an d'Bierger, sei et beim Logement, der Educatioun, der Aarbecht, dem Sozialen, der Digitaliséierung – do maache mer ze mann. Bei der Santé weess een nach net, wou d'Rees higeet. An an der Mobilitéit an an der Ëmwelt, jo, do hu mer den Zuch de falsche Wee op d'Schinn gesat.

Wéi sot en eminente fréieren Deputéierte Gilles Roth? An ech zitieren aus senger Budgetried 2023: „[Et ass] eng Politik mat eidele Versprechen: De Lëtzeburger Staat, Dir Damm an Dir Hären, hat nach ni méi Schold wéi elo. Den Aarmutsrisiko, an domat d'Schéier tëscht Räich an Aarm, war nach ni esou grouss wéi elo. [...] D'Wunnungsbaupräisser an d'Wunnungsnout waren nach ni esou grouss wéi elo. D'Leit stoungen nach ni méi laang am Stau wéi elo.“ Zitat Enn.

Dat treëft nach ëmmer zou, Här Roth. Dir loungt virun engem Joer net esou ganz falsch. D'DP/CSV-Regierung wäert mat dësem Budget awer och net dru schaffen, datt et besser gëtt. Si maache keng Politik fir d'Mëttelschicht, fir d'Aarmut ze verréngern. Si

wäerten net derfir suergen, datt d'Wunnungspräisser falen. Si wäerten et mat dëse Mesuren net packen, fir de Stau ze verréngern. Si maache keng nei Politik, mee d'Politik, wéi Blo-Rout-Gréng se gemaach huet, weider, respektiv wéi d'CSV se do virun an den Ufanks-2000er gewinnt war.

Mir Piraten sti fir eng nei Politik. Eng nei Politik, déi mer an dësem Budget net erëmfannen.

Mee wann ech nach ee Saz zur neier Politik soe kann, da geet et och ëm eng nei Politik vun der Deontologie. An ech hu virun iwwert d'Dependé bei Regierungsmemberen a bei dem Staat insgesamt geschwat, datt déi eropginn, obwuel et manner Ministère gëtt. A mir erënneren eis alleguerten un d'Presseberichter vum leschte Joer iwwert d'Dependé vu verschiddene Regierungsmemberen. Wat festgestallt gouf, ass, datt d'Chamber Reegelen huet, wéi ee mat esou Depensen ëmgeet, datt et fir e Beamte scho laang Reegele gëtt, déi zwar da vum Filmfong zum Beispill net ëmmer agehale goufen, mee datt d'Regierung keng Reegelen huet.

An de Premier huet an der Vergaangenheet – also an der rezenten Vergaangenheet, de 25. Mäerz – hei an der Chamber gesot, datt ee „bon sens“ an eng „éthique du métier“ soll applizéieren. An am Zweifel kéint een déi Reegelen och preziséieren. Ma ech mengen, datt et der Chamber gutt géif zu Gesiicht stoen, wa mer de Premier géifen un déi Wieder erënneren an e géifen invitieren, dat dann och zu Pabeier ze bréngen. Dofir nach eng weider Motioun, Här President.

Motion 7

D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest:

– Am Budget fir 2024 sinn d'Dependé par rapport zu 2023 eropgaangen, wat d'Remuneratioun vun de Regierungsmemberen ugeet. Dës, obwuel sech d'Zuel vun de Ministere mat der neier Regierung reduzéiert huet.

– De Staatsminister huet an der Chamberskommissioun de 25. Mäerz erkläert, datt de „bon sens“ an d'„éthique du métier“ all Regierungsmember géife verpflichten, fir sech virbildlech ze behuelen. De Staatsminister sot och, datt dës Reegele kéinte preziséiert gi wann néideg.

– An der Vergaangenheet sinn an der Press Berichter opkomm vu Faisenofrechnunge vu Ministeren, déi bis zu de Recherch vu Journaliste sech net bewusst waren, datt dës Faisen net op Staatskäschen dierfte gemaach ginn.

– Fir Beamte ginn et schon esou Reegelen. Si hu Forfait pro Nuecht zegutt. Zousätzlech leet d'Circulaire vum Staatsministère vun 2016 fest:

«par principe les déjeuners/dîners sont réservés à l'occasion de l'accueil de délégations étrangères ou d'entrevues avec des tiers par rapport à l'Administration, dans un contexte précis justifiant un tel geste. De simples réunions de travail entre fonctionnaires ne sauraient justifier l'organisation de déjeuners/dîners à charge du budget de l'État».

– D'Chamber kënn fir d'Deputéiert bei Déngschtreesen nëmme fir Déplacement an Unterkunft op. All aner Fraise mussen d'Deputéiert selwer bezuelen.

Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung,

– fir sech Reegelen ze ginn änlech wéi d'Chamber, déi festleeën, wéi eng Fraisen an de Kader vum Mandat vun engem Minister falen a wéi ee Minister mat de verschiddenen Ausgaben, déi en tätegt, soll ëmgoen, fir hei ee Maximum un Transparenz sécherzestellen.

(s.) Sven Clement.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Domadder, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wéi ech sot: Eng

nei Politick fanne mer an dësem Budget net erëm an dofir kënnen mer en och net matdroen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Ganz gutt!

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen dem Här Clement Merci. An dann ass d'Wuert fir den nächsten ageschriwwene Riedner, den Här David Wagner. Här Wagner.

M. David Wagner (déi Lénk) | Merci, Här President. Ongeféier sechs Méint, nodeems dës Chamber fir d'éischte Kéier zesummekomm ass, diskutéiere mer fir d'zweete Kéier iwwer e Budget. Déi éischte Kéier war relativ kuerz a knapp, well et just ëm déi provisoresch Zwielftel gaangen ass, also d'Kontinuitéit vum Budget vum 2023. An haut geet et ëm e Rumpfbudget, dee vu Mee bis Dezember geet an deem och an de groussen Zich an der Kontinuitéit vum vieregte Joer läit.

Deementspriedend sinn och eng Partie Avisen ausgefall. Si hu sech natierlech mat dësem Budget befaasst, mee si sinn net derlaanscht komm, fir och méiglech Intentione vun der neier Regierung ze kommentéieren. An dat gouf haut och méi wéi eng Kéier gemaach, souwuel vun der Opposition, mee awer och vun der Majoritéit.

„Polykrisen“, dat ass e Wuert, wat d'Regierung dacks benotzt – et ass net vill gëschter an haut gesot ginn, mee op jidde Fall an den Dokumenter –, fir déi aktuell Situatioun ze bezeichnen. Dat kann een dann och esou nennen. D'Land stécht a ville Krisen, déi deelweis hausgemaach sinn, deelweis sech an engem weltwäiten oder europäesche Kontext ofspillen. Déi Krise si bekannt. Et geet ëm Klima. Et geet ëm Aarmut, Aarmut, déi sech zu Lëtzebuerg ëmmer méi breitmécht – dat ass hausgemaach. Et geet ëm Logement – dat ass hausgemaach.

Wat net hausgemaach ass, dat ass de Krich: déi russesch Aggressioun géint d'Ukrain, de Völkermord am Gazasträifen, awer och dee ganz, ganz bluddegen, wann net dee bluddegste Konflikt iwwerhaupt an der Demokratescher Republik vum Kongo, iwwert dee ganz weéneeg an de westleche Meedien oder an der westlecher Politick diskutéiert gëtt, well et de Weste warscheinlech och net esou richteg interesséiert – well et an Afrika ass.

An deem Sënn geet et awer och ëm existenziell Ängschten vum méi oder manner jonke Generationen. Ob hausgemaach oder net, déi Problemer kommen net vum Himmel gefall. Nom Enn vum Kale Krich krut een erzielt, et géing elo nëmme biergop goen. D'Ausdeenung vum sougenannte fräie Marché, déi weltwäit Duerchsetzung vu kapitalistesche Prinzipien, d'Zréckschrauwe vum soziale Fortschritt duerch déi neoliberal Konterrevolusioun: De Präis vun all dëse Verierungen, déi an den 90er-Joren och zu Lëtzebuerg definitiv Fouss gefaasst hunn, ass héich.

Et wäerte gewësse Leit soen: „Dat ass erëm déi al Leier vun de Lénken, datt et dem Kapitalismus seng Schold wier.“ Mee ech stelle just fest – ganz empiresch! – an ech wëll och nëmme drun erënneren, datt scho virun 20 Joer – ech ka mech drun erënneren – déi, déi virun der ekonomescher Deregulierung gewarnt hunn, also Lénk Politiker an Ekonomisten – an där gouf et der Honnerten an Honnerten –, meeschtens vun deenen ausgelacht goufen, déi gemengt hunn, d'Welt géing sech duerch déi Deregulierung, duerch nach méi Liberalismus an der Wirtschaft nach méi verbesseren. An elo am Joer 2024 steet d'Welt virun engem Scherbenhaufen, an et gëtt vu Polykrise geschwat. Dat ass e Fakt! An et ass an deem Kontext, wou dës Budget och soll ugehall ginn.

Ech muss zouginn, dass ech am Verlaf vun Diskussiounen iwwert de Budget ëmmer méi un de franséische President Emmanuel Macron hu missen denken, net un d'Kaz vum Schrödingen. Dat wier méi agreabel gewiescht, wéi un den Emmanuel Macron ze denken, muss ech awer och soen.

(Hilarité)

Firwat den Emmanuel Macron? Mee wéinst sengem „en même temps“. D'Regierung bréngt d'Konschtstéck – an ech si frou, datt d'Madamm Tanson dat och gesot huet, da sinn ech och frou, net deen Eenzege gewiescht ze sinn, deen deen Androck hat – fäerdeg, bei dësem Budget souwuel vu groussen Defien ze schwätzen, déi et ze bewältege gëtt, an an engems schwätzt dës Regierung awer och vum Spueren. Wéi dat opgoe soll, weess ech net. An dat weess anscheinend keen.

Dat ëmsou méi, well och den Här Finanzminister virun enger Partie Méint scho vu konazyklescher Politick geschwat huet. An elo fänkt et un, e bësse komplizéiert ze ginn, fir dat alles ausereneezhalen. Wann ech mech richteg erënnere kann, huet den Här Finanzminister vu konazyklescher Politick geschwat am Kader vun de Steierlichtenungen, notament wat d'Betriebsbesteuerung ugeet. An dat hat ech schonn ugeschwat bei den Douzièmes provisoires. Mee eng klasesch konazyklesch Politick ass jo, wann de Staat Suen investéiert, grad wann d'Wirtschaft méi lues trëppelt.

Dat bekanntst Beispill aus der Geschicht kenne mer all. Dat ass jo den New Deal vum amerikanesche President Roosevelt an den 30er-Joren, wou den amerikanesche Staat massiv an d'Infrastrukture vum Land investéiert huet. Doduerch, datt de Staat d'Wirtschaft aktivéiert huet, huet en och de Privatbetriber Opträg ginn, déi doduerch och méi Leit konnten astellen, déi dann net am Chômage waren. An déi Betriber hunn dann och Profitter gemaach, wat erëm gutt war fir de Staat, well deen och domadder konnt Steieren anzéien. An dofir gouf och eng Kierperschaftssteuer agefouert, déi och den Ënnerscheid gemaach hat ëmmerhin tëscht klengen a groussen Betriber. An net ze schwätze vum engem Spëtzeiteersaz, deen op 79 % eropgeschrauft gouf. En gros: Grad an enger Krisenzäit wéi an den 30er-Jore kouw et zu méi grousser staatlecher Interventioun an der Wirtschaft, awer och zu méi Besteuerung vu Kapital a Räichtum, an dat, wéi eebe gesot, grad wéi d'Wirtschaft méi lues getrëppelt ass. An dobäi war den Här Roosevelt bei Wäitem kee Sozialist.

Allerdéngs muss ee sech och froen, wat dat genau bedeit, wann d'Wirtschaft „méi lues trëppelt“, an zemoos, fir wie se méi lues trëppelt. Wann een elo d'Zuele vum Eurostat kuckt, wat de Betriebsiwwerschoss ugeet, da stellt ee fest, datt e wäit, ganz wäit iwwert deem vun den Nopeschlänner läit. Pro geschaffte Stonn läit de Lëtzebuurger Betriebsiwwerschoss bei ronn 40 Euro. An Däitschland läit e bei 26 Euro, an der Belsch bei 22 an a Frankräich bei 21. Et gëtt also nach vill Sputt no uewen, wat d'Gehälter ugeet.

Huele mer awer och elo de Bankesektor, deen u sech, wat d'Zuelen, wat d'Statistiken ugeet, derzou bäidréit, datt d'Croissance zu Lëtzebuerg manner gutt ausgesäit, an dofir gewësse Kreesser dozou verleet, d'Bild vun der Lëtzebuurger Wirtschaft méi schwach ze molen, wéi se a Wirklechkeet ass, fir doropshi kënnen dann och nom schlanke Staat ze schéien. Dat seet och d'Staatsbeamtekummer, déi sech wuel gutt auskennt, well hir Leit jo och mat deenen Zuelen am Alldag ze dinn hunn.

An do hu mer och déi Diskussioun vun der Berechnung vum PIB, op déi d'Salariatskummer an hirem

Avis en long et en large agaangen ass, an dat och scho bei den Douzièmes provisoires. Déi Fro hat ech och viru Kuerzem an enger Finanzkommissioun opgeworf, a mir kruten d'ailleurs och virgëschter eng schrëftlech Erklärung vum Finanzministère opgrond vun dëser Fro. An do wollt ech och vun der Geleeënheet profitéieren, bei all deene Kriticken, déi mer ausüben, fir dem Finanzminister a senger Mataarbechter Merci ze soen, well dat ass awer och eng korrekt Aart a Weis, fir op Froe vun Deputéierten anzegoen.

Ech ginn elo net op all Detailler an, mee et gëtt zwou gréisser Aart a Weisen, de PIB ze berechnen – do-robber wëllt d'Salariatskummer agoen –: de PIB am Volumen an deem am Wäert. A graff erkläert: De PIB am Wäert ass u sech méi héich wéi deem am Volumen, well bei deem am Volumen, do ginn d'Produktionskäschte mataberechent, also ass e méi kleng. Dat ka jo och jee no Secteur Sënn maachen. Et mécht natierlech manner Sënn an engem Secteur, wou d'Produktivitéitskäschten net esou staark schwanken, an dat ass notament de Fall fir de Bankesektor.

Am Avis vun der Salariatskummer gëtt een dann och gewuer, datt déi verschidde Methoden, fir d'Präisinflation unhand vun engem Indiz, deen un d'Produktionskäschte gebonnen ass, ze berechnen, also och fir d'Croissance ze berechnen, an dräi Gruppen opgedeelt sinn. Dat sinn déi Methoden, déi am beschte passen, déi, déi akzeptabel sinn, an déi, déi een op kee Fall soll uwennen.

A wat ganz interessant ass: Jee no Secteur ass dat ganz verschidden. An der Landwirtschaft oder am Bau zum Beispill spillen déi Methoden, wou d'Produktionskäschte matagebonne sinn, eng grouss Roll. An déi sinn och meeschtens korrekt, wat jo novollzéibar ass. Mee bei den Activités financières sinn déi Methoden, wou d'Produktionskäschten eng grouss Roll spillen, guer net korrekt, wat jo och novollzéibar ass. Dat erkläert dann och, firwat de Bankesektor, obwuel säi Wuesstem am Volumen net esou staark ass, eebe wéinst deenen héijen Zësen, well do manner Prëten ofgewéckelt goufen, trotzdem am Wäert vill méi Profitter gemaach huet, duerch eeben och déi méi héich Zësen.

Dat alles, fir et op ee Punkt erofzebriechen: Nee, der Wirtschaft am Allgemenge geet et guer net esou schlecht. Jo, Profitter gi gemaach, zemoos am Finanzsektor. An neen, dofir wier et falsch, elo op Spuerflam ze goen, ganz am Géigendeel, an et wier och falsch, d'Steieren op de Benefisser vun de Betriber mat der Géisskan erofzesetzen. Ech weess net, wéi dat soll goen, „mat der Géisskan erofzesetzen“, mee ech soen et emol esou.

An dofir ass et och net verständlech, Här President, wann dës Regierung seet, si wëilt weiderhin un deem sougenannten Objectif budgétaire à moyen terme vum der Europäescher Unioun festhalen, an engem Moment, wou souguer d'Europäesch Unioun deen Objectif budgétaire à moyen terme faleléisst.

Fir et an eng méi human Sprooch ze iwwersetzen: Den Objectif budgétaire à moyen terme setzt viraus, datt d'Budgete vun de Staaten e gewëssene Prozentsaz vun Iwwerschoss mussen ofsécheren oder wéinstens keen Defizit hunn. Dat kléngt gutt op den éischte Bléck, mee et ass haaptsächlech eng Brems bei den ëffentlechen Ausgaben. Si ass jo och net fir näischt um europäeschen Niveau falegelooss ginn, well se net de Realitéiten entsprécht, zemoos net an Zäiten, wou Staate mat ville Krise befaasst sinn, mat Polykrise befaasst sinn. An déi sougenannte „gëlle Reegel“, déi guer net aus Gold ass, ass also eng Schwächung vun der ëffentlecher Hand, also grad de Géigendeel vun deem, wat mir hautzedaags brauchen.

Här President, den Här Finanzminister hat gemengt, datt d'Regierung bei de Fonctionnementskäschter vum Staat spuere wëllt, ausser a gewëssene Beräicher, wéi der Education, wéi der Police et cetera. Wann een elo awer de Budget kuckt, da gesäit een net vill vum Spueren. Ech sinn net deen Éischten, deen dat seet. Dat hu vill Riedner gesot, an dat ass jo och jidderengem opgefall – y compris der Cour des comptes natierlech och.

Bon, dat ass jo och gutt, wann net vill gespuert gëtt, well mir sinn net der Meenung, datt misst gespuert ginn. Ob dat mëttel- oder laangfristeg esou bleiwe wäert, wäerte mer nach gesinn. Den Här Finanzminister hat jo och virdrun, nach haut de Moien, dozou eppes gesot. Ech kommen nach dorobber zrëck.

An deene verschiddene Kommissiounssëtzen – et gouf och gesot –, wou all Minister laanschkomm ass, fir zu sengem Budget Ried an Äntwert ze stoën, ass dann dacks d'Fro gestallt, wou dann elo géif gespuert ginn. A gewësse Regierungsmemberen hunn tatsächlech heiansdo ganz verdutzt dragekuckt. Aus guddem Grond, well d'Spueren hate se guer net um Radar.

Här President ... A, Dir sidd et, ok. Nee, well Dir waart jo selwer Minister.

(Hilarité)

Ech mengen, all d'Vizepresidente ware souwisou Ministeren. Ech war et ni ...

(Interruption)

Glécklecherweis, soe Verschiddener.

(Hilarité)

... mee ech ka mir gutt virstellen, datt et jo ganz einfach ass, iert een an eng Regierung kënn, ze soen: „A, lo gëtt gespuert!“, a sou weider. Dat entsprécht jo e bëssen der liberaler Leier, datt de Staat egal wat mat de Steiergelder maache géif. Jo, de Staat ass net perfekt an et gëtt bestëmmt Ausgaben, déi net onbedéngt misste sinn. Ëmgedréint gëllt dat awer och!

Mee wat witzeg ass, dat ass de Fakt, datt, wann d'Regierung bis steet, déi nei Ministere ganz séier mieren, datt de Staat guer net esou liichtfankeg mat de Suen ëmgeet an datt de Gros vum den Ausgabe scho Sënn erginn. Et muss ee sech bewusst sinn, wat fir eng Chance een huet, an engem Land ze liewen, wou de Staat Suen an d'effentlech Services oder Infrastruktur stécht.

Eng kleng Anekdot, mee dat gehéiert jo och zu enger Budgetried: Virun enger Partie Joren hat ech e Gespréich mat engem Mann aus Brasilien, dee scho 15 Joer laang zu Lëtzebuerg gelieft huet – et wäerten der elo 20 da sinn –, an deen huet nëmme Lobeshymnen op Lëtzebuerg gesongen. Nëmme Lobeshymnen! Et war mir souguer e bëssen ze vill. An do hunn ech awer och ... En huet ëmmer gesot, jo, e kéint sech guer net virstellen, zrëck a Brasilien ze goen, Lëtzebuerg wier perfekt, an esou weider. An do hunn ech gefrot: „Jo, firwat? Erklär e bëssen!“ Dat wollt ech wëssen. An do huet e mech ugekuckt, wéi wann ech e Marsmännche wier, an e sot mir, textuell: „Ma well hei alles esou gutt klappt.“ An textuell sot en: „Äre Staat, dee klappt esou gutt.“

An dunn huet e mer e puer Beispiller esou erzielt: Wann een hei en Dokument vum Staat oder vum der Gemeng bräicht, da géif dat séier goen. Wann een eng Tax misst bezuelen, e Stempel misst bezuelen, da wär dat eng richteg an offiziell a keng inoffiziell Tax, déi een engem ënnerbezuelt Beamten an d'Täsch misst stiechen, well hei zu Lëtzebuerg d'Beamten och korrekt besolt ginn an hir Aarbecht prinzipiell ëmmer maachen. Mir sinn eis d'äers heiansdo net esou richtig bewusst.

An da si mer jo och bei de Fonctionnementskäschten. Dat sinn 8 % vum den Dépense vum Zentralstaat. 8 % ass wierklech net vill, fir e Staat zum Funktionéieren ze bréngen. Mee do gesäit d'Regierung awer eng Noutwendegkeet, fir ze handelen. An dat ass vläicht e bësse klenglech.

Am „Essentiel“ huet d'Rapportrice vum Budget och gesot, datt 80 % vum den Dépenses, dorënner d'Salarien an d'Sozialleeschungen, net ze drosselen wieren. Et stellt sech awer d'Fro, aus wat déi 20 % Dépenses, déi anscheinend ze drosselen wieren, bestinn. A wéi jidderree wëllt een ëmmer wëssen: Wou wëllt d'Regierung dann elo esou déck spueren?

Dat wollten d'ailleurs och zwee DP-Kollege wëssen, d'Corinne Cahen an den André Bauler. Déi haten dem Här Finanzminister eng Question parlementaire dozou gestallt. An d'Äntwert war kuerz a knapps, iergendeppes mat „Digitaliséierung“. Dat ass dat magescht Wuert: „Et gëtt digitaliséiert.“ Ech mengen, ganz wéineg Leit wësse wierklech, wat artificial Intelligenz ass, mee et gëtt einfach emol dovunner geschwat. Et klängt ëmmer gutt. An duerno hätte mer och Schwierigkeeten, genuch Kandidaten ze fannen – wat en anere Problem ass, wou een awer vläicht och misst an d'Déift goen.

An doropshi wollt ech da vum Minister vum der Fonction publique an och vum Här Finanzminister wëssen, wéi a wat soll digitaliséiert ginn an inwiefern dat Poste beim Staat géif iwwerflësseg maachen. Ech hu laang op d'Äntwert gewaart. Ech krut se haut vum Här Finanzminister op jidde Fall. En hat sech jo schon haut de Moien dozou ausgedréckt. A bon, déi ganz grouss Ventilatioun gëtt et net. Et ginn eng Partie Posten tatsächlech gestrach. D'Madamm Tanson huet dovunner och virdrun geschwat, well dat ass méi accidentel wéi an der Volontéit. Mee d'Fro stellt sech, ob dat iwwerhaupt gutt ass. Well mir mengen net, datt dat gutt ass.

An ech menge ganz einfach, et ass d'Demagogie vum dëser Regierung, fir vläicht gewëssene Kreesser Freed ze maachen, fir ze soen: „Hei, mir spueren elo!“ An duerno, vu datt déi heite Regierung awer vläicht aus Leit besteet, déi awer mat de Féiss um Buedem sinn, da mierkt een: Mee et geet guer net esou einfach fir ze spueren, ganz am Géigendeel souguer!

An da muss een awer och oppassen do mat der Digitaliséierung, ob dat automatesch derzou bäidroeg géif, datt Poste géife verschwannen. E Beispill: An der Commission jointe mat der Kommissioun vum der Gesondheet an der Sécurité sociale hat d'Madamm Deprez op d'Fro, wou da géif gespuert ginn, gesot, et géif een d'Hotline vum der Santé, déi während der Covidzäit entstanden ass a wou decidéiert gouf, se géif bäibehale ginn, ofschafen, fir déi duerch en digitale Service ze ersetzen. Zurzäit schaffen do, wann ech mech richteg erënneren, sechs bis siwe Leit fir dës Hotline.

Ech verstinn net, firwat eng Verbesserung vum digitale Service onbedéngt bedeite soll, datt een en analoge Service net méi bräicht. Heiansdo, an zemoos an der Gesondheet, muss een och kënnen mat enger Persoun schwätzen, well dat fir vill Leit, an net nëmmen eeler Leit, méi einfach ass oder well d'Thematik vläicht méi komplex ass wéi geduecht a well et vläicht méi berouegend ass a well och déi artificial Intelligenz awer vläicht nach net onbedéngt esou gutt entwéckelt ass, fir op all Fro eng Äntwert ze fannen.

Mee allgemeng gesi wier et och en Denkfeler, d'Digitaliséierung oder den Asaz vum Künstlecher Intelligenz als Spuermesur beim Staat unzegesinn: éischters, well schon nëmmen d'Ausdeenung vum der Digitaliséierung selwer nei Aarbechtskräften

erfuere soll, an zweetens, well de Staat seng Services ausbaue soll opgrond vum der uuessender Bevëlkerung. A Wierklechkeet misst vill méi agestallt ginn. Den Här Wilmes huet dat jo och schon ugekënnegt. Ech mengen, dat versteet jidderene – enfin, bal jidderene.

Ech hu vum Avis vum der Salariaatskummer geschwat. Elo kann ech och e bëssen op den Avis vum der Patronatskummer agoen, also der Chambre de Commerce, déi eise Premierminister esou gutt kennt. Am Finanzministère sinn d'ailleurs och scho Fakte geschafte gi mat der Nominatioun vum neien Direkter vum der Steierverwaltung, dee bis elo nach Direkter vum der Patronatsorganisatioun UEL ass.

Ech wëll natierlech net de Mann spillen, géint deen ech näischt hunn, mee et muss een unerkennen, datt mer et mat enger äusserst politescher Nominatioun ze dinn hunn, mat enger Persoun ze dinn hunn, déi och eng ganz kloer politesch Orientéierung huet, wougéint ech am Fong geholl och näischt hunn, well da weess ee weinstens, wou een drun ass – wou een drun ass mat der Regierung wuelgemierkt, well mat dëser Nominatioun gëtt d'Regierung e ganz staarkt Signal.

Am Resümee: Den eeemolege President vum der Handelskummer ass elo Premierminister an de geschwënn eeemolegen Direkter vum der Patronatsorganisatioun gëtt Direkter vum der Steierverwaltung. Doraus léisst sech weinstens eng Saach schléissen: De grouse Gewënner vum der Chamberswale war net d'CSV, mee d'Grousspatronat!

A wa mer et bei dësem Budget nach net richtig ze spiere kréien, da wäert et net ze vill laang daueren – mee net direkt, wéi gesot, well CSV an DP wëlle fir d'éischt nach gutt duerch d'Europawale kommen.

Dofir fannen ech och, Här President – an ech sinn net deen Eenzege, deen dat fënn –, datt d'Ried zur Lag vum der Natioun, déi jo fir den 11. Juni geplangt ass, also zwee Deeg no den Europawalen, misst u sech och virduer stattfannen, well mer och der Meenung sinn, datt u sech all politesch Formatioun hei zu Lëtzebuerg, och an engem Kontext vum engem groussen demokrateschen Exercice, deen d'Europawalen och sinn, sech muss kënnen ausdrécken, fir datt och d'Bevëlkerung hei zu Lëtzebuerg en âme et conscience ka wëssen, wéi se soll ofstëmmen.

Dofir wollt ech och eng Resolutioun deposéieren, déi och vum der LSAP, vum de Gréngen a vum de Piraten ënnerstëtzt gëtt, fir an deem Sënn ze fuerderen, datt mer d'Debatt iwwert den État de la nation virun den Europawale sollen hei ofhalen. Wannechgelift.

Résolution 1

La Chambre des Députés,

– considérant que la déclaration sur l'état de la nation et les débats y relatifs sont prévus pour avoir lieu au premier semestre de l'année 2024 ;

– considérant que les élections européennes auront lieu le 9 juin 2024 ;

– considérant l'importance de l'état de la nation et des débats y relatifs pour le débat démocratique au Luxembourg et ceci particulièrement en amont d'une échéance électorale,

– décide que la déclaration sur l'état de la nation et les débats y relatifs auront lieu avant les élections européennes du 9 juin 2024 ;

– demande à la Conférence des Présidents de veiller à l'exécution de cette décision.

(s.) David Wagner, Taina Bofferding, Sven Clement, Sam Tanson.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wagner.

M. David Wagner (déi Lénk) | Well duerno musse mer gesinn, wéi dat duerno wäert goen. Bis elo huet d'Regierung jo eng Partie Steierkaddoe kënnen maachen, déi souwisou och schonn ugekënnegt ware vun der viregter Regierung – dat vum Steuerbarème et cetera. Si huet zwee Kontinuitéitsbudgeten deposéiert. Duerno kommen eeben och nach Europawalen. An dann hu mer véier Joer laang keng Wale méi. A wann een esou e bëssen awer mathéiert, wat op d'Bevëlkerung duerkënn, da riskéiert de groussen Hummer erausgehoill ze ginn. Dat ass op jidde Fall eis grouss Suerg. Dat ass dat, wat eis Suerg bereet.

Engersäits gëtt et deen heite Budget, dee keng grouss Ännerunge virgesäit. Anerersäits gëtt et awer och en Diskurs, dee vun dëser Majoritéit an hiren Alliiéierten am Patronat gefouert gëtt. Et ass och keen Zoufall, datt déi nei Patronatssprooch hei Anzuch an d'Chambre fonnt huet. Et gëtt vun „Talenter“ geschwat, déi ee misst unzéien. Et gëtt vun „Decideure“ geschwat, déi ee misst unzéien an uschwätzen. Do mierkt een och, an dat ass gëschter beim Rapport vun der Madamm Adehm ganz däitlech ginn: D'Regierung deelt déi selwecht Obsessioun wéi d'Patronat: Aarbechtskräften ausserhalb vum Land siche goen an de Staat schwächen.

Ech huelen och als Beispill d'Zesummenaarbecht mat der Groussregioun. Dat Eenzege, wat d'Chambre de Commerce ze interesséiere schénkt, ass, wéi een d'Aarbechtskraaft aus eisen Nopeschlänner eraussuckele kann. Dem Här Frieden seng Frënn vun der Chambre de Commerce hunn nëmmen eng Saach am Geescht: Wuesstem, Wuesstem, Wuesstem. Wann ech e politesche Responsabelen aus enger franséischer oder belscher oder däitscher Grenzregioun wier, da géife bei mir awer all d'Luuchten ugoen, fir esou onfrëndlech Téin vu Lëtzebuerg u sech ze héieren. Well, wat soe souwuel d'Handelskummer wéi och d'Regierung unisono? „Ma kommt, mir suckelen déi ganz Substanz vun Aarbechtskräften aus der Groussregioun eraus.“ Ganz solidaresch ass dat net! Ech weess net, ob et vun Interessi ass fir e klengt Land wéi Lëtzebuerg, sech bei den Noperen esou onbeléift ze maachen.

An d'Rechnung wäert och net fir eis opgoen. Dat huet ee richtig gëschter gemierkt bei der Ried vun der Madamm Adehm, wou een den Androck hat, datt de Budget, datt d'Steierpolitik, datt iwwerhaapt déi ganz Politik soll ausgeriicht ginn op déi, déi vläicht heihinnerkomme wäerten, déi sougenannten „Talenter“ an „Decideuren“, also éischter gutt betuchte Leit. A fir déi gutt betuchte Leit unzézien, misste mir eis Steieren erofsetzen, woubäi mir déi Recettë brauche fir d'Entwécklung vum Land a fir de Besoin vum Land, déi hei liewen a schaffen, ob Lëtzebuurger oder Netlëtzebuurger, nozekommen. Mir hätte besser, derfir ze suergen, datt eis Nopeschgéigende sech besser entwéckelen, harmonesch entwéckelen, amplaz datt mir alles hei wëllen unzéien. Dat wier och gutt fir eng harmonesch Entwécklung op béide Säite vum Land – a villen Hisiichten.

D'Chambre de Commerce freet sech och doriwwer, datt mat der Zäit d'Personalkäschte beim Staat erofgoen sollen. Dat ass jo mol ugekënnegt ginn. Wéi, wou a wat soll agespuert ginn, verréit eis d'Chambre de Commerce genausou wéineg wéi d'Regierung. Well d'Chambre de Commerce, wéi all déi Organisatiounen, déi vun der neoliberaler Ideologie befall sinn, versteet einfach net Sënn an Zweck vum engem Service public. Dobäi profitéieren och d'Betriber dovunner.

Eist Land wisst. Et kommen ëmmer méi Leit bäi. Geschwéi si mer zu 700.000 Awunner. An da muss een

och wëssen, wat ee wëll! Ëmmer méi Leit, dat heescht och ëmmer méi ëffentlech Dëngschtleeschungen – an net manner. Dat heescht méi Schoulen, méi Gesondheetsversuergung a sou weider a sou virun.

A wou soll een dann elo spueren? Well op de Staat ze klappen, deen anscheinend esou deier ass, op seng Beamten ze klappen, déi anscheinend esou deier sinn, dat ass jo ëmmer déi kleng Musek aus de Patronatskreesser. Dat ass eng einfach Saach, zemoos am Bistro beim Patt. An dat mécht d'Chambre de Commerce – oder misst ech besser soen: de „Café du Commerce“? Well heiansdo hunn ech den Androck, datt déi zwou dat selwecht sinn.

Eng aner Obsessioun vun der Chambre de Commerce an der Regierung ass déi bekannte Schéier tëscht den Depensen an de Recetten. D'Gefor besteet, soen se, datt de Staat geschwéi méi ausgi muss, wéi erakënn. Dat ass natierlech méiglech. Mee musse mer wirklech dofir de Staat schwächen? Gëtt et keng aner Méiglechkeeten, fir derfir ze suergen, datt d'Recettë weiderhi Schrëtt mat den néidegen Depensé fir d'Servicer, déi d'Bierger brauchen, halen?

Ma dach, déi Méiglechkeete gëtt et! An déi bestinn net doranner, dass een d'Steierrecettë vun de Betriber, déi vill Profit maachen, erfroesselt. Mee dat geet natierlech schwéier, wann ee sech fräiwëleg, sou wéi d'CSV an d'DP, an d'Geiselhaft vun der Chambre de Commerce begëtt, wann ee sech den Unkeriff vum Patronat higëtt, Talenter an Decideuren heihinner unzéie wëll, déi nëmme komme wäerten, wa mer hinnen d'Steieren erofsetzen.

Dat ass dann och awer eng Léier fir eis all an och fir d'Leit, déi eis nokucken: Mat dëser Regierung, mat der CEO-Regierung, hutt Der besser, schéi räich ze sinn, e bëssen ze blären, an da kritt Der d'Steieren erofgesat.

Här President, de Rapport vu gëschter war kloer a gutt strukturéiert, muss ech soen. Et war kee Rapport, wou een duerno erausgaangen ass, ouni esou richtig ze wëssen, wat een dozou ze soen hätt. De mëndleche Rapport huet sech vill mat der Finanzplaz auserneegesat, ganz vill. Et hat ee scho bal den Androck, Lëtzebuerg géing just aus der Finanzplaz bestoen an datt de Staat hir zu Dëngschte stoe misst. D'Madamm Adehm ass natierlech och op aner Problematiken agaangen, ënner anerem d'Iwwerschuldung vu Menagen, wat wirklech eng Tragedie ass fir déi betraffe Leit. An et si bei Wäitem net déi räichste Leit, déi dovunner betrafft sinn.

An do si mer och beim Haaptproblem vu Lëtzebuurger hausgemaachter Politik ukomm: Mir hunn en Aarmuttsproblem, an deen hält net of. Dat heite soll jo en Iwwergangsbudget sinn, a beim nächsten, do solle wäitgeend Weiche gestallt ginn. An do sinn ech awer gespaant ze gesinn, wéi den Aarmuttsproblem soll ugepaakt ginn, well mir hunn hei en Aarmuttsrisiko, deen nach ëmmer iwwert der Moyenne ass an nach ëmmer ganz héich ass. Ech sinn elo gläich färdig.

Well esou komplizéiert ass dat jo guer net hinze kréien. Mir hu jo gesinn, et gi jo Faveure gemaach fir d'Betriber, fir d'Promoteuren. Do geet et ganz séier. Do huet déi heite Regierung nëmmen e puer Woche gebraucht, fir do ze agéieren. An et geet genausou séier, mengen ech, fir de REVIS ze revaloriséieren, fir Steiermesuren ze huele fir elengerzéiend Leit, fir de Mindestloun endlech ze erhéien. Wéini gëtt iergendeng Kéier endlech eppes gemaach fir déi Leit, déi schaffen a wéineg verdéngen, amplaz fir déi Leit, déi besëtzen an ëmmer méi räich ginn? Well fir si, do ass et anscheinend ëmmer ganz séier, eng Mesur ze huelen!

Här President, aus all deenen Ursaache wäerte mer natierlech deen heite Budget net matstëmmen.

Et gëtt nach vill Saachen, déi ech wollt soen, ënner anerem och zu de Ratingsagenturen, déi guer net neutral sinn, déi ganz politesch sinn an déi d'Staaten ënner Drock setzen. D'Leit sollen ... Dir kënnt doheem kucken an Iech informéieren, wat de Ratingsagenturen hir Krittäre sinn. Si setzen d'Staaten ënner Drock, soss kréien déi Staaten hir Nott erofgesat. A wann den Här Finanzminister seet: „D'Ratingsagenturen wäerten eis Politicken net diktéieren“ ... Dach, si diktéieren eis Politick! Mir schwätze permanent vun Triple-A. Si diktéieren eis Politick. Si wëllen zum Beispill, datt d'Betriebsbesteuerungen erofginn an esou weider. Si hunn d'Politick vun de Griichen diktéiert. Mir wëssen, wouhin dat gefouert huet. Passt op mat deene Ratingsagenturen, dat si keng Gudder! Mir hunn dat vläicht dës Kéier bei dësem Budget net gesinn, vläicht wäerte mer dat beim nächste Budget gesinn.

Ech soen Iech Merci.

M. Marc Baum (déi Lénk) | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wagner. An dann ass deen nächsten ageschriwwene Riedner den Här Franz Fayot. Här Fayot, et ass un Iech. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

M. Franz Fayot (LSAP) | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, d'Budgetsdebatte sinn ëmmer e wichtige Moment vun der parlamentarescher Demokratie. Et ass de Staatsbudget, wou all d'Fiedem zesummekommen. D'Debatte bréngen dofir un d'Dageslicht, wéi d'Regierung hir Prioritéite setzt an a wéi eng Richtung et soll goen, well Defizit, Schold, Recetten an Ausgabe si kee Selbstzweck.

De Budget weist och ëmmer eng Visioun fir d'Land a fir d'Gesellschaft. Eis Fraktiounspräsidentin Taina Bofferding ass an hirer Ried schonns dorop agaangen an ech maachen dat och lo natierlech net méi hei am Detail nach eng Kéier, mee d'Staatsfinanze missten en fait eng Strategie ze erkenne ginn, wéi d'Regierung eis Gesellschaft wëll méi gerecht, méi resilient a méi nohalteg gestalten.

Dëse Méindeg war Earth Day, deen eis nach eng Kéier drun erënnert huet, dass mer scho säit ville Jore géint-iwwer eisem Planéit op Kredit liewen. D'Prioritéit, de Fokus vun dëser Regierung läit eenzeg an eleng op dem wirtschaftleche Wuesstem, deen zwar néideg ass, wann e qualitativ ass, awer weeder eng Strategie nach eng Visioun ass. En ass och keng Politik. En heescht just, dass mer wëlle méi Sue verdéngen als Land, nach méi Suen. E seet awer net, wéi ee mat deene Sue soll ëmgoen.

Här President, et ass bis elo nach net ganz vill vun Europa geschwat ginn. D'Madamm Tanson huet de Rapport vum Enrico Letta ernimmt, „Much more than a market“, deen d'lescht Woch erauskomm ass, deen effektiv eng ganz Rei vu gudden an interessante Recommendationen huet. Mir sinn e puer Woche virun den Europawalen. An ech wollt awer e puer Wuert soen zu deem Rapport an och zu enger Partie Diskussiounen, déi fir de Moment lafen, well Europa – dat dierfe mer ni aus den Ae verléieren – ass essentiel fir eist Land. Et gëtt keen anert Land wéi Lëtzebuerg, wat esou ofhängeg ass vum Bannemaart an och deem säi Budget esou ofhängeg ass vun engem Europa, wat funktionéiert. Wéi de Jacques Delors sot: „L'Europe, c'est comme la bicyclette : si elle n'avance pas, elle tombe.“

A mir sinn an engem Moment ukomm, wou mer u sech gesinn, dass et e Sträit gëtt, jo, eng Diskussioun zwëschent éischter Konservativen a Liberalen, déi

den Accent op d'Kompetitivitéit leeën an déi fannen, dass de Green Deal, den AI Act, d'Liwerkettegesetz an aner europäesch Reglementatiounen de Wuesstum an d'Kompetitivitéit vun Europa a virun allem vu senger Memberstaate bremsen.

An dann, fir dat elo e bësse karikatural duerzestellen, awer trotzdem, mengen ech, trëfft et zou, gëtt et déi éischter progressiv, déi an enger Verdéiung vum Bannemaart am Sënn vum Enrico Letta senger Recommendatiounen, och enger Finalisatioun vun der Capital Markets Union an enger Verdéiung vum Bannemaart, am Green Deal, an engem ambitiöser sozialer Piler, an enger Digitaliséierung a Kënschtlicher Intelligenz, déi konform zu eise Valeur sinn, d'Zukunft vun Europa gesinn. An ech hoffe grad ewéi d'Madame Tanson, dass eist Land, eis Regierung elo net zu där éischter Kategorie gehéiert a mengt, dass mir an eis Finanzplatz iergendwéi doron ze gewannen hätten, eng europäesch Integratioun ze bremsen, an dass mer do iergendwéi kéinten eis Kaarten aus deem Spill erauszéien. Nach eng Kéier: Kee Land ass méi wéi Lëtzebuerg ugewise op e gutt funktionéierende Bannemaart an op eng Verdéiung a Verbesserung vun Europa.

Här President, nei Akzenter, d'Taina Boffending huet dat gesot, si rar an deem Budget, wat een natierlech zum Deel kann domadder erklären, dass d'Regierung eréischt säit fënnf Méint am Amt ass, oder säit véier Méint, awer net nëmmen. An déi Mesuren, déi geholl goufen zum Beispill am Beräich vum Logement ... Nach eng Kéier: Eis Fraktiounspriecherin ass dorobber agaangen, mee de Finanzminister huet de Moien och de kritischen Avis vum FMI genannt an och vun der Lëtzeburger Zentralbank, déi een net ka suspectéieren, dass se immens sozialistesche sinn, mee déi awer trotzdem eis Analys rejoinéieren. Déi Mesuren, déi Der do huet, dat si Mesuren, déi haaptsächlech op der Demand-Säit sinn, steierlech Mesuren, wou d'Angscht vun engem FMI ass, dass se effektiv d'Präisdeierrecht erëm unheizen an engem Moment, wou effektiv déi Präiskorrektur lo säit 2022 amgaangen ass.

Dir hutt et selwer gesot, minus 7,6 % bei de VEFAen, eng minus 14 % bei deenen existente Wunnengen. Dat ass e Marché, deen amgaang war, sech ze korrigéieren, an dofir ass d'Crainte effektiv, wa mer elo higin an de Multiproprietären, och de Promoteuren do Steierkaddoe maachen, dass dat natierlech alles erëm agepräist gëtt an d'Präisser vun de Wunnengen, dass dat déi Korrektioun stoppt a mer domadder erëm eng Kéier näischt erreecht hunn.

(Interruption)

Ech mengen, soss effektiv ass zum Logementspark alles gesot, och effektiv de Kampf géint d'Aarmut, deen Der Iech grouss op de Fändel geschriwwen hutt, ass net deen, dee mer eis och an deem Budget erwaart hätten.

Här President, d'Maß aller Dinge bleibt de PIB-Wuesstum. Et soll een – an ech géif dat och gären direkt soen – de PIB net verdäiwelen. E Land brauch wirtschaftlech Aktivitéit, allerdéngs Aktivitéit, déi qualitativ ass, déi am Aklang ass mat Mënsch a Planéit. Wat problematesch ass, dat ass den Tunnelbléck op de PIB-Wuesstem. Dofir muss mer d'Lëns méi grouss opmaachen, och an der Aart a Weis, wéi mer eise Budget kucken. D'LSAP plädéiert scho méi laang derfir, de Bien-être vill méi staark als roude Fue dem an d'Budgetsdocument ze integréieren.

Ech hunn dofir och als Wirtschaftsminister ëmmer dem Statec seng exzellente Aarbecht an deem Beräich ënnerstëtzt an och seng Zesummenaarbecht mat internationale Fuerscher an Institutiounen wéi der

OECD. Trotz e puer Mentiounen an der Präambel vum PNR, dee jo elo ad acta geluecht gëtt, a vum Budget 2022 an och am Rapport vum Observatoire de la compétitivitéit huet de PIBien-être et awer ni an de Budget selwer gepackt.

An do sinn ech och bei vergaangene Finanzministere ëmmer op Granitt gestouss, wat awer, mengen ech, näischt mat hirer mauvaise Foi ze dinn hat oder dass se sech do virdu verschloss hätten, mee wat domat ze dinn huet, dass, wann een dat wëll maachen, dat effektiv e Paradigmewissel duerstellt.

Wéi 2007 de Rapport Stiglitz-Sen-Fitoussi erauskoum, war eist Land Virreider mat der Ëmsetzung vun enger Approche PIBien-être. De Conseil économique et social, zesumme mam Conseil national du développement durable, huet direkt ugefaangen domat, sech dee Sujet ze appropriéieren 2009, an 2013 ass dann effektiv de PIBien-être mat 63 Indicateure finaliséiert ginn am Kader vum Conseil économique et social an hat domat och d'Caution vun der institutionaliséierter Zivilgesellschaft.

Dat heescht, mir waren do zu deem Moment wirklech Virreider an där Approche, wat eng aner Approche war, fir op d'Politicken ze kucken, wéi se och an engem Budget kéinte gemaach ginn.

Net méi spët wéi am Mäerz dëst Joer huet de Statec säi véierte Rapport iwwert d'Wuelbefannen zu Lëtzebuerg erausginn. D'Aarbecht vum Statec, déi objektiv a subjektiv Indicateuren huet, gëtt am „Luxembourg Index of Well-Being“ synthetiséiert. Et ass eng Méiglechkeet, et ass en Instrument, dem Wuelbefanne vun de Bierger/innen eng Visibilitéit am öffentliche Debat ze ginn.

Nach si mer net do, wou mer gäre wäeren. Et gëtt methodologesch Erausforderungen ze meescheren, well déi meeschten Indicateuren net esou séier opbereet kënnen ginn, wéi dat beim PIB de Fall ass. Idealerweise misst jo esou en Indicateur wéi de „Luxembourg Index of Well-Being“ all Trimester kënnen zesumme mam PIB publizéiert ginn. Dofir misst een dem Statec natierlech engersäits vill méi Moyene gi wéi dat, wat se fir de Moment hunn, an anerersäits brauch et awer och den Austausch vun Donnéeën tëschent Administratiounen, fir dat méiglech ze maachen.

D'Wuelbefannen an enger Gesellschaft huet vill Dimensionen: d'Inegalitéiten tëschent de Leit, den Zoustand vun eiser Ëmwelt, déi öffentliche Gesondheet, d'Participatioun vun de Bierger oder nach d'Sécherheetsgefill. De Revenu spillt evidemment och eng ganz wichteg Roll, gradesou wéi d'sozial Kontakter.

Dat Wuelbefanne statistesch ze moossen, bedeit also, dass mer net méi op deem A blann sinn an all déi Aspekter do ausblenden. Eng Ekonomie kann nämlech nëmmen esou staark sinn, wéi et d'Gesellschaft ass.

Eng gesond, laangfristeg ekonomesch Entwécklung vum Land bedéngt, dass mer eng performant Gesondheetsversuergung behalen, dass mir an engem intaktem Ökosystem kënnen liewen an dass eis sozial Kohäsion och zolidd ass. Dat ass och dat, wat sech erausschiet, wann een d'Evolution vum „Index of Well-Being“ vergläicht mat der Evolution vum PIB.

Op d'Zäitschinn 2010 bis 2022 gekuckt, stellt ee fest, dass d'Wuelbefanne bal op der Plaz trëppelt, während de PIB pro Kapp am nämlechen Zäitraum däitlech geklommen ass. Kuckt ee sech déi Saach méi genee un, da kënnt een zur Konklusioun, dass de Logement, mee och déi sozial Kontakter an den Equilibre tëschent Beruff a Privatliwene Elementer sinn, déi d'Wuelbefannen erofzéien.

Tëscht 2014 an 2021 hu sech déi zwee, PIB a Wuelbefannen, parallel no uewe beweegt, mee et gesäit

een awer och, dass an de Joren 2021 an 2022 – dat huet da wuel och mat der Pandemie ze dinn – deen Delta, déi Schéier zwëscht deenen zwee erëm méi staark ausenanergaangen ass.

Et ass op alle Fall d'Demonstratioun, dass méi Wuesstem net automatesch zu besserer Liwenskon-ditiounen bei de Leit féiert. D'Geld mécht net ëmmer méi glécklech. Dat Onbehege fënn een zum Beispill och erëm an der öffentliche Biergerbefragung, déi d'„Luxembourg Stratégie“ am Dezember 2022 bei ongeféier 800 Participanten gemaach huet. Dobäi ass erauskomm, dass 80 % vun de Befroten eng Präferenz hate fir e Gesellschaftsmodell mat mander wirtschaftlech Wuesstem, och mander Revenu, awer dofir enger verschouner Ëmwelt a méi regionalen a krees-lafwirtschaftlechen Wäertschöpfungsketten an enger méi convivialer Gesellschaft. Déi selwecht Unzuel, 80 %, huet allerdéngs uginn, dass si der Meinung wier, dass deen Szenario dee wier, vun deem mer am wäitsten ewech wäeren.

D'Wuelbefanne reegelméisseg ze moossen, ass eng éischt wichteg Etapp. An enger zweeter Etapp sollt een d'Wuelbefannen och systematesch bei der Ausaarbechtung vum Budget berücksichtegen. Genee op deem Punkt brauch et awer ëmsou méi de politesche Wëllen. Et géng eis erlaben, vun deem rengem quantitativen Denken an der Budgetpolitik fortzekommen, hin zu enger Budgetpolitik, déi evidenzbaséiert schafft an déi sech u Resultater orientéiert, déi musse mëttelfristeg erreecht ginn. Amplaz just ee Budgetsartikel ze hunn, deen iergendee Montant vu Recetten an Dépense mat sech bréngt, géng een thematesch Indicateure mat setzen an iwwert d'Jore kucken, wéi déi Indicateure sech entwéckelt hu par rapport zu de budgetäre Mëttel, déi een dofir bereitgestallt huet.

Mir wëssen alleguer aus Erfahrung, dass et net ëmmer duergeet, wann een nëmme just e bësse méi Suen an e Budgetsartikel setzt, wann ee wirklech wëll virkommen. An op där anerer Säit kënnen mer eis et am Fong och net méi wirklech erlaben, fir Suen an e Budgetsartikel anzusetzen, ouni ze analyséieren, ob mer wirklech dat erreecht hunn, wat mer eis virgeholl hunn. Mir müssen also vill méi systematesch wëssenschaftlech Evaluatioun ex post vun eise Politicke maachen an eis Budgetsmëttelen deem upassen. Dës Method géng eis Budgetspolitik méi un eis haiteg Zäit upassen a fir méi Transparenz am öffentlichen Debat surgen.

Léif Kolleegen, et gëtt Beispiller vun dëser Method. Mir hu schonn des Éfteren hei an der Chamber iwwert dat franséisch Beispill geschwat. A Frankräich ass 2001 mat der Loi organique relative aux lois de finances, besser bekannt ënnert dem Kierzel LOLF, de Versuch gemaach ginn, eng Budgetisatioun no Objektiver ze maachen. Dat ass natierlech net perfekt an dat ass och net perfekt ëmgesat ginn, mee trotzdem war et am Fong en interessant Experiment, fir och iwwert d'Rapports annuels de performances ze kucken, wéi déi Politicken, déi sollten am Budget ëmgesat ginn, dann och wirklech realiséiert gi sinn.

Allerdéngs muss ee soen, dass déi franséisch Cour des comptes och zur Konklusioun komm ass, dass déi Instrumenter, déi an der LOLF dra waren, wéi zum Beispill d'Rapports annuels de performances, net wirklech genotzt goufen, fir déi budgetär Enveloppen anescht ze verdeelen. Also nach eng Kéier: Dat weist, dass den néidege politesche Courage onverzichtbar hei ass, wann een dat wëll maachen. Soss muss een et am beschten direkt si loosssen.

Wann een natierlech esou eng Approche hält an dat wëll maachen, dann ass et kloer, dass dann och méiglecherweis e puer onkonfortabel Wouerechten dobäi erauskommen.

Neiséiland huet jo och scho viru fënnf Joer international Opmierksamkeet kritt, wéi se hire „Wellbeing Budget“ presentéiert hunn. Am Dokument dozou schreiw se selwer, dass eng gutt wirtschaftlech Entwécklung net heescht, dass jiddwereen och dovunner profitéiert.

Wuesstem ass, wéi gesot, keng Politick a léisst och eng Partie Leit zréck. Et ass falsch, ze behaupten, dass dës Leit manner geschafft hätten. D'Schold läit, wéi gesot, am Modell, deem oft leider systematesch inegalitär an och onfair ass. Dofir hu se an Neiséiland e soziaalt Netz duerch d'Regierungspolitick gestréckt. Dat heescht, d'Verwaltung schaffen zesummen, fir Mesürene ze entwéckelen, déi d'Wuelbefanne mat abezéien. Et ass kloer, dass déi Mesürene och à long terme eng positiv Wierkung mussen hunn, fir esou och Generatiounegerechtkeet mat ze garantéieren.

Esou eng Aart vu Politick ass méi demokratesch a si féiert och dozou, dass d'Regierung gezwongen ass, Rechenschaft ofzeginn. D'Ministere mussen erklären, wéi a firwat hir Mesürene zum Wuelbefanne vun de Leit bäidroen an da gëtt de Bilan gemaacht.

Natierlech ass och den neiséilännesche Modell net perfekt. Och hire „Wellbeing Budget“ stoung an der Kritik. Mee et muss ee weider dru schaffen an aus Feeler léieren, well d'Approche ass richtig, fir d'Wuelbefanne vum Mënsch ze prioriséieren. Dorunner wäerten och d'Pionéier wéi Neiséiland festhalen.

E weidert Beispill ass Island. Island ass e Land änlech wéi Lëtzebuerg: e klengt Land, eng kleng Bevëlkerung, wat ganz staark gewuess ass mam Finanzsektor a wat du mat der Finanzkris 2008 ganz massiv d'Rechnung dofir krut. An trotzdeem ass et dem Land gelongen, sech a kierzester Zäit wirtschaftlech ze erhuelen. An och dat huet mat dem Paradigmewissel ze dinn. Et gouf gekuckt, wat d'Prioritéite vun de Leit sinn a wéi een dës sozial an egalitär Elementer an d'Wirtschaft implementéiere kann. Amplaz vun nëmme Wuessstem a materiellem Wuelstand soll d'Wuelbefanne vun de Leit an de Virdergrond geroden. D'„Indicators of well-being“ stinn dann och a Relatioun zu de Sustainable Development Goals vun de Vereenten Natiounen. Dat weist, dass dee PIB du bien-être net just eng Etikett ass, mee dass et en Deel vun enger sozialer Wirtschaftspolitick ka sinn, déi de Mënsch an de Mëttelpunkt stellt.

Wat dës Virreiderlänner matenee verbënnt, ass, dass d'Wirtschaftspolitick net an den Hänn vun engem Minister oder enger Regierung bleift, mee dass d'Biergerbeedelegung eng wichteg Roll spillt. Eise „Luxembourg Index of Well-Being“, ech hunn dat gesot, ass deemools tëschent Sozialpartner ausgeschafft ginn. Haut géif ee warscheinlech och nach e Biergerrot dozou aberuffen, wéi mer dat an de leschte Jore beim Klima gemaacht hunn, wéi mer et och beim Aménagement du territoire gemaacht hu mam Luxembourg in Transition an och bei „Luxembourg Stratégie“.

Als Éischt muss ee mat de Leit schwätzen, fir ze wëssen, wou de Schong dréckt a wat eeben d'Prioritéite sinn, déi eng Regierung beim Plange vum Budget ze berücksichtegen huet. Wales kuckt hei zum Beispill de Sustainable Development Principle. Dat heescht, d'Politick soll net just d'Besoinen vun haut kucken, mee et soll eng Politick mat Wäitbléck sinn, déi och op d'Besoinen vu muer ageet an déi de Liewensstandard vun zukünftige Generatioune verteidegt. E Wäitbléck, dee mer am Ablack net hunn, an ech mengen domadder net dës Regierung, ech mengen natierlech och deen, dee mer an deene viregte Regierungen net haten, well mer eis einfach déi Method do nach net ginn hunn.

Net méi spéit wéi d'lescht Joer huet déi japanesch Presidence vum G7 d'OECD mandatéiert, fir ze

kucken, a wéi enge Länner d'Wuelbefanne Bestanddeel vun enger Evaluatioun vun den éffentleche Politicke wier. Nieft Frankräich, Schweden oder Australie sinn och Kanada, Irland, Island an Neiséiland op dee Wee gaangen. Et kéint een och nach Schottland nennen, déi dat och ganz staark gemaacht hunn. Mir wieren also och à ce stade scho laang kee Virreider méi, wa mer géingen d'Wuelbefannen als roud Fuedem vun eisen éffentleche Politicke berécksiichtegen.

Allerdéngs, wa mer et net maachen, geroode mer ëmmer méi hannendran, wat schued wier, well et och international do ëmmer méi eng grouss Prise de conscience gëtt, dass de PIB net méi duegeet als Kompass vun enger Politick, déi dem Mënsch an dem Planéit gerecht gëtt – wat en natierlech och am Fong ni hätt dierfe sinn, wann een och d'Auteure vum PIB liest, wat déi deemools dozou gesot hunn.

Nieft den Objectifs de développement durable vun der UNO gëtt et d'Initiativ „Beyond GDP“ vun der EU an de „Better Life Index“ vun der OECD. An ech weess, Här Finanzminister, dass Dir och deemnächst wäert bei der OECD sinn, fir justement iwwert dat doten ze schwätzen. Et huet allerdéngs nach keen internationalen Indikator sech duerchgesat, fir de PIB, trotz all sengen Imperfektionen, ze remplacéieren. Dorunner muss mer onbedéngt weider schaffen. An do si mer als LSAP, Här Minister, Dir Här Ministeren, och absolutt bereet, fir mat dëser Regierung, wa se dat da wëll – an ech weess, Dir hutt dat am Regierungsprogramm stoen, fir dat ze analyséieren –, konstruktiv matzëhelfen, well mer wierkelech mengen, dass dat e Gamechanger och ka sinn an enger moderner Budgetspolitick. En attendant, dass et en internationalen Indikator gëtt, sollte mer awer emol bei eis hei ufänken.

Här President, ech hunn dann och nach eng Motioun hei zu dësem Punkt, déi ech gäre wëll deposéieren, déi effektiv och op déi Viraarbechten hei zu Lëtzebuerg ageet, op de PIBien-être, op d'Aarbecht vum Statec, deen och constatéiert, dass et véier Beräicher gëtt an deem Rapport, dee lo verëffentlecht gouf, déi ganz speziell als problematesch fir de Bien-être ervirgehuewe ginn. Dat ass de Logement, dat sinn d'Aarmut an d'Inegalitéiten, dat sinn den Emploi an och d'Securitéit, wou mer der Meenung sinn, dass et kéint interessant sinn, wann d'Regierung sech déi véier Beräicher géif huelen, fir e Projet pilote ze maachen, fir an Zukunft dat méi genee ze moossen en vue vun enger méiglecher Integratioun an de Budget an der Zukunft. Ech mengen, et muss een iergendwann an d'Gäng kommen. An déi beschten Aart a Weis, fir dat ze maachen, ass, wéi gesot, an eisen Aen, iwwer e Projet pilote.

Well mer schonn an der Chamber an der Vergaangenheet och Motiounen haten zum PIBien-être, zum Beispill 2020, déi, mengen ech, quasi zur Unanimitéit hei adoptéiert goufen, wou mer eis alleguerten eens waren, dass mer hei misste virukommen, hoffen ech och, dass déi Motioun hei op eng breet Zoustëmmung trëfft.

Motion 8

La Chambre des Députés,

– *consciente de la nécessité de compléter le produit intérieur brut (PIB) par un indicateur permettant d'aller au-delà de la mesure de richesse créée par les agents économiques sur le territoire national ;*

– *compte tenu du rapport de la commission Stiglitz-Sen-Fitoussi, publié en septembre 2009, qui a dégagé des pistes en vue de mieux appréhender qualité de vie et progrès social dans une société ;*

– *vu le quatrième rapport « PIBien-être » publié en mars par l'Institut national de la statistique et des études*

économiques (Statec), qui dénote un tableau en demi-teinte en ce qui concerne l'évolution du bien-être au Luxembourg et un découplage entre l'évolution du PIB et du « Luxembourg Index of Well-Being » dans la période 2010-2022 ;

– *notant que le quatrième rapport « PIBien-être » constate que : « Quatre domaines (le logement, la pauvreté et les inégalités, l'emploi et la sécurité physique) font ressortir les défis en matière de bien-être qui persistent au Luxembourg pour que le pays atteigne un niveau de bien-être supérieur. » (p. 17 du rapport) ;*

– *étant donné l'accord de coalition, suivant lequel « le Gouvernement envisagera une méthodologie plus performante pour le calcul du PIBien-être »,*

invite le Gouvernement

– *à définir, en étroite collaboration avec les partenaires sociaux, une stratégie pour développer une méthodologie plus appropriée pour cerner l'évolution du bien-être de la population, notamment par le biais de la mise au point d'indicateurs disponibles plus rapidement ;*

– *à recourir systématiquement au « PIBien-être » en vue de l'évaluation ex-post des politiques menées ;*

– *à lancer un projet pilote pour intégrer progressivement le « PIBien-être » dans la procédure budgétaire, en commençant par les quatre domaines soulevés comme particulièrement problématiques par le dernier rapport du Statec, à savoir le logement, la pauvreté et les inégalités, l'emploi et la sécurité.*

(s.) Franz Fayot.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Fayot.

M. Franz Fayot (LSAP) | An ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Fayot. An dann ass deen nächsten ageschriwwene Riedner den Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, den Här Keup huet am Numm vun der ADR schonn eis wichtegst Positionen duergestallt. An ech wollt deenen Iwwerleeunge just nach e puer Elementer bäifügen, elo speziell iwwer Aussepolitick, speziell och e bëssen iwwert d'Arméi schwätzen, fir do vläicht och nach e puer Aspekter, déi am Kontext vum Budget awer ze diskutéieren sinn, ervirzestächen.

Dat Éischt, wat ech wëllt soen, ass vläicht: Wat de Budget vun den Affaires étrangères ugeet, misste mer vläicht och kucken, fir de Statut financier vun den diplomatesche Karriären ze reviséieren. An ech soen dat ganz bewusst hei, ech soen dat hei ganz bewusst aus engem ganz klere Grond, well elo d'Regierung successiv ëmmer soen, si wäert fir Chancëgläichheet, wat mer och ënnerstëtzen, an do ass de Problem vun de Conjointe vun den Diplomaten. Mir hunn ëmmer méi Problemer, Leit ze fannen, fir an d'Ausland ze goen, well de Conjoint vun deene betreffenden Diplomaten oder Diplomatinne finanziell nëmmen Nodeeler huet, wann e matgeet, mat deem Resultat, dass mer manner Leit hunn, déi wëllen an d'Ausland goen. An ech mengen, et wär un der Zäit, dass d'Regierung dee Problem mol eng Kéier géing kucken, fir datt och dee Beruff attraktiv bleift. Dat si ganz kleng Zommen, déi hei um Spill stinn, mee déi et awer eisen diplomatesche Vertrieedunge géingen erméiglechen, besser ze fonctionéieren.

Wat de Réseau diplomatique ugeet, do wäert ech lo e bësse méi laang driwwer schwätzen, well mir misste vläicht eng Kéier de Bilan maachen, wat déi Presenz

am Ausland eigentlech fir Lëtzebuerg fir Resultater bréngt, fir mol eng Kéier do an eng Logik ze goe vun engem Audit, fir ze kucken: Wat hu mer ausginn a wat ass d'Resultat? Ech gi just e puer Beispiller hei, fir ze soen, wéi een dat kann ugoen.

Den Afghanistan: Mir hate während Joren Truppen am Afghanistan, also an der Lëtzeburger Echelle hate mer Militär am Afghanistan. Mir hunn och do Projeten ënnerstëtzt a mir kennen d'Resultat: Mir hunn, datt d'Taliban zréck un d'Muecht koumen. A mir haten awer während deene Joren, wou mer do waren, ëmmer erëm Diskussiounen iwwer: „Wat leeft do iwwerhaapt? Wat bréngen déi Operatiounen? Wat huet dat fir e Wäert? A mir hunn awer ni de Courage gehat, wéi och aner Länner – et ass net Lëtzebuerg eleng – mol de kritesche Bilan ze maachen an ze soen: „Dat do huet kee Wäert. Mir zéien eis zréck.“ Mir hu gewaart mat anere bis zu deem Punkt, wou et iwwerhaapt net méi gaangen ass, obscho mer virdrun hätten an enger Analys scho kënne soen: „Mir zéien eis zréck.“

Mir haten eng Ambassade an Nicaragua, mir zéien eis zréck. Mir hunn a Westafrika an am Sahel Honnerte vu Milliounen iwwer Joren an eng Géigend gemaach, déi fir eis strateegesch wichteg ass. Mir hunn do Suen higinn. Déi ass ganz wichteg fir eis. Mir hunn eis elo zeréckgezunn, zesumme mat anere westleche Staaten, während ... Mir hunn also do eigentlech kee Resultat. Dat muss een och soen. Mir hunn eng Politik gemaach. Mir mussen analyséieren: Wéi ass et méiglech, datt et zu engem Punkt komm ass, wou all déi Honnerte vu Milliounen, déi mer do investéiert hunn – punktuell natierlech vläicht Guddes gemaach hunn, dat wëll ech guer net an Zweifel zéien –, awer politesch no enger Ganz Rei vu Joren, no enger ganz, ganz intensiver Zesummenaarbecht, Kooperatioun en Nullresultat bruecht hunn?

Mir hunn elo eng Tendenz, fir Ambassaden op neie Plazen opzemaachen, well mer net méi a Westafrika present sinn. Do gëtt de Benin genannt, den Togo dat si Plazen, wou och Menschenrechtsproblemer bestinn. Dat muss ee ganz kloer soen. A frappant ass dat am Ruanda. Am Ruanda solle mer anscheinend eng Ambassade opmaachen – dat ass fir eis e bëssen iwwerraschend –, fir och eng finanztechnesch Kooperatioun do ze erméiglechen, wou mer awer wëssen, datt de Ruanda e Staat ass, deen Truppen am Ausland stoen huet an do Guerillamouvementer ënnerstëtzt, den M23 an der Demokratescher Republik Kongo, datt mer hei an Europa – hei an Europa, fir de Vergläich ze maachen – géint e Land, wat an engem Nopeschland militäresch aktiv ass, Sanktiounen huelen an drauser eng grouss politesch Prioritéit maachen. An Afrika awer, an engem Land, wat an engem Nopeschland militäresch present ass, aus Grënn, fir Gold ze sichen an anere Saachen, do maache mer eng Ambassade op, och mat deem Hannergedanken, fir kënnen da mat der Bourse do eng finanztechnesch Kooperatioun anzerichten. Et ass eng Saach, wou ee sech muss froen, ob dat wierklech politesch logesch ass.

Mir hu Massakeren am Kongo, wou déi Guerillabewegung, déi vum Ruanda ënnerstëtzt gëtt, den M23, net onschëlleg drun ass. D'UNO, d'USA an d'Belsch hunn nach de Februar dëst Joer gesot: „The United States condemns Rwanda's support for the M23 armed group“, dat ass am Kongo, a „calls on Rwanda to [...] withdraw all of its military personnel from the Democratic Republic of the Congo“. Dat ass do déi Situatioun. Dohinner gi mer eng Ambassade opmaachen.

A mir stellen eis einfach d'Fro: Wou ass d'Kohärenz an där bausesopolitescher Approche? Mir hunn och zu deem Thema, Här President, do eng kleng Motioun virbereet.

Motion 9

D'Chamber vun den Deputéierten,

déif besuergt iwwer déi arméiert Konflikter an der Demokratescher Republik Kongo (DRK),

stellt fest, datt

– d'Miliz M23 an der DRK mat der Ënnerstëtzung vum Ruanda operéiert, inklusiv duerch déi ruandesch Arméi,

erënnert dorun, datt

– d'UNO an e puer Staaten, dorënner d'USA an d'Belsch, de Ruanda dozou opgeruff hunn, seng Truppen aus der DRK zeréckzezéien,

fuerdert d'Regierung op,

– de Ruanda dozou opzeruffen, déi territorial Souveränitéit vun der DRK ze respektéieren a seng Truppen aus dem Staat zeréckzezéien;

– de Ruanda dozou opzeruffen, d'Mënscherechter anzehalen.

(s.) Fernand Kartheiser.

M. Fred Keup (ADR) | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Dann hu mer e puer Kommentaren iwwert d'Europäesch Unioun. Den Här Fayot hat och mat Recht schonn drop higewisen, datt dat wierklech e wichtige Sujet ass, iwwert dee mer haut nach net ganz vill geschwat hunn. Mir wëlle soen, datt mir als ADR do eng aner Positioun hu géint iwwer der Europäescher Unioun ewéi vläicht aner Kolleegen heibannen.

Mee ech stelle mol fir d'éischt fest, datt d'Europäesch Unioun an deene Reformen, déi se proposéiert ..., do geet et direkt och un national Interesse vu Lëtzebuerg. Ech wëll just drun erënneren, datt am Europäesche Parlament eng Rei vu Reformpropositiounen virleien, déi d'Rechter vun de Memberstaaten drastesch reduzéieren – dat ass op jidde Fall déi Perceptioun, déi si hunn –, a gläichzäitig gëtt do probéiert, eng Rei vu Reformen duerchzesetzen, ouni eng Reform vum Traité ze maachen aus Angscht viru Referenda, aus Angscht viru nationale Parlamenten, déi da vläicht géngen eng aner Positioun vertrieden. Dat ass en demokrateschen Defizit, eng Attitüd vun der Europäescher Unioun, vun deem aktuellen Europäesche Parlament, déi fir eis absolut inakzeptabel ass! Wien Demokratie wëll, därëf keng Angscht viru Referenden hunn, keng Angscht och viru parlamentaresche Prozeduren.

Eng Diskussioun, déi eis ganz besonnesch vill Suerge mécht, ass déi ëm d'Eestëmmegkeet a Steierfroen. Mir mierken, datt an der Europäescher Unioun eng ganz Rei vun Institutionen an Acteuren optrieden, déi verlaangen, datt d'Eestëmmegkeet net nëmme an der baussenzeger Sécherheetspolitik, mee och an der Steierpolitik soll ofgeschafft ginn. A mir stelle mat gréisster Suerg fest, datt och deen een oder anere Lëtzeburger Kandidat oder déi eng oder aner Lëtzeburger Partei, déi an déi Europawale ginn, ufänken, d'Eestëmmegkeet a Steierfroen a Fro ze stellen.

Mir hunn haut awer festgestallt an enger Rei vun Diskussiounen an ëmmer erëm, wéi wichteg d'Finanzplaz fir Lëtzebuerg ass. D'ADR huet dat ausdrécklech betount. D'Regierungsparteie si sech däers bewusst, anerer vläicht manner, mee fir eis ass evident, datt d'Eestëmmegkeet an der Steierpolitik iwwerhaapt net därëf a Fro gestallt ginn a scho guer net vu Lëtzeburger Instanzen! Ech mengen, wat d'Parteien maachen, ass hir Verantwortung. Et ass ganz schlëmm, datt eng DP zum Beispill do an déi Richtung ze goe schéngt. Mir fuerderen d'Lëtzeburger Regierung op, d'Eestëmmegkeet op kee Fall a Fro ze stellen!

Motion 10

D'Chamber vun den Deputéierten,

déif besuergt iwwer d'Pressiounen, déi op Lëtzebuerg ausgeübt ginn, fir d'Eestëmmegkeet am Ministerrot a Steierfroen ofzeschaffen,

betount, datt

– d'Eestëmmegkeet a Steierfroen fir Lëtzebuerg vun zentraler Wichtigkeet ass,

fuerdert d'Regierung op,

– d'Eestëmmegkeet a Steierfroen am EU-Ministerrot op kee Fall a Fro ze stellen.

(s.) Fernand Kartheiser.

M. Fred Keup (ADR) | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Merci, Här President. Mir wëllen och ganz kloer soen, datt mir net d'accord sinn – net d'accord! –, datt all Kris, an där Europa ass, eigentlech vun europäeschen Institutionen benotzt gëtt, fir herno méi Kompetenze fir d'Europäesch Unioun ze fuerderen. Mir hunn dat gesinn an der Covidkris, wou et soll eng Gesondheitsunioun ginn, wou een net weess, wat d'Plus-value dovunner kéint sinn. Mir hunn et elo an der Ukrain-Kris gesinn, wou eng Europäesch Verdedegungsunioun soll geschaf ginn, obscho mer schonn eng NATO hunn. Alles dat ass fir eis ganz kloer u sech e Mëssbrauch vu Krisen. Mir mussen Krisen huelen, fir eise Fonctionnement ze verbessern, fir Léieren ze zéien. Mir brauchen awer keng Kompetenzverschiebung vun de Memberstaaten op d'Europäesch Unioun.

Wat d'Arméi ugeet, Här President, do hunn den Här Roth an d'Regierung ugekënnegt, datt do en Effort de défense gemaach gëtt, wou mer och prinzipiell d'accord sinn. Och mir sinn der Iwwerzeugung, datt et wichteg ass, datt eis Staaten eng gutt Verdedegungscapacitéit hunn. D'Sécherheet allgemeng, ob dat d'Police ass, Arméi, Geheimdéngscht: De Staat muss kapabel sinn, fir d'Sécherheet vu senge Bierger ze garantéieren a seng Interessen ze schützen. Do si mer eis eens.

Mee déi Fro, wéi mer déi Suen ausginn, datt ass awer eng substanzuell Diskussioun, déi mer musse féieren. Mir sinn zum Beispill der Meenung, datt mer musse kucken, datt déi Suen, déi an d'Arméi fléissen – an dat si ganz vill Suen, d'Regierung weess dat, den Här Minister huet et rappeliert –, ausgi gi fir Saachen, déi mir hei am Land direkt kënnen och fir eise Benefiss benotzen. Dat ass emol eis Grondhaltung. Do ass d'Militärspidol eng Optioun, et ass d'Méiglechkeet vun der Kooperatioun mam CGDIS, den Objektschutz, d'Kooperatioun mat der Police, all déi Saachen, déi fir eis en direkten Avantage hunn, eng Cybersecurity an och Satellitcapacités, well dat nun emol och fir Lëtzebuerg ekonomesch wichteg Domäne sinn.

Awer woumadder mir net d'accord sinn – an dat wëll ech och ganz kloer soen –, dat ass d'Kreatioun vun engem belsch-Lëtzeburger Bataillon. Dat ass eigentlech de Paradeprojett vun der Regierung. Dee soll och kapabel sinn, a Kampaktivitéiten engagéiert ze ginn. A wou mir och d'accord si mat ganz ville Leit an der Arméi, déi dat och net wëllen, well se einfach wëssen – vun der strateegescher Opportunitéit emol ganz ofgesinn; dat ass och eng Diskussioun, déi mer musse féieren –, datt mer dat net packen. Mir sollen 375 Militäre bereestelle fir dee Bataillon. An deem Rekrutierungsmodus, dee mir elo hunn, fanne mir déi Leit net fir deen Zweck an et stelle sech ganz vill praktesch Problemer derbäi. An déi, déi mer fanne, do muss ee sech dach froen, ob mer an engem

Krisefall, dee sou schlëmm ass, datt mer e belsch-Lëtzeburger Bataillon géngen an e Kampfasaz iergendwou schécken – dat muss ee sech emol virstellen ... Mee mir brauchen déi Leit deen Abléck hei am Land, well mir hunn net vill Sécherheetskäften. An déi Leit, déi mer hunn, och an der Arméi, déi brauche mer eeben hei, fir wichteg Sécherheetsfunctiounen hei am Land ze garantéieren.

Dee ganze Projet ass komplett iwwerzunn, niewent all deenen anere praktesche Problemer, déi sech do stellen a wou et nach keng Léisunge gëtt. An dat wäerte mer am Detail diskutéieren. Eise Message ass: Jo zu enger staarker Verdeedegung, awer Nee zu engem Bataillon, deen eng ganz Rei vu Problemer opwërf vu strateegescher Natur bis hin zu enger Schwächung vun eisen eegene Resilienzmeiglecheeten am Krisefall hei zu Lëtzebuerg, wat kee Sënn ergëtt.

Bei der Militärhëllef fir d'Ukrain, do wësst Der, datt mir enger anerer Meenung sinn. Mir hunn eis ëmmer ausgeschwat vum éischten Dag u fir eng Verhandlungsléisung. Dat ass nach ëmmer richteg. Mir bekennen eis dozou. Et hätt der Ukrain méi wéi gutt gedoen, wa mer vun Ufank un op dee Wee gaange wäeren. Ech brauch Iech net ze erzielen, wéi d'Situatioun am Abléck an deem Land ass. Et ass schued, wierklech schued, datt d'Politik net déi Approche vun der ADR vun Ufank un adoptéiert huet.

E Kolleg huet de Moien hei gesot, a sengem eegenen Numm: „Wa mir net sou reagéiert hätten, da géng et vläicht méi schlecht fir Taiwan ausgesinn.“ Et ass eng interessant Theorie. Mir deelen déi net, aus engem ganz einfache Grond: well mir hunn elo duerch déi Politik, déi geféiert ginn ass an deene leschten zwee Joer eng russesch-chineesch Allianz, déi an eisen Aen d'Sécherheetssituatioun vun Taiwan méi a Fro stellt, wéi dat gewiescht wär, wa mer eng Verhandlungsléisung fir d'Ukrain fonnt hätten. Dat, mengen ech, ass déi Entwécklung, déi mer gesinn. An dat ass eng, déi eis ganz leed deet.

Déi Suen, déi a Waffeliwwerunge ginn, dat si Suen, déi d'Situatioun an der Ukrain net kënnen retten. Dat mussen mer einfach soen. Dat seet och all Expert. Den Admirol Bauer, deen hei war – dee mer och héieren hunn, d'Kollegen hu sech op hie beruff –, deen huet en interessanten Ausdrock gesot am Ufank vu senger Ried. En huet gesot: „The situation in Ukraine is dire, but not lost.“ „Dire“ ass op Lëtzebuergesch oder op Däitsch „unheilvoll“, mee si ass „lost“. Hie kann dat net soen, en ass Beamte vun der NATO. Mir brauchen eng aner Politik fir d'Ukrain.

Ech wëll just ... Et ass eppes, wat mech perséinlech ... Ech wëll net soen, dat ass elo d'ADR-Positioun, mee wéi den Här Baum de Moien a sengem perséinlechen Numm eppes gesot huet ... Ech wëll Iech soen: Et si Saachen – vun der politescher Analys ofgesinn – bei där Hëllef, déi mech einfach rose maachen. Ech hat eng Question parlementaire gestallt: „Wat hunn déi 6.000 Schoss Munitioun kascht, déi mer elo geliwwert hunn?“ 6.000 Artilleriegranaten, dat waren ongeféier 12 Milliounen. Mee ech erënnere mech un eng Diskussioun, déi mer haten an der leschter Legislaturperiod, wou eng Reform vum Adapto gemaach gouf. A bei dem Adapto war de Käschtepunkt, deen zur Diskussioun stoung, 13 oder 12 Milliounen. 13 Milliounen oder 12 Milliounen – et ass eigentlech déi Kategorie, iwwert déi mer schwätzen – fir 6.000 Schoss Munitioun, déi an engem Dag ofgeféiert ginn an der Ukrain, vun der ukrainescher Säit – een, zwee Deeg ass d'Consummatioun. Dat ass et.

Mir müssen einfach wëssen: Déi Suen, déi dohi ginn, retten d'Ukrain net, sécher net! Et sinn immens vill Suen. Mir sollten eis endlech op e Wee aloossen,

deen deene Leit eng reell Chance gëtt, dee Mënschleewe rett, der Ukrain erméiglechen, hiren Territoire ze preservéieren sou wäit, wéi et nach méiglech ass, an eng Escalade ze verhënneren.

(Interruption)

Nach ee Wuert iwwert d'Justiz: D'Justiz ass och e Standortfaktor. A mir hunn hei de Problem ... an ech mengen – ech hoffen et op jidde Fall –, datt ëmmer méi Leit sech däers bewosst sinn, iwwert d'Delaen. D'Delaen, déi sinn einfach an der Justiz vill ze vill laang. An dat ass ganz wichteg och fir Entrepen, déi wëllen op Lëtzebuerg kommen, an den administrative Juridictiounen. An et ass ëmmer en Uleies vun der ADR gewiescht, fir e Steiergeriicht, en extrat Steiergeriicht, ze schafen. A mir hoffen – an dat wëlle mer der Regierung mat op de Wee ginn –, datt bei der Reform vun der Juridictiounen zu Lëtzebuerg och en extrat Steiergeriicht kann ageféiert ginn, fir datt eeben do d'Prozedure kënnen endlech méi séier oflafen.

Dat waren nach e puer Kommentare vu menger Säit. Ech soen Iech villmools Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Kartheiser. Ech hunn elo hei zwou Wuertmeldungen. Ass et, fir Froen ze stellen un den Här Kartheiser? Gutt. Dann, Här Kartheiser, huet Der déi Froen un?

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Jo, sécher.

M. Claude Wiseler, Président | Da ginn ech dem Här Graas d'Wuert an duerno dem Här Goergen. Här Graas.

M. Gusty Graas (DP) | Merci, Här President. Jo, ech wollt dem Här Kartheiser eng Fro stellen. En huet hei sou fräi a frank behaupt, wéi wann d'DP déi Partei wär, déi sech u sech derzou bekannt hätt, fir datt d'Eestëmmegkeet a Steierfroen op europäeschem Niveau kéint opgehuewe ginn. Ech wollt den Här Kartheiser froen: Kann e mer de Beweis liwweren, wou en dat hier huet, wou en dat gelies huet, wou en dat héieren huet?

Merci.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Majo, ganz gär. Ech hunn en Artikel. Et war en Zeitungsartikel iwwert dem Här Goerens seng Aussoen. Ech hunn dee lo net matbruecht. Ech kann Iech en awer gär nosichen, kee Problem. Mee Dir kritt d'Geleeënheet, dat elo hei ..., well mir hu jo eng Motioun ofginn. Dir kritt d'Geleeënheet als DP, doriwwer ofzestëmmen. An dann, wann hei ofgestëmmt gëtt, datt d'Eestëmmegkeet a Steierfroen mat Äre Munitioun net d'ADR gestallt ginn – a mir wäerten den Här Goerens dann och domadder konfrontéieren –, dann huelen ech och un, datt all DP-Kandidat ganz kloer seet, datt dat fir hien net a Fro kënn, an dann ass déi Diskussioun do, mengen ech, an engem positive Sënn geléist.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Här Graas, ganz kuerz, an dann ass et um Här Goergen.

M. Gusty Graas (DP) | Ganz kuerz. An den Här Kartheiser huet mer zwar lo net direkt op meng Fro geäntwert.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Dach.

M. Gusty Graas (DP) | Ech wëll em just ze verstoe ginn, ouni lo schonn ze vill virzegräifen: D'DP wäert hire Walprogramm an deenen nächsten Deeg presentéieren, an do steet klipp a kloer esou eppes net dran. Dat Eenzezt, wat drasteet, kann ech och elo scho soen, ass, datt mer, wat d'Aussepolitik ubelaangt, effektiv éischter der Meenung sinn, datt een do iwwert

den Eestëmmegkeetsprinzip muss an Zukunft diskutéieren.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Sou, merci. Mir maachen elo keng Explikatioun vu Walprogrammer hei. Déi Froe wäert gestallt.

(Brouhaha)

Elo ass et um Här Goergen, fir seng Fro ze stellen, an da fuere mer weider. Här Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Also, et ass den ënneschten Tirang, wou ee kann auspaken. Mee ech sinn näischt aneres gewinnt vun Iech a leschter Zäit, wann Der hei probéiert, Russland gutt duerzestellen, fir ze soen, ...

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Hunn ech dat gemaach?

M. Marc Goergen (Piraten) | ... dass déi Munitioun mat engem Adapto ze vergläichen ass. A wann Der dann den Admiral Rob Bauer zitëiert, ...

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Jo.

M. Marc Goergen (Piraten) | ... dann hutt Der deem jo och bestëmmt ganz gutt nogelauschert, ...

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Jo.

M. Marc Goergen (Piraten) | ... dass d'Ukrain och fir eis Fräiheet kämpft an dass déi Munitioun och fir eis ass, an dass en och gesot huet, dass am Fall, wou d'Ukrain géng dee Krich net gewannen – wat Dir jo déi ganz Zäit op der Tribün hei wëllt –, de Risiko do wär, dass och Lëtzebuerg géif vu Russland ugegraff ginn. Wann Der sou éierlech wäert ..., well d'Ukrain, déi kämpft fir eis Fräiheet mat, a wat Dir hei maacht, ass ënneschten Tirang.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Gutt. Also, ech weess net, wou d'Fro war, mee ech wëll Iech awer ganz gär äntworten.

M. Marc Goergen (Piraten) | ... wann Der nogelauschert hutt.

M. Claude Wiseler, Président | Dir braucht elo keng Äntwert ze ginn, well et keng Fro war. Mee wann Der eppes wëllt soen, ganz kuerz, wannechgelift.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Jo, mee ech mengen, dat doten, dat ass jo awer ... Dann huelen ech awer déi Méiglecheet ze äntworten, well hei si jo eng Rei Ennerstellung gemaach ginn. Also, ech wëll Iech soen, Här Goergen: Wann ech déi Situatioun kucke vun där Politik, déi mer an de leschte Jore gesinn hunn, da stellen ech fest, datt aleng op ukrainescher Säit – bei der russescher Säit wësse mer et net – eng hallef Millioun Leit gestuerwen oder schwéier verwonnt sinn. Bei de Russe leien d'Schätzunge bei 300.000. Dat ass emol eng Saach.

Ech stellen zum Zweete fest, datt d'Meedien, déi sech intensiv domadder beschäftegen, eigentlech dervun ausginn, datt wéinstens den Ostdeel vun der Ukrain wäert geschwé komplett besat ginn. Dat ass en enormen territoriale Verloscht. Et ass net sécher, datt dat Land als souveräne Staat kann iwwerliewen. Wa mer dat gemaach hätten, wat mir gesot haten – éischstens: Mënschleewe schounen, zweetens: d'territorial Integritéit vum Territoire sou wäit wéi méiglech preservéieren an eng Escalade verhënneren –, wär et ni sou wäit komm. Verhandlungsléisung amplaz dat, wat Dir maacht.

Dat Drëtt ass: ...

M. Marc Goergen (Piraten) | Dat stëmmt dach einfach net!

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Et gëtt ... Ech weess, datt dat vill behaupt gëtt. Deen drëtte Punkt ...

M. Claude Wiseler, Président | Här Kartheiser, ech géif Iech awer elo bieden – mir sinn hei an enger Budgetdiskussioun –, et elo hei kuerz ze maachen.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Deen drëtte Punkt, Här President, ass och ganz wichteg, mengen ech. Et däerf een net d'Analys vun de Fakte mat Propaganda verwiesselen. Et gëtt ...

M. Marc Goergen (Piraten) | Well Dir Propaganda hei maacht.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Et gëtt am Abléck ... Nee, nee, ech maache keng Propaganda. Ech maachen Analys.

(Brouhaha)

M. Marc Goergen (Piraten) | Awer ganz kloer fir Russland maacht Dir Propaganda hei!

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Ech maachen Analys, Här Goergen, ob Iech dat gefält oder net. Et gëtt an der russescher Doktrinn an an deenen Äusserunge vu russesche Politiker oder an iergendwellechen anere Sourcen, déi vun do kommen, menges Wëssens – also vun offizielle Sourcen – keng Indication, datt iwwert d'Ukrain eraus iergendwellech territorial Ambitiounen géinge bestoen. Dat gëtt et net. Ech wëll net soen, datt net vläicht iergendeen Hannergedanken huet. Ech wëll och net d'NATO a Fro stellen am Fall, wou et sou sollt sinn.

Ech soen Iech just: Ech maache keng Propaganda. Meng Suerg ass d'Zukunft vun der Ukrain. Ech gesinn, datt dat Land amgaangen ass, auszubludden an ënnerzegoen. An ech soen Iech: Eis Politick hätt dat kënne verhënnere an Är Politick, Här Goergen, féiert zu engem schrecklechen Zustand vun der Ukrain, wou ech net weess, ob se et kann iwwerliewen.

Ech soen Iech Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Sou, domat ass déi do Diskussioun ofgeschloss.

4. Ordre du jour

Elo just, fir datt jiddweree weess, wou mer dru sinn: Ech hunn elo nach zwee Riedner, déi sech ageschriwwen hunn. Dat ass éischters den Här André Bauler an zweetens d'Madamm Corinne Cahen. Ech wollt Iech elo proposéieren, datt mer déi zwee Riedner nach haut duerchuelen, datt mer duerno hannendrun déi Motioun, déi vum Här Spautz agereecht ginn ass, iwwer Taiwan nach maachen, well muer de Mëtten hu mer zéng Motiounen an eng Resolutioun. Dat ass schonn e gudden Deel Aarbecht plus nach eng ganz Rei aner Saachen um Programm. Dofir géing ech gar bis dohinner fieren. A muer de Mëtte fuere mer da weider mat der Regierung, déi Stellung hält, éier mer zum Vott vun dem Budget kommen.

Wann Der domat averstane sidd, da géinge mer elo weiderfieren, andeem mer dem Här André Bauler d'Wuert ginn, fir seng Ried ze halen. Ech wëll domat soen, datt d'DP nach theoreetesches 60 Minutten hätt.

(Exclamations et hilarité)

Mee ech géing bieden ... Ech hunn dat Wuert „theoreetesches“ net onschëlleg gebraucht.

5. 8383 – Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2024 [...]

8384 – Projet de loi relative à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2023-2027

Programme de stabilité et de croissance (PSC) et programme national de réforme (PNR) (suite)

Här Bauler, et ass un Iech.

Discussion générale (suite)

M. André Bauler (DP) | Merci, Här President. Léif alleguer, ech kann Iech direkt berouegen, ech brauch déi Zäit sécherlech net. D'Madamm Aehm huet an hirem Bericht de Schwéierpunkt op d'Finanzplaz geluecht. Dat ass e séier interessanten Exercice. Si ass domadder d'ailleurs e weidere Finanzplatzexpert an der CSV, nieft dem eminenten Här Mosar. Voilà, ech géif hir dofir felicitéieren, zemol wann ee weess, wat fir e Gewicht d'Finanzplaz an der Lëtzeburger Economie huet, wuel wëssend awer, datt mer ganz aner Branchen hunn, déi och dynamesch sinn: eist Handwerk, d'Industrie souwiesou, d'Landwirtschaft an all aner schaffend Beräicher, déi zu eisem Räichtum bäidroen.

Déi Analys iwwert d'Finanzplaz, denken ech, kéint ee roueg weiderféieren. D'Madamm Aehm huet versicht, se ze belichten op verschidde Facetten, déi Plaz, mee et kéint ee se weiderféieren an deem Sënn, datt een och nach kéint kucken, inwiefern d'Vernetzung, d'Verbannung mat anere Branchë spillt. Ech mengen, dat wier en interessanten Exercice, deen ee vläicht op eiser Universiteit kéint weiderféieren, déi eis nach weider Erkenntnisser kéint liwweren. Jiddefalls ass den Impakt vun der Entwécklung vun der Finanzplaz op eise Staatsbudget grouss.

D'Demokratesch Partei steet fir stabill Staatsfinanzen. Dofir mussen mer eis Ressourcë gutt asetzen, fir och déi néideg Investissementen ze tätigen, déi eist Land op muer virbereeden, an ëmmer nees kapabel sinn, fir méiglech nei Recetten ze erméiglechen. Dat setzt virus, datt eis Wirtschaft attraktiv ass a bleift, datt mer weider innovéieren an datt mer eng gesond Trajectoire fir eis Staatsfinanzen hunn. Well mir brauchen e gewëssene budgetäre Spurt, fir op weider Krisen ze reagéieren. Dat ass och vun der Oppositionssäit betount ginn. Denke mer u Stéchwierder wéi „Klimakris“ oder weider nei geopolitesch Krisen. A mir mussen och e Bléck op d'Entwécklung vun den Zënse behalen, well déi Entwécklung huet jo a rezenten Vergaangenheet zu enger weiderer Belaaschtung vun de Finanzen geféiert.

Och wann et op der Recettensäit fir déi kommend Méint besser ausgesäit, well do nach gewësse Solden u Steieren austinn, sou ass dat awer kee Grund, fir an d'Luucht ze sprangen. Virsicht ass deemno gebueden an et gëllt eeben, Fouss bei Mol ze behalen.

Léif alleguer, mir liewen an enger Zäit, wou sech eist Ëmfeld séier verännert, Stéchwuert „Digitaliséierung“. Villes ass a Bewegung an d'Welt vun haut ass voller Erausforderungen an Onsécherheeten.

Mir müssen eis wappnen, fir mat weltwäite Konkurrenz mathalen ze kënnen, déi riskéieren, sech vill méi séier op d'Veännerungen anzustellen, wat derzou féiere kéint, datt mir u Kompetitivitéit verléieren.

D'Regierung setzt ënner anerem dofir drop, fir d'Digitaliséierung weiderzedreiw. Beim Staat selwer géif eis dat erméiglechen, dass déi staatlech Verwaltung méi effikass kéinte schaffen. Déi administrativ Hürden, mat deene sech d'Bierger an d'Betribler ploeg mussen, sollen och reduzéiert ginn, ënner anerem duerch de Once-Only-Prinzip. Et ass och eng Fro vu Käschte fir eis Betribler.

Well de verantwortlechen a wierksamen Ëmgang mat der Digitaliséierung geléiert muss ginn, gëtt dëst Thema dowéinst och méi geziilt an eise Schoule

behandelt an d'Schouloffter gëtt och dann deementsprechend reegelméisseg ugepasst.

Och wann d'Digitaliséierung immens vill Virdeeler an Opportunitéiten mat sech bréngt, steet se ëmmer nees a Verbindung mat verschidde Risiken, wéi d'Cyberattacken op d'Sitte vun der Regierung an der Chamber an de leschte Wochen et gewisen hunn. Do gehéiert et zu der ieweschter Prioritéit, derfir ze suergen, datt mir d'Sécherheet an deem Beräich verstärken a grad verschidde Risike fréi genuch erkennen, fir dergéint kënne virzegoen. D'Erfahrung léiert eis, datt mer eeben nach méi widderstandsfäeg mussen ginn an dofir an dese Beräich vun eiser Economie müssen investéieren.

Ech ginn awer och dem Här Wagner Recht – e wäert elo ganz verwonnert sinn –, datt d'Digitaliséierung sécherlech net all Problem op dëser Welt an an eiser Gesellschaft wäert kënne léisen. Dofir bleift sécherlech de perséinleche Kontakt wichteg, och tëschent de Biergerinnen a Bierger an der Verwaltung op där anerer Säit. An ech ginn dem Här Spautz och Recht, datt et eng ganz Rëtsch Leit gëtt, déi sech schwéier mat der Digitaliséierung dinn. Ech verweisen do op eng Question parlementaire, déi ech nach am Wanter gestallt hat, wou déi zoustänneg Ministesch agaan ass op eng ganz Rei Hëllefstellungen, déi och fir déi do Leit ugebuede ginn.

Här President, de Friden an d'Sécherheet sinn déi éischt Viraussetzungen, fir e staarke Sozialstaat ze garantéieren. Direkt duerno, un zweeter Stell also, steet eeben eng gesond wirtschaftlech Entwécklung. D'Krise vun de leschte Joren hu sech op eis ekonomesch Aktivitéit negativ ausgewierkt, ob duerch Retarden an de Liwwerketten, wéi mer se während der Pandemie kannt hunn, duerch héich Energiepräisser an eng héich Inflation oder och nach duerch héich Zënssätz.

2023 gouf en negative Wuesstum vun 1 % festgestallt an eng Inflation vun 3,7 %. Eis Biergerinnen a Bierger, ma och eis Betribler haten et guer net einfach, fir dës Situatioun ze bewältegen. Mee déi lescht Regierung, déi lescht Koalitioun, huet alles gemaach, wat méiglech war, fir Land a Leit, wéi den Här Roth ëmmer sou schéi seet, de Biergerinnen a Bierger, ënnert d'Äerm ze gräifen.

D'Attraktivitéit vun eiser Economie sécheren, de gesellschaftlechen Zesummenhalt stäerken an nohalteg wirtschaften, dat ass de Kader, an deem sech och dese Budget, de Budget vun 2024, beweegt oder beweegen wëllt. Och dese Budget strieft also eng nohalteg Wirtschaftspolitik un a wëll de Leit finanziell ënnert d'Äerm gräifen.

D'Stärke vun der Kafkraaft bis déif an d'Mittelschicht eran, dat war a bleift och fir meng Fraktioun eng grouss Prioritéit. Als Demokratesch Partei setze mer eis dowéinst fir eng schrittweis Upassung vum Steuerbarème un d'Präisdeierecht an.

Ech kréien e Fanger ... Ass eppes geschitt?

(Interruption par M. Gilles Roth)

A, gutt. Ech gesinn och den Här Wiseler net méi hei. Soss hunn ech hien alt hei gesinn.

(Hilarité)

Du konnt ech mech besser orientéieren u senger Mimik.

M. Claude Wiseler, Président | Här Bauler, fuert einfach weider, och wann Der mech net gesitt.

(Hilarité)

M. André Bauler (DP) | Ech spieren Iech. Ech spieren Iech, Här President.